



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 30.09.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	5
1. CORRESPONDANCE	8
2. CIRCULATION	8
2.1. Modification à apporter au règlement général de la circulation – réglementation de la rue Triny Bourkel, rue Marion Hammang et rue Anne Holtz	
2.2. Modification à apporter au règlement général de la circulation – réglementation de la rue Jean Berchem, rue de la Ceca, rue René Hartmann, rue Stade John F. Kennedy, rue August Lumière, rue du Parc et rue Pasteur	
2.3. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue Madame Mayrisch de St Hubert	
2.4. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – rue Am Weierchen (CR164a)	
3. FINANCES COMMUNALES	12
3.1. Approbation d'actes notariés pour l'acquisition d'emprises	
3.1.1. Époux Luc Antony et Josiane Engel, rue St Martin	
3.1.2. Monsieur Akil Vigani, rue St Martin	
3.1.3. Madame Yvonne Lina Cellerani, rue Goethe	
3.1.4. Époux Roger Socorso Manderscheid et Marguerite Marso, rue Goethe	
3.1.5. Époux Marcel Joseph Vinandy et Marguerite Ruhl, rue Goethe	
3.1.6. Madame Zehra Sahovic, rue Schiller	
3.1.7. Monsieur Roland Mathias Dallo et les époux Marie Nicole Dallo et Raymond Jean François Alphonse Block et Madame Anita Emilie Dallo, rue Bannent	
3.1.8. Époux Sam Guy Schintgen et Martine Christiane Paule Goldschmit, rue Mme Mayrisch de St Hubert	
3.1.9. Société anonyme « Promotra S.A. », rue des Saules	
3.1.10. Monsieur Elvir Cekovic, rue des Minières et rue de la Libération	
3.2. Approbation du premier avenant au contrat de bail avec la Fondation Autisme Luxembourg pour la location de l'immeuble « école Eecherdall »	
3.3. Immeuble commercial, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
3.3.1. Résiliation du contrat de bail commercial avec Monsieur Steve Troes au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial	
3.3.2. Prolongation du contrat de bail commercial avec Madame Yara Kassouha au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial	
3.4. Immeuble commercial, 1-6, place am Duerf	
3.4.1. Approbation d'un contrat de bail commercial avec Monsieur Aron Gentile au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial	
3.4.2. Approbation d'un contrat de bail commercial avec Pilea s.à r.l. et Baby Artchibald au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial	
3.5. Approbation de la convention entre l'Office national de l'accueil, le Logis Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville de Dudelange, relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire	
3.6. Approbation du projet d'extension (plans et devis) du bassin de rétention à Burange, rue du Nord (présentation par BEST Bureau d'Etudes et de Services Techniques)	
3.7. Épargne scolaire – nouvelle fixation du montant alloué à chaque écolier par la Ville de Dudelange	
3.8. Modifications à apporter au chapitre XXI – Repas sur roues du règlement-taxé général	
3.9. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2023	
3.10. Fixation des taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2023	
3.11. Approbation des modifications à apporter au budget ordinaire de l'exercice 2022	
3.12. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer de l'exercice 2021	
3.13. Autorisation de contracter un emprunt de 10'000'000,- €	
3.14. Subsidés extraordinaires à allouer	
4. AMÉNAGEMENT COMMUNAL	33
Exercice du droit de préemption sur une parcelle de terrain sise au lieu-dit « Bei Ribeschpontergriecht »	

5. PROTECTION DE L'ENVIRONNEMENT ET DÉVELOPPEMENT DURABLE	34
Présentations par le service communal de l'environnement et du développement durable et par EKOS Ingénierie, bureau d'études et de conseils en ingénierie de l'environnement)	
5.1. Présentation du bilan Pacte Climat -mise en oeuvre du programme European Energy Award (EEA) 2022	
5.2. Présentation et approbation du « Leitbild Klimapakt 2022-2030 »	
5.3. Présentation et approbation du plan directeur de développement durable en tant que plan d'action de la Convention des Maires	
6. ASSOCIATION LUXEMBOURG ALZHEIMER	42
Désignation d'un membre et d'un membre suppléant dans la commission de surveillance de la maison de séjour et de soins « Beim Goldknapp »	
7. COMMISSIONS CONSULTATIVES	43
Approbation des modifications dans la composition de différentes commissions consultative	
8. PERSONNEL	43
8.1. Approbation de la convention collective de travail des salariés des communes du sud pour la durée du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024	
8.2. Conversion d'un poste vacant d'employé communal, relevant du groupe d'indemnité B1, administratif, en poste de fonctionnaire communal de la même catégorie (service ressources humaines)	
8.3. Création de deux postes d'employés communaux à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, technique (service informatique et nouvelles technologies)	
8.4. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, scientifique et technique (service informatique et nouvelles technologies)	
8.5. Conversion d'un poste de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement B1, technique, en poste d'employé communal relevant du groupe d'indemnité A2, technique (service sécurité et santé au travail)	
8.6. Création d'un poste de « directeur culturel » sous le statut de l'employé communal et fixation de la carrière	
9. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	47

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Admedova (à l'exception du point numéro 9 de l'ordre du jour) ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding (à l'exception du point numéro 3.14 de l'ordre du jour) ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler (à l'exception du point numéro 3.4 de l'ordre du jour), Vic Haas (à l'exception du point numéro 8.1 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absents : Monsieur Loris Spina, échevin ; Madame Monique Heinen, conseillère, excusés. Procurations : Monsieur Loris Spina a donné procuration à Monsieur Dan Biancalana ; Madame Monique Heinen a donné procuration à Madame Semiray Ahmedova.

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal que les nouveaux Plan d'Aménagement Général (PAG) et Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau Quartier », ont été approuvés définitivement par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 22 juillet 2022 et sont désormais en vigueur.

2 – CIRCULATION

Avec 11 voix et 8 abstentions, est approuvée la modification du règlement général de la circulation concernant la réglementation de la rue Triny Bourkel, de la rue Marion Hammang et de la rue Anne Holtz au lotissement « A Bëlleg ». Avec 17 voix et 2 abstentions, est approuvée la modification du règlement général de la circulation concernant la réglementation de la rue Jean Berchem, rue de la Ceca, rue René Hartmann, rue Stade John F. Kennedy, rue August Lumière, rue du Parc et rue Pasteur. Unaniment, le conseil confirme deux règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation pour la réglementation de la rue Madame Mayrisch de St Hubert et de la rue Am Weierchen, ceci à l'occasion de travaux.

3 – FINANCES

A l'exception du point 3.10, tous les autres points suivants, soumis au vote sub finances, sont approuvés à l'unanimité :

1. les actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises suivants : avec les époux Luc Antony et Josiane Engel pour un terrain sis rue St Martin ; avec Monsieur Akil Vigani pour un terrain sis rue St Martin ; avec Madame Yvonne Lina Cellerani pour un terrain sis rue Goethe ; avec les époux Roger Socorso Manderscheid et Marguerite Marso pour un terrain sis rue Goethe ; avec les époux Marcel Joseph Vinandy et Marguerite Ruhl pour un terrain sis rue Goethe ; avec Madame Zehra Sahovic pour un terrain sis rue Schiller ; avec Monsieur Roland Mathias Dallo et les époux Marie Nicole Dallo et Raymond Jean François Alphonse Block et Madame Anita Emilie Dallo pour un terrain sis, rue Bannent ;

avec les époux Sam Guy Schintgen et Martine Christiane Paule Goldschmit pour un terrain sis rue Mme Mayrisch de St Hubert ; avec la société anonyme « Promotra S.A. » pour un terrain sis rue des Saules ; avec Monsieur Elvir Cekovic pour des terrains sis rue des Minières et rue de la Libération ;

2. le premier avenant au contrat de bail avec la Fondation Autisme Luxembourg, pour la location de l'immeuble « école Eecherdall ». Aux termes de cet avenant, le contrat de bail entre parties est prorogé jusqu'au 30 septembre 2023 ;

3. les modifications par rapport à l'exploitation de l'immeuble commercial, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte, plus précisément la résiliation du contrat de bail commercial, sur demande de l'intéressé, avec Monsieur Steve Troes avec effet au 31 août 2022, ainsi que la prolongation du contrat de bail commercial jusqu'au 31 décembre 2022, avec Madame Yara Kassouha au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial ;

4. les contrats relatifs à l'exploitation de l'immeuble commercial, 1-6, place am Duerf suivant des « pop-up-stores », plus précisément le contrat avec Monsieur Aron Gentile, dont l'effet a pris fin le 11 septembre 2022, ainsi que le contrat de bail commercial avec Pilea s.à r.l. et Baby Artchibald pour la période jusqu'au 15 octobre 2022, au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial ;

5. la convention entre l'Office national de l'accueil (ONA), le Logis Hôtel-Restaurant Cottage et la Ville de Dudelange, relative à la mise à disposition d'une structure pour l'hébergement provisoire de bénéficiaires de protection temporaire dans l'Hôtel-Restaurant Cottage. La convention, règle, e.a. les détails financiers entre parties ;

6. le projet d'extension (plans et devis) du bassin de rétention à Burange, rue du Nord. Le dimensionnement du bassin de rétention initial a été établi au moyen du calcul de la charge des polluants alors que l'Administration de la gestion de l'eau impose dès à présent de nouvelles exigences pour le dimensionnement des bassins, plus précisément en imposant un seuil limite « Chemischer Sauerstoffbedarf », servant comme unité d'évaluation des polluants qui ont été rejetés dans les eaux usées respectivement

qui ont été éliminés au courant d'un certain temps. Force est de constater que l'application des dispositions du nouveau Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville, que la densification des habitations dans les Projets d'Aménagement Particulier (PAP) et que la densification des constructions en général entraîneront une augmentation significative de la population de la Ville. Ainsi, le conseil communal, approuve, les plans et devis, établis par le bureau d'études et de services techniques B.E.S.T. Ingénieurs-Conseils s.à r.l. de Niederaanven, pour un montant global de 9'577'150,- € toutes taxes et honoraires compris, relatifs aux travaux d'extension du bassin de rétention des eaux mixtes à Burange, rue du Nord.

7. le nouveau montant de la prime d'épargne à allouer aux enfants du cycle 2.1 de l'enseignement fondamental de 30,- € par enfant avec effet rétroactif à l'année scolaire 2021/2022 ;

8. le nouveau prix d'un repas sur roues livré aux personnes âgées et/ou invalides de 17,41- €, sachant que ce prix correspond à celui facturé par Servior à la Ville de Dudelange avec effet au 1er janvier 2023 ;

9. le taux de l'impôt commercial pour l'exercice budgétaire 2023 de 350% ;

10. les taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2023. Cette décision est prise avec 18 voix et une abstention. Les taux sont arrêtés comme suit :

- catégorie A (propriétés agricoles et forestières) 500%
- catégorie B1 (constructions industrielles ou commerciales) 750%
- catégorie B2 (constructions à usage mixte) 500%
- catégorie B3 (constructions à autre usage) 250%
- catégorie B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport) 250%
- catégorie B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation) 500%

11. les modifications au budget ordinaire de l'exercice 2022 pour l'ajuster aux évolutions survenues pendant l'exercice 2022 ;

12. l'état des recettes restant à recouvrer de l'exercice 2021, tel que présenté par le receveur communal ;

13. le recours à un emprunt de 10'000'000,- €, destiné principalement au financement des grands travaux extraordinaires d'infrastructure, prévus au budget des dépenses extraordinaires de l'exercice 2022 ;

14. les subsides extraordinaires suivants :

- Comité de patronage du World Rescue Challenge 2022 afin de soutenir financièrement l'organisation de cet événement mondial 50,- €
- Union des sociétés avicoles à l'occasion des festivités du 100e anniversaire d'existence de l'association 250,- €
- Société avicole Dudelange pour participer aux frais d'acquisition de lave-vaisselle professionnels 4'000,- €

4 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le conseil communal marque, à l'unanimité, son accord pour exercer son droit de préemption sur la parcelle cadastrale numéro 2088/1253 à Boudersberg, lieu-dit « Bei Ribeschpontergriecht », d'une superficie globale de 9,20 ares pour un prix de vente total de 230'000,- €.

5 – PROTECTION DE L'ENVIRONNEMENT ET DÉVELOPPEMENT DURABLE

1. le bilan Pacte Climat – mise en œuvre du programme European Energy Award (EEA) 2022 est présenté au conseil communal par le service communal de l'environnement et du développement durable et par EKOS Ingénierie, bureau d'études et de conseils en ingénierie de l'environnement ;

2. unanimement, le conseil communal arrête le « Klimapaktleitbild der Stadt Düdelingen » ;

3. aussi à l'unanimité, est approuvé, le plan directeur de développement durable en tant que plan d'action de la Convention des Maires (SECAP).

6 – ASSOCIATION LUXEMBOURG ALZHEIMER

L'Association Luxembourg Alzheimer est en train de procéder à l'agrandissement de sa Maison de Séjour et de Soins « Beim Goldknapp » à Erpeldange-sur-Sûre, destinée à accueillir des personnes atteintes de la maladie d'Alzheimer ou de toute autre forme de démence et l'association s'engage à maintenir l'affectation de l'agrandissement de sa maison pour au moins 25 ans. L'Association propose aux communes intéressées d'acquérir un droit d'admission prioritaire pour les chambres de la maison au bénéfice de personnes atteintes de la maladie d'Alzheimer ou de toute autre forme de démence, résidant sur le territoire des communes. Ainsi, le conseil communal, à l'unanimité,

1. Approuve la convention du 31 octobre 2020 avec l'Association Luxembourg Alzheimer, pour l'acquisition d'un droit d'admission prioritaire à la Maison de Séjour et de Soins « Beim Goldknapp » à Erpeldange contre une participation financière de 90'000,- €, et

2. désigne, Monsieur René Manderscheid comme représentant effectif, et Monsieur Jean-Paul Gangler, comme représentant suppléant, dans la commission de surveillance de la maison de séjour et de soins « Beim Goldknapp » de l'Association Luxembourg Alzheimer.

7 – COMMISSIONS

Les changements suivants dans la composition des commissions locales sont approuvés à l'unanimité :

- commission des finances, du budget et de l'économie – Monsieur Maximilien Marinov remplace Monsieur Bernard Hübsch ;
- commission des bâtisses et du développement urbain – Monsieur Steve Humbert remplace Madame Sylvie Andrich-Duval.

8 – PERSONNEL

Les décisions suivantes sont prises avec les voix de tous les conseillers communaux :

1. l'approbation de la convention collective de travail des salariés des communes du sud pour la durée du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024 ;

2. la conversion d'un poste vacant d'employé communal, relevant du groupe d'indemnité B1, administratif, en poste de fonctionnaire communal de la même catégorie au service ressources humaines ;

3. la création de deux postes d'employés communaux à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, technique pour le service informatique et nouvelles technologies ;

4. la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, scientifique et technique pour le service informatique et nouvelles technologies ;

5. la conversion d'un poste de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement B1, technique, en poste d'employé communal relevant du groupe d'indemnité A2, technique pour le service sécurité et santé au travail, et

6. la création d'un poste de « directeur culturel » sous le statut de l'employé communal et la fixation de la carrière.

9 – QUESTION AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Quelques questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « Déi Lénk » dans le cadre de la hausse significative de l'approvisionnement en différentes énergies.

Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 30. SEPTEMBER 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Léif Kollegen a Kolleeginnen, ech géif lech ganz häerzlech begréissen hei an eisem Gemengerot. Wat d'Kompositioun ugeet, entschëllegt sinn d'Madamm Monique Heinen, déi huet der Madamm Ahmedova hir Procuratioun ginn an entschëllegt ass och de Loris Spina, deen huet dem Dan Biancalana eng Procuratioun ginn. Voilà, dëst gesot wiere mir an deem Sënn hei an dëser Ronn komplett, dofir géif ech proposéieren, datt mir op eisen Ordre du jour iwwerginn, deen zimmlech och etofféiert ass.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënnert dem Punkt Korrespondenz virop eng Informatioun an zwar déi, datt ab dem 22. September eisen neie PAG en vigueur ass, nodeems mir och den 19. September - wéi et gesetzlech virgesinn ass - en Avis au public gemaach hunn a 5 Deeg méi spët ass en en vigueur gefall, vum 22. September un, esouwuel de PAG wéi och de PAG Quartiers existants.

Et ass jo esou, datt mir virun der Summervakanz den Avis kritt hu par rapport zu Reklamanten, déi bei der Inneministesch reklaméiert hunn, do hu mir de Courier vum Inneministère kritt, iwwer déi Summerméint hu mir Decisiounen vum der Ministesch an der Partie écrite wéi och graphique iwwerschaaft an un de Ministère zeréckgeschéckt, deen huet dat och alles ënnerschriwwen sou, datt déi mise en vigueur hei en bonne et due forme konnt gemaach ginn. A just pour rappel déi éischt Saisine vum Gemengerot war den 28. Februar 2020, dat heescht am Ganze ware mir 2 Joer a 7 Méint ënnerwee fir déi ganz Prozedur ofzeschléissen. Voilà, Ende gut alles gut, déi Informatioun wollt ech hei dem Gemengerot och nach matdeelen. Da froen ech hei d'Kollegen aus dem Schännerot ob si nach eppes ënner Korrespondenz hunn? Dat ass net de Fall, da géife mir op den 2. Punkt iwwergoen an dat ass d'Circulatioun.

2. CIRCULATIOUN

2.1. Modifikatioun vun den allgemenge Verkéiersreglementer – Reglement fir d'Rue Triny Bourkel, d'Rue Marion Hammang an d'Rue Anne Holtz

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter, Dir léif Kollegen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir kennt lech sécher erënneren, datt mir am leschte Gemengerot virun der Summerpaus de 15. Juli iwwer d'Verkéiersreglement vun der neier Cité A Bëlleg hei ofgestëmmt hunn, do war den Accord préalable vu Ponts et Chaussées, respektiv dee vun der staatlecher Verkéierskommissioun net do-bäi. Firwat brauche mir deen? Ma well mir eis un d'N31, also eng Staatsstrooss, d'Lëtzebuerger Strooss raccorderien. Well dat eng Strooss ass, déi dem Staat ënnersteet, musse mir dat accorderien loossen an do-duerch krute mir d'Verkéiersreglement vum Ministère refuséiert. Mir hunn et dunn ugefrot a kruten et och accorderiert a well et eigentlech just eng Formalitéit ass a mir elo mussen nach eemol iwwer d'Reglement ofstëmmen, vum Inhalt hir ännert sech näischt a vu, datt ech déi lescht Kéier schonn an d'Detailer gaange sinn an dat och herno am Analyteschen nozeliesen ass an datt mir et och an der Verkéierskommissioun haten, géif ech lech all déi Detailer erspueren. Wann awer nach eng Fro ass, de Pit Demuth ass hei fir nach eemol op déi Froen ze äntweren a wann net géif ech lech einfach bidden, datt mir dat Reglement nach eemol stëmmen, vu datt sech un der Teneur näischt geännert huet a mir elo déi néideg Autorisatiounen vu Ponts et Chaussées hunn, fir eis un d'N31 ze raccorderien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol fir déi doten Erklärungen an Explikatiounen. Ech begréissen och eise Responsabele vun der Circulatioun, de Pit Demuth. Hu Conseillere par rapport zum Claudia Dall'Agnol sengen Erklärungen Remarques ze maachen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo ech wollt just soen, datt mir eis d'lescht Kéier enthalen hunn, well mir fannen, et soll een am ganzen Areal Shared Space maachen. Ech wollt elo och net méi an d'Detailer goen, mee ech wollt dat just erwänen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, da ginn ech och eng Erklärung, mir enthalen eis och well mir éischer gärten hätten, datt déi ganz Zon op 20km/h geet.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, ech erklären dann och meng Enthaltung, einfach fir ze widderhuelen, mir ware vun Ufank un dofir, datt et soll en autofräie Quartier ginn an dofir wäerte mir eis och enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok Merci, soss nach weider Remarques? Neen, Claudia Dall'Agnol wollts du nach eppes bäifügen? Neen, gutt. Da géif ech proposéieren, datt mir ofstëmmen an ufänke mat: **Wien enthält sech? Dat si Stëmme vun der CSV, Déi Lénk an Déi Gréng. Dogéint ass keen. Wien ass dofir? D'LSAP an eisen onofhängege Member.**

2.2. Modifikatioun vun den allgemenge Verkéiersreglementer – Reglement fir d'Rue Jean Berchem, d'Rue de la Ceca, d'Rue René Hartmann, d'Rue Stade John

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, beim Punkt 2.2 geet et drëms, datt mir an der Verkéierskommissioun vum 12. Juli de Projet vun der Rue du Parc virgestallt hunn, dat heescht tëschent der Rue Dominique Lang an der Rue Pasteur, wou d'Virfaarte solle geännert ginn. Dir wësst villäicht, datt mir am Gemengerot vum 29. Abrëll den Tempo 30 op dësem Stéck reglementéiert hunn an och en Devis gestëmmt hate fir dee giele Belag. Fir et nach méi sécher ze maachen, proposéiere mir lech d'Virfaarten op deem Stéck ze änneren an d'selwecht ze maache wéi an allen aneren 30km/h-Zonen hei zu Diddeleng.

Villäicht e klengen Abléck wat ännert bei Virfaarten, Dräieck a Stopp, Dräieck ass d'Zeeche B1 a Stopp B2A, déi ginn ewechgeholl an duerch Rietsvirfaarten ausgewieselt. Esou Virfaarte ware bis elo op der Kräizung vun der Rue du Parc mat folgende Stroossen: Rue Jean Berchem, Rue Ceca, Rue René Hartmann, Rue du Stade John F. Kennedy, Rue Auguste Lumière, Rue du Parc a Rue Pasteur. Op der Kräizung Rue du Parc, Rue Pasteur kënnt en Dräieck, e B1 also, aus Richtung Rue du Stade John F. Kennedy kommend, esou, datt déi nei Virfahrt folgendermoosse wier: Rue du Parc aus Richtung Parc Le'h kommend, Rue Pasteur, wien aus der 30km/h-Zon aus der Rue du Parc kënnt oder dohinner wëll, dee muss dann eben d'Virfahrt ofrieden an zousätzlech wëlte mir hei gären dovunner profitéieren, d'Rue René Hartmann, dat ass déi bei der Sportshal, déi nach aktuell mat 50 Kilometer an der Stonn reglementéiert ass, dann och an déi 30km/h-Zon mat eranzehuelen.

Mir hoffen domadder, datt mir d'Sécherheet vun de Foussgänger, de Vélosfuerer an all Mënsch an der Rue du Parc vergréisseren a virun allem och d'Duerchfaarten hei miniméieren, datt déi Leit, déi do näischt ze sichen hunn, och net méi do fueren. Dat wier et vu menger Säit a wa Froe sinn, de Pit Demuth ass hei fir op alles ze äntweren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. Gëtt et Remarquen oder Froen dozou?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, mir wäerten eis hei erëm enthalen. Ech hat déi Fro, beim Lycée klappt dat ganz gutt mam giele Belag, par contre hu mir nach kee giele Belag bei der Rue du Stade John F. Kennedy, den Zougang fir d'Brillschoul, an do wier eis Fro, firwat dat nach net gemaach ginn ass? A soss hu mir Bedenken allgemeng an dofir, d'Mobilitéit douce, do ass fir eis net wierklech den Accent drop gesat ginn a mir hunn eis Bedenken ob d'Mobilitéit douce do wäert esou fonctionéieren, wéi Dir lech dat virstellt an dofir enthalte mir eis och do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, mir sinn natierlech frou, datt dee ganzen Deel op 30 km/h



erofgesat gëtt, dat ass eng gutt Saach, dat war jo och ëmmer eis Demande an et ergëtt och wierklech Sënn fir iwwerall riets Virfaart ze maachen, well wann een nëmmen 30km/h-Zone mécht, do si mir eis eens, datt dat näischt bréngt, mat riets Virfaart muss een da besser oppassen. Et gesäit een och, datt mat dem Engpass, dee beim Lycée gemaach ginn ass, et sinn heiansdo Leit, déi generft sinn, déi dann net wëlle waarden, mee do mussen si sech dru winnen, gréisstendeels fonctionéiert et gutt, fannen ech. Et gëtt wäitsichteg gefuer, et léist een deen aneren eraus, also ech fueren do oft laanscht an ech fannen, mat der Zäit winnen sech do d'Leit drun, dofir ass dat eng wichteg Saach och do. Et ass och ze begrëissen dat mat der Virfaart hanne bei der Pasteur-Strooss, ech mengen, datt dat och eng gutt Iddi ass, datt dat de Verkéier, dee vun uewen erofkënn aus der Park-Strooss, dat och méi sichtlech ofbremst.

Ech hu just eng kleng Fro, do bei der Sportshal, op déi Kräizung kënnt och en helle Belag, wann ech dat richteg op de Pläng gesinn hunn, do wou d'Sortie bei der Sportshal ass an et an Rue de la Ceca geet, oder? Well dat do esou agezeechent ass, uewen. Bon, op alle Fall géif ech dat gutt fannen a géif do och froen ob eng Erhéijung erakënn, wéi se beim Lycée och ass? Wéi gesot, allgemeng fanne mir dat ganz gutt an dat kënne mir matstëmmen, well et wierklech zu der Berouegung vun där ganzer Zone wäert bäidroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding, sinn nach weider Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech ka mech do de Wieder vun der Madamm Erpelding nëmmen uschlëssen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och, sinn nach weider Remarquen? Nee, da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol an un de Pit Demuth.

PIT DEMUTH (VERKÉIERSSERVICE): Merci fir d'Wuert. Mam Belag vum Centre René Hartmann, dee soll kommen, do hate mir eis emol fir d'éischt op de Lycée konzentréiert an duerno soll e bei de Centre René Hartmann kommen, dat kënnt no. Beim Kennedy-Stade, do war aktuell net virgesinn, datt do soll e giele Belag kommen, mee dat kann een nach eemol kucken ob dat och géif Sënn maachen. Ech wëll just drop hiweisen, datt wa mir op ze ville Plaze giele Belag maachen, da kritt et net méi deen Effekt, dee mir eis wënschen. Eise Wonsch ass jo, datt den Autofuerer gesäit, ah hei, d'Faarf vum

Belag ännert hei, hei muss ech elo oppassen. Wann dat ze oft kënnt, da stumpft dat of an da passen se net méi op, dat ass d'Erklärung firwat beim Stade John F. Kennedy dat net virgesi war. Dat waren elo déi technesch Froen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Et ass awer eng Iddi wou ee ka bei ville Schoulen uwenden, oder? Also elo bei Butschebuerg, wou elo frëschgemaach gëtt, zum Beispill. Dat ass eppes wat wierklech hëlleft, also du mierks dat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, do ass et virgesinn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et gouf gesot, datt et virgesi war beim Centre René Hartmann, also mir hu vun der Schoulvakanz profitéiert fir kënnen deen anere giele Belag ze maachen a mir kënnen dat doten och beim Centre René Hartmann, wou de Schoultransport ass och vun der Schwämm kënne mir dat doten och just an enger Schoulvakanz maachen a mir müssen elo ebe kucken. Menger Meenung no kanns de déi nächst Schoulvakanz vergiessen, well du muss eng gewëssen Temperatur hunn, dat muss ee mam Service kucken, mat der Voirie. Dat muss an enger Schoulvakanz gemaach ginn, well et eben net anescht geet. Dofir hu mir profitéiert vun der grousser Vakanz fir dat beim Lycée ze maachen.

Dat anert war, Stade John F. Kennedy, do huet de Pit Demuth alles gesot, mir haten dat och an der Verkéierskommissioun gesot an et war mir och wéi wa mir et hei gesot hätten, wéi mir et gestëmmt hunn, well do war d'Fro och scho komm. Mir kënnen net déi ganz Fläch giel maachen, dat mécht kee Sënn, da passt jo kee Mënsch méi op. Dofir hu mir eis entscheet fir op de strategesche Plazen, wou eppes ännert, et och giel ze maachen, fir datt den Autofuerer - well ëm dee geet et jo - datt dee méi lues fiert well e gesäit, OK, hei ännert eppes, hei muss ech oppassen. Wa mir einfach eng giel Strooss maachen, da kënne mir se och gréng a rout usträichen, dat mëscht keen Ënnerscheed.

Voilà, ech mengen d'Madamm Ahmedova ass domadder net zefridden, ech muss allerdéngs soen, mir hunn hei alles gemaach an Dir wësst wat dat fir e Kampf war fir iwwerhaupt dat doten accordéiert ze kréien, déi 30km/h, elo ännere mir nach Virfaarten, mir hunn de Belag geännert, ganz éierlech, mir kënnen net aus ganz Diddeleng eng Spillstrooss maachen, sou schéin ewéi et eis géif gefalen, et muss een och e puer Hauptstroossen hunn an e puer Evakuatiounsstroossen hunn, fir datt d'Leit och nach aus Diddeleng eran- an erauskommen an Dir wësst wat mir geäntwert krute vu Ponts et Chaussées, datt dat dote fir si eng Hauptachs ass an dofir hunn si eis dat net accordéiert. Dofir, mir hunn hei wierklech gemaach wat mir kënnen a momentan ass hei einfach leider méi net dran. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wollt just soen, datt mir dat Ganzt natierlech begréissen, datt et an der Zone 30 ass, et feelt eis ebe just e bësse méi d'Sécherheetsgefill fir de Vëlofuerer, et ass just do-wéinst wou mir eis wäerten enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir beweegen eis hei am Kader vun der Dispositioun vun enger Zone 30, sou wéi se reglementär gerecht a parlamentaresch virgesi sinn. Sou wéi och de Mobilitéitsministère de Kader setzt dofir. Sans plus, ni moins. Gutt, da géif ech zum Vott iwwerkommen:

Wien ass mat deem Verkéiersreglement hei averstannen? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV, déi Lénk an eisem onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Déi Gréng. Gutt Merci.

2.3. Confirmatioun vun engem temporäre Règlement d'urgence fir de Verkéier - Rue Madame Mayrisch de St Hubert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Gutt, da komme mir bei de Punkt 2.3. D'Administration des transports publics hat bei eis ugefrot ob et méiglech wier, während der Chantiersphas, wou d'Route de Zoufftgen zou ass – Dir wësst, déi ass zou am Kader vun eisem Chantier Shared Space 3 - ob mir do kënnen e provisoiresche Busarrêt kréien op der Héicht vun den Haiser 3-5 an der Rue Madame Mayrisch de St. Hubert. Well eben déi Route de Zoufftgen fir de Verkéier zou ass, fueren d'RGTR Busser, d'Linnen 507 - dat war fréier den 207 - an de 631 - dat war fréier den 305 - déi fueren eng Deviatoun duerch d'Rue du Parc, d'Rue de la Forêt an eben duerch d'Rue Madame Mayrisch de St. Hubert.

D'Administration des transports publics hat allerdéngs net domadder gerechent, datt vill vun hire Clientë wëilten och uewen um Kräizbiereg, respektiv och op Héicht vun der Le'h eraus- an eraklappen, dofir hunn se no-dréiglech ugefrot fir kënnen zousätzlech Arrête ze kréien. A Fuerrichtung Zoufftgen-Park profitéieren se vun deenen zwee Arrête vun der TICE-Linn 10 an a Fuerrichtung Park-Zoufftgen vum Schüler-Arrêt an der Rue de la Forêt an d'rue de la Paix a fir datt d'Leit dann och uewen op déi RGTR-Linn kommen, muss ebe bei den Haiser 3-5 an der Madame Mayrisch de St Hubert Strooss en zousätzlechen Arrêt reglementéiert ginn. Well de Parcours vun deene Busser ab dem 29. August schonn aktiv war, hu mir missen als Schafferot e Règlement d'urgence huelen an dat géif ech lech elo bieten ze confirméieren. Wann nach weider Froe sinn, ass de Pit Demuth do an ech mengen, datt dann och d'Administration des transports publics eis villmools merci seet wann se do Leit eran- an erausloossen dierfen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buegermeeschter, ech wollt just soen, ech hu gëschter en TICE-Bus gesinn, deen ass d'Zinnenstrooss eropgefuert, dat huet jo awer näscht mat der offizieller Deviatoun ze dinn, huet deen sech do just verfuert?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ware Leit dran?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Remarque. Sinn nach weider Remarquen?

PIT DEMUTH (VERKÉIERSSERVICE VUN DER GEMENG DIDDELENG): Jo, aktuell fiert d'Linn 10 duerch d'Rue Zinnen, well am Moment nach d'Kräizung Rue de l'Indépendance - Rue Zinnen op ass, dofir fiert de Bus-Linn do déi kuerz Deviatoun, fir datt se kënnen déi aner Arrêten an der Route de Zoufftgen bedéngen, well soss muss se och e groussen Tour maachen dofir fiert se do nach aktuell derduerch.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Aktuell, well wann d'Chantiersphas ännert - an dat wäert gläich erëm sinn - da kënnt och do erëm eng Ännerung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Prezisiounen. Da gi mir zum Vott iwwer: Wien ass mat deem Verkéiersreglement averstannen? **Dat ass unanime**, merci.

2.4. Confirmatioun vum provisoiresche Règlement d'urgence fir de Verkéier – Rue Am Weierchen (CR164a)

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, dat ass de Punkt 2.4, dat ass dat lescht Verkéiersreglement fir haut, do musse mir e Règlement d'urgence, dat vum Schäfferot huet misse geholl ginn, confirméieren. Heibäi handelt et sech ëm e Sense unique, also eng Einban fir d'Strooss Am Weierchen, den CR 164 A. An de leschte Woche sidd Dir villäicht all Affer ginn, wann Dir doheem waart, vum Stroumausfall den 9. an den 10. September an dann nach kuerz den 12. September an dëst kënnt doduerch, datt d'Netz vun der CREOS aktuell an engem schlechten Zoustand ass a ganz vill Pannen huet an hat. Aus deem Grond wollt CREOS ab dem 19. September eng nei Zoubréngerleitung an d'Strooss Am Weierchen verleeën andeems si tëschent dem Haaptreseau, dee vu Kayl kënnt - dee läit an der Route de Kayl, Scherr an deem Traffo op der Place Gymnich dofir géif dann eng Tranchée gemaach ginn an der Strooss déi geschafft gëtt awer ëmmer nëmmen an Abschnitter vun 20 an 30 Meter wou opgemaach gëtt an do ginn déi dann erageluecht.

Et gëtt ëmmer eng Spuer opgelooss, den Sens unique vun der Scherr Richtung Butschebuerg, also Place Gymnich a CREOS rechent mat enger Aarbechtzäit vun 2-3 Wochen, well de Chantier sollt den 19. September lassgoen, dofir huet de Schäfferot missen e Règlement d'urgence huelen, wat ech lech dann herno och bieden ze confirméieren. Leider si mir awer den 16. September vu CREOS gewuer ginn, datt Ponts et Chaussées hinne keen Accord ginn huet bis eng Autorisation ministérielle do ass. Et geet hinnen also net besser wéi eis. Déi Autorisatioun hunn si den 28. September kritt, dat war dëse Mëttwoch virun 2 Deeg a laut Infoe vu CREOS géifen se elo den 10. Oktober gären ufänken.

Well dat awer elo ze knapp géif ginn, fir en normaalt temporäert Reglement ze huelen, well dat muss jo dann och vun de Ministeren approvéiert ginn éier et kann a Kraaft trieden an si lassfueren, géife mir lech proposéieren, datt mir dat Règlement d'urgence hei bestoe loossen an dat vum Gemengerot approvéiere loossen. Da wiere mir formal an der Rei an si och an da kënnen si lassleeën a wa weider Froen sinn, de Pit Demuth ass hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi Erklärungen, sinn dozou nach Froen oder Remarquen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech sinn heiansdo sprachlos wann ech héieren, wat Retoure vu Ponts et Chaussées sinn, ech si frou, datt dat ganz Land net esou funktionéiert wéi do déi Äntwerten, déi mir heiansdo kréien. Villäicht gi mir mol eppes sou weider wéi hien et hei seet, dat wier ganz ubruecht.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Si hu net manner wéi bal e Mount verluer elo.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Géif dee Gemengerot dem alles zoustëmmen? **Dat ass unanime**. Merci.



3. GEMENGEFINANZEN

3.1 Approbatioun vun notariellen Akte fir d'Acquisitioun vun Emprisen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënnert dem Punkt 3. 1. vun de Gemegefinanze geet et ëm eng Rei Akten, ech géif lech proposéieren, datt mir villäicht déi verschidden Akten iwwer d'Emprisë kéinten zesummen an engem Block huelen. Och dem Pit Demuth merci fir seng Presenz.

3. 1. 1. Koppel Luc Antony a Josiane Engel, Rue St Martin

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Beim éischten Akt mam Här Antony an der Madamm Engel geet et ëm e Kaf an der Rue St. Martin, do kafe mir 63 Zentiar fir 441 Euro fir d'Integratioun vun där Parzell an d'Voirie publique - Trottoire.

3. 1. 2. Här Akil Vigani, Rue St Martin.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den 2. Akt ass 0,02 Ar, en Echange vun 0,053 Ar zwëschent dem Här Vigani an der Stad Diddeleng, hei vertrueden duerch de Schäfferot, dat ass och an der Rue St Martin, wou mir en Echange maachen ouni Soulte vun där Linn, wou mir him deen Deel ginn, wou seng Garage drop ass a vun deem hie Proprietaire gëtt an eis en contrepartie deen Deel gëtt wou mir kënnen integréieren an d'Voirie publique.

3. 1. 3. Madamm Yvonne Lina Cellerani, Rue Goethe

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann, den 3. Akt, dat ass mat der Madamm Cellerani, dat ass an der Rue Goethe an dat sinn 1 Ar a 7 Zentiar fir 749 Euro, dat ass am Fong ganz zum Schluss vun der Rue Goethe, wou och dee Wendehammer ass.

3. 1. 4. Koppel Roger Socorso Manderscheid a Marguerite Marso, Rue Goethe.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Deen Akt, deen duerno kënnt, ass mam Här Manderscheid an der Madamm Marso, dat si 636 Euro fir 0,98 Ar, dat ass deen aneren Deel vum Wendehammer an der Rue Goethe.

3. 1. 5. Koppel Marcel Joseph Vinandy a Marguerite Ruhl, rue Goethe

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da kënnt deen nächsten Akt tëschent dem Här Vinandi an der Madamm Ruhl, dat sinn 169 Euro fir 0, 67 Ar an dat ass och an der Rue Goethe an och fir d'Integratioun an d'Voirie publique.

3. 1. 6. Madamm Zehra Sahovic, Rue Schiller

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir an d'Rue Schiller, do ass en Akt tëschent der Madamm Sahovic an och der Stad Diddeleng, dat si 94 Euro fir 0,7 Ar an do ass d'Integratioun an d'Voirie publique.

3. 1. 7 Här Roland Mathias Dallo a Koppel Marie Nicole Dallo a Raymond Jean François Alphonse Block a Madamm Anita Emilie Dallo, Rue Bannent

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass an der Rue Bannent en Akt mat dem Här Dallo an der Madamm Dallo an dem Här Block, dat si 50 Euro fir 0,05 Ar, och dat ass eng Integratioun an d'Voirie publique.

3. 1. 8. Koppel Sam Guy Schintgen a Martine Christiane Paule Goldschmit, Rue Mme Mayrisch de St Hubert

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass en Akt mat der Koppel Sam Guy Schintgen a Martine Christiane Paule Goldschmit an der Rue Madame Mayrisch de St Hubert op Nummer 61, dat si 77 Euro, dat sinn 0,11 Ar déi mir hei och an d'Voirie publique integréieren

3. 1. 9. Aktiegesellschaft Promotra S.A., Rue des Saules

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An dann ass en Akt an der Rue des Saules, do ass d'Gesellschaft Promotra SA Proprietaire, déi awer entretamps Faillite gemaach huet, do ass awer elo e Curateur, deen sech dorëms këmmert, wa mir déi Acquisitioun maache vun 0,10 Ar fir 70 Euro, déi dann de Maître Ries als Curateur vun där Gesellschaft kritt.

3. 1. 10. Här Elvir Cekovic, Rue des Minières a Rue de la Libération

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op Nummer 106 an d'Rue des Minières, do ass den Här Cekovic an d'Stad Diddeleng, 0,08 Ar dat sinn 56 Euro an dat ass och d'Integratioun an d'Voirie publique. An dann op Nummer 201 an der Rue de la Libération, dat ass och den Här Cekovic an d'Stad Diddeleng, dat sinn 0, 21 Ar an dat sinn 147 Euro, dat sinn all déi Parzellen, déi mir kafe fir d'Integratioun an d'Voirie publique. Huet de Gemengerot Remarquen oder Froen dozou? Dat ass net de Fall, kann ech lech da proposéieren, datt mir en bloc iwwer déi doten Akten ofstëmme? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.2. Approbatioun vum éischten Avenant zum Mietvertrag mat der Fondation Autisme Luxembourg fir d'Locatioun vum Gebai „Schoul Eecherdall“.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir eriwuer op deem nächste Punkt, dat ass den éischten Avenant tëschent der Fondation Autisme Luxembourg, déi sinn de Moment an der Eecherdaller Schoul, wou eis zur Verfügung gestallt gouf an do verlängere mir de Kontrakt. Ech ginn dofir d'Wuert un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, mir haten dat am Fong schonn eemol, dat heien ass am Fong eng Verlängerung an déi geet elo bis den 30. September. Si hunn eis gefrot well hiert Gebai nach ëmmer net esou an der Rei ass, also net fäerdeg ass, do hunn si eis gefrot fir dozebleiwen, et ass also just eng Weiderféierung éier mir do en neie Projet maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hat dat doten nogekuckt, si sollt jo dann op Suessem zeréckgoen. Meng Fro ass elo fir villäicht awer nach eng Klass hei zu Diddeleng ze halen, wéi waren do d'Erferunge mat de Kanner a mat dem Grupp, dee bei eis betreit gëtt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach aner Remarquen? Neen, dat ass net de Fall.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Dat si Jugendlecher, déi hei sinn, dat si keng Kanner, dat si scho Leit am Alter vu 15-16 Joer. Si hunn eigentlech keng Demande gemaach, bei eis ass ni gefrot ginn, fir hei weiderzefueren, dat doten ass just eng Iwwergangsléisung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, ass de Gemengerot domadder averstanen?
Dat ass unanime. Do soen ech lech villmools merci.

3.3. Geschäftsgebai, 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte

3.3.1. Kënnege vum kommerzielle Mietvertrag mam Här Steve Troes fir d'Sous-Locatioun vun engem Deel vum Geschäftsgebai

3.3.2. Verlängerung vum kommerzielle Mietvertrag mat der Madamm Yara Kassouha fir d'Sous-Locatioun vun engem Deel vum Geschäftsgebai

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op den nächste Punkt iwwer, dat ass am 77 Avenue Grande-Duchesse Charlotte e Lokal, wat mir lounen a weiderverlounen, do ass engersäits eng Weiderféierung vun dem Lokal den Här Troes huet eis matgedeelt, datt hier mat sengen Aktivitéite géif ophalen, dofir kënnegt hie säi Vertrag, deem e mat der Stad Diddeleng huet a gëtt dat och hei an de Gemengerot an op der anerer Säit ass eng Verlängerung vun deem Cont-

rat de bail mat der Madamm Kassouha, déi och ganz vill Erfolleg huet a syresch Produite verkeeft. Déi wou schonn do waren, hu gesinn, datt do esou Saache wéi Seef, selwergestreckte Poschen, Këssen oder Retouché sinn. An awer och e flott Geschäft, wou do ass a vun enger Damm gefouert gëtt, wou ganz sympathesch ass a wou vill Leit higinn, wou och ganz nohalteg Produite mécht, also engersäits eng Resiliatioun an op der anerer Säit awer eng Verlängerung mat der Madamm Kassouha an dat bis den 31. Dezember 2022. Dat zu deenen zwee Voleten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Der Madamm Kassouha hire Buttek huet grouse Succès virun allem och well se och Retouché mécht, well dat och hei zu Diddeleng am Moment feelt. Mir hu just eng Fro, mir haten hir vum 1. Mee bis den 31. Juli de Loyer op 350 Euro pro Mount festgesat, elo gi mir op 500 Euro erop, wann ech awer kucken, wéi mir bei de viregte Locataire waren, do hu mir vu Joer zu Joer de Loyer erhéicht. Dofir ass eis elo net verständlech wéi sou mir elo schonn op 500 Euro eropginn, well et ass awer déi selwecht Surface, wann ech kucken, déi selwecht Unzuel vu Quadratmeter, 50 Quadratmeter, an dann ass meng Fro: Wann den Här Troes elo aus dem Buttek erausgeplënnert ass, dat war jo och elo keng Aktivitéit, déi ganz visibel war, mir hunn ëmmer gesot, an sengem Concept Store oder Pop-up Store soll awer ëmmer eng Aktivitéit sinn, déi visibel ass.

Elo ass meng Fro: Wat maache mir mat deenen 10 Quadratmeter, wat ass do ugeduecht? Kritt do d'Madamm Kassouha zum Beispill nach e bësse méi Méiglechkeete fir hire Business auszedeenen an deem Lokal oder huele mir do en Drëtten eran oder iwwerhëlt deem anere Sous-Sous-Locataire déi 10 Quadratmeter? An dann och do d'Fro, wéi ass et do, musse mir do en neie Kontrakt maachen an en neie Loyer fixéieren? Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNKE): Merci, ech hu just eng Fro zu der Resiliatioun vum Contrat de bail vum Här Troes. Ech hu gesinn, de Bréif war schonn am Mee ukomm, d'Kënnegung ass elo op den August, e wäert säin Delai agehalen hunn. Ech wollt just froen ob do eng Ursach bekannt ass? Mir ass zu Quere komm, datt do anscheinend länger Diskussiounen ware wéinst Oftrennungen, déi gewollt waren an esou, ech wollt einfach emol nofroen ob et eng Ursach gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wëll just eng Stellungnam vun eiser Fraktioun ofginn: Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, mir sinn als LSAP-Fraktioun frou, datt d'Madamm Kassouha eis am Lokal op 77 Avenue Grande-Duchesse Charlotte nach bis Enn des Joers erhale bleift. Si ass jo ewell mat hire Produite méttlerweil e puer Méint aktiv an dat jo dann eng Zäit wou d'Madamm Kassouha konnt Erfahrung sammeln an sech konnt un d'Welt vum Business eruntaaschten. Oft ass et esou, datt bei Pop-upen de Verkaf déi éischt Zäit gutt leeft, well d'Leit do mol era schnuppere ginn, fir ze kucken, wat do alles

verkauf gëtt a ginn dann net onbedéngt mat eidelem Hänn nees eraus, mee no enger gewëssener Zäit, wa jidderee weess wat et esou an deem Buttek alles gëtt, dann hëlt de Verkauf oft of, jiddefalls wann et sech net ëm Artikelen handelt, déi ee grad muss hunn.

D'Madamm Kassouha verkeeft jo zum Deel dekorativ Këssen, Biller a weider Accessoires, déi si selwer op der Hand hierstellt, si mécht Retouchen u Kleeder, si vertritt och eng Rei Artikelen aus Syrien, wéi zum Beispill Seefen, déi no enger joerhonnertenaler Traditioun do hiergestallt ginn an ech sinn éierlech, ech hu bei mir geduecht, wéi si virun e puer Méint ugefaangen huet, dat dote geet eng Zäit gutt a wa jiddereen e Këssen an eng Seef huet, da geet et mam Verkauf hei drastesch erof. Ech si frou oder richteg frou, datt d'Madamm Kassouha mech enges Bessere beléiert huet an sech drop freet, nach bis un d'Enn vun dësem Joer jiddefalls mol weiderzemaachen. Dat weist, datt hir Artikelen de Leit gefallen an datt si och kann iwwerliewen, zumindest mat deem Loyer, wou si elo muss bezuelen, dee mat 500 Euro nach ëmmer ganz moderat ass.

Et kann een awer och do soen, datt esou e Buttek nëmme grad dofir d'Méiglechkeet huet an esou enger Zäit ze bestoen. Wat mech nach freet, ass, datt d'Madamm Kassouha sech als Migrantin an Diddeleng puddelwuel fillt a well sech hir Produiten duerchsetzen, déi een esou wäit a breet net fënnt. Fir dës kënnen ze kafen, féiert kee Wee un Diddeleng laanscht a genau esou Produite brauche mir ëmmer erëm fir eis als Geschäftszentrum vun anere Zentren ze ënnerscheeden. Mir sinn als Fraktioun frou, datt d'Madamm Kassouha eis als Geschäftsfra an als léiwen a frëndleche Mënsch nach eng Zäit erhalte bleift an eise Schännerot heifir déi néideg Schrëtt an d'Weeër geleet huet. Ech soen lech merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Clement, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Gutt, da géif ech proposéieren, op déi verschidde Punkten ze äntweren. Mir sinn eis jo wuel eens, datt mir ëmmer wollten, datt dat dote Lokal duerch säin Emplacement och eng gewësse Visibilitéit och huet an och kritt an och de Fait, datt de Moment jo d'Madamm Kassouha dran ass, ass dat och gewährleescht, dofir huet si och den éischten Deel gutt bespillt, dat ass d'Haaptvitriinn an ech mengen, datt de Moment deen néidegen Agencement et mécht an dat dréit och zu der Attraktivitéit bei an ech sinn och ganz der Meenung - wéi den Här Clement gesot huet - datt si sech do ganz wuel villt, wat och domadder ze dinn huet, datt vill Leit bei eis akafe ginn. Also do stëmmt d'Chimie vu béide Säiten tëschent der Geschäftsfra an och de Clienten, déi dohinner ginn.

Dass mir e bëssen eropgaange si mam Loyer, dat gouf mat hir diskutéiert. Et muss een hei den Ënnerschied maachen, mir hunn si dran am Esprit an si wollt dat och selwer als Pop-up, dat ass net ze vergläiche mat deenen, déi virdrun dra waren, déi e Contrat indéterminé haten, déi och eng aner Spart ugesat haten, mee si ass hei bis Dezember an duerno geet si eraus. Si ass och eréischt säit kuerzem constituéiert, dofir ass déi Differenz, mir hu jo hei kee Kontrakt vun dräi Joer mat hir, wou mir progressiv de Loyer froen, dat ass en an-

eren Etat d'esprit an dat gëtt eis eng Flexibilitéit par rapport zu de Recherchen, déi eise City Manager mécht mat verschidde neie Commercen, déi sech constituieren an déi ee kann eranhuelen.

Do gëtt et e Réseau vu Commercen, wou hei zu Lëtzebuerg als Pop-upen fonctionéieren, do kann een dat méi flexibel handhaben. Wat elo d'Suite ass, wéi ech sot, eise City Manager ass jo permanent a Kontakt an Dir gesitt och bei deenen aneren, neie Commercen, déi mir hunn, mir schwätzen duerno nach iwwer anerer, do wäerten sech nei Gegebenheeten erginn, fir och dat dote Lokal weider ze bespillen, do ass mir am Fong net baang. Bei der Madamm Kassouha, wéi si dat mécht, dat ass mat hir ze kucken, wat hir Virstellungen och hei zu Diddeleng sinn an ech mengen, datt dat déi nächst Wochen a Méint ka beschwat a gekläert ginn. Par rapport zu de Froen, déi d'Madamm Kayser gesot huet.

Par rapport zu der Madamm Erpelding, den Här Troes - sou wéi ech matkrut - huet hei gekënnegt well e generell seng professionell Aktivitéit a Fro gestallt huet. Dat ass dat wat ech erugedroe kritt hunn, dofir huet hien déi Decisioun geholl. Wann en Independant déi Decisioun hëlt, dann huet een dat ze respektéieren a wat dat nach ugeet, mir hunn do e Lokal a probéieren dat esou flexibel ze spillen, wéi mir kënnen, dat ass den Advantage, dee mir mat der Oftrennung hunn, mol méi mol manner, et ass dat wat eppes ass en fonction och vun der Demande. Jo Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, nach eng Zousatzfro: Ech hat nach gefrot ob den Areal vum Här Troes, also déi 10 Quadratmeter, falen déi elo zum Beispill bei d'Madamm Kassouha oder loosse mir dat opstoen, well si just bis Dezember do bleift oder maache mir e Kontrakt mat deem anere Sous-Locataire, datt deen dat iwwerhëlt, wat ass do ugeduecht ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Majo, et ass jo esou, mir si jo Locataire a mir maachen direkt Sous-Locatioun, dat heescht, wa mir selwer ee fannen, kënnen mir dat och als Sous-Locatioun weiderginn, do kucke mir, eise City Manager ass do amgang seng Fülere auszustrecken, wat een do vun neien Aktivitäten och kann eranhuelen. Mee de Prinzip ass, datt mir deementspriedend dat bespillen, wann eng Demande do besteet fir eng Sous-Locatioun ze maachen, deem sti mir och net am Wee.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat heescht, déi Surface steet dann elo einfach eidel oder wéi ass dat? Dat ass elo net béis gemengt, mir musse jo kucken, datt mir dat korrekt mat de Quadratmeteren hunn, dat heescht, déi stinn elo einfach eidel?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): De Moment stinn se eidel, mee eise City Manager huet en A drop, datt se net einfach esou genotzt gëtt, hien ass jo am permanente Kontakt mat de Geschäftler, déi sech an deene Geschäftslokaler etabléieren, wou mir Locataire sinn an d'Sous-Locatioun maachen. Dat ass en néidege Suivi, wou do hannendrun ass. Da géif ech soen, datt mir ofstëmmen, éischters iwwer d'Resiliatioun.

Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci. A wien ass mat der Verlängerung averstanen? **Dat ass och unanime.** Merci villmools.

3.4. Geschäftsgebei, Plaz am Duerf 1-6

3.4.1. *Approbatioun vun engem kommerzielle Mietvertrag mat den Hären Aron Gentile fir d'Sous-Locatioun vun engem Deel vum Geschäftsgebei*

3.4.2. *Approbatioun vun engem kommerzielle Mietvertrag mat der Gesellschaft Pilea s.à r.l. a Baby Artchibald fir d'Sous-Locatioun vun engem Deel vum Geschäftsgebei*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir vun der Rue Grande-Duchesse Charlotte op d'Plaz Am Duerf, do ware mir virum Summer och als Locataire aktiv ginn andeems mir do de Contrat de bail verabschit hu mam Här Kontz an do si mir ganz aktiv ginn zu verschiddene Positiounen. Engersäits hu mir direkt duerno mam Här Gentile eng Sous-Locatioun gemaach, wou hien och iwwer déi Summerméint dat konnt bespillen a woumadder hien och ganz vill Succès hat well e vum 1. August bis den 11. September de Gemengerot och wann den Här Gentile elo net méi do ass, musse mir dat trotzdeem regulariséieren, wou en e Pop-up Store duerno hat wou en Sneakers verkaf huet, wou hie ganz vill Succès hat, wou vill jonk Leit an och manner jonk Leit dohinner gaange sinn, hien also deen dote Pop-up Store bespillt huet mat vill Succès an eng flott Beräicherung fir déi Diddelenger Geschäftswelt an och d'Plaz am Duerf a wéi hien erausgaangen ass, dat sinn déi aktuell Sous-Locataire dat ass d'Gesellschaft Pilea Sàrl a Baby Artchibald.

Wann Dir nach net d'Geleeënheet hat fir dohinner ze goen, da kann ech lech nëmmen invitéieren, dohinner ze goen, dat sinn zwou jonk Dammen, déi e flotte Mix ubidden, engersäits Kleedung fir Puppelcher a awer och en Deel Secondhand-Kleeder awer och e flotte Mix vu verschiddene Blummen am klengen Assortiment, wou se do ubidden, dat Ganzt och ganz nohalteg an och Made in Luxembourg an och eng Rei Saachen, déi artisanal a biologesch sinn, also e ganz flott Konzept vun der Nohaltegkeet, där mir eis jo och esou verschriwwen hunn, wa mir esou Sous-Locatiounen maachen. Mir hunn ewéi gesot mat hinnen e Kontrakt, dee leeft par la Suite logique da vum 15. September bis de 15. Oktober an dat zu engem Präis vun 1 000 Euro. Dat zu den Erklärungen, wat déi Regularisatioun ugeet an op der anerer Säit déi nei Sous-Locataire, déi an deem Geschäft dra sinn. Voilà, d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, de Sneaker-Buttek, do war ech era luusse gaangen, well och den Här Gentile e ganz jonken a sympathesche Kàrel ass. Et ass e ganz léiwen a ganz dynamesche Geschäftsmann an e fréiere Client vu mir natierlech. Voilà, et ass en Diddelenger jonken Här an dat fannen ech eng ganz flott Saach. An och elo Pilea, déi hate schonn deelweis mam Blossom zesummegegëschafft éier se an dat heite Geschäft mat eriwergaange sinn, dat fanne mir alles schéin a gutt, mee mir fannen awer déi Dauer vun de Kontrakten ass immens kuerz, also ee Mount. Ech froe

mech och ëmmer, wéi geet dat dann, mir hu jo eis Verpflichtungen, well mir direkte Locataire sinn, da musse mir och direkt d'Lokal ëmmer erëm botzen an an d'Rei setzen a wa kleng Reparaturen sinn, dat ass jo awer och eppes wat eis Chargé bréngt, dofir ass meng Fro, ob mir net e Minimum vun 3 Méint oder esou maache sollen, well elo hu mir zweemol e Kontrakt vun engem Mount, éischters steet dann dotëschent d'Lokal e puer Deeg eidel an da muss alles ëmgebaut oder ugestrach ginn oder wéi och ëmmer.

Wie bezilt zum Beispill wa mir eng Enseigne op der Fënster hunn? Da musse mir dat ofmaachen, en neie Logo dohinner maachen, wéi ass et do mat de Fraisen, déi och op d'Gemeng duerkommen, dat ass och interessant fir eemol ze wëssen. An ass net ugeduecht awer e Minimum vu soe mir mol dräi Méint ze maachen, datt wier awer och e bësse méi interessant well ee Mount, do ass et esou, dat ass eppes fir ze testen ob dat iwwerhaupt geet, mee elo Pilea oder Baby Artchibald, déi hu Saachen, do geet net all Mënsch an engem Mount do laanscht an do ass d'Fro ob een net awer op de Wee soll goen, datt een e Minimum mécht vun dräi Méint?

An ech wollt och rappeléieren, mir hate gesot gehat, datt mir dee Kontrakt adaptéieren, datt wann een elo net säi Business an enger gewëssener Zäit opmécht, dat fält elo net heiran, well dat sou kuerz Delaie sinn, mee datt een do e Minimum drasetzt, wéini se mussen ufänken aktiv ze ginn, well mir hate jo do dee Problem mam Lokal an der Niddeschgaass, wou éiweg laang zou war, wou mir awer schonn hu missen de Loyer bezuelen, wou ech och gesinn hu beim Restanten, datt et net esou war wéi ech et gesot krut, datt de Loyer awer vun deem Sous-Locataire bezuelt ginn ass. Dat hunn ech gesinn, datt dat net esou ass.

Dat ass eng aner Saach, mee wéi gesot, datt mir och fir eis ofzesécheren, sollen do kucken, datt déi Geschäfte Minimum no engem Mount wou dee Kontrakt gemaach gouf, ufänken. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, ech wëll och hei just eng Stellungnam vun eiser Säit vun der LSAP-Fraktioun ofginn, ech wëll mech elo net op den Här Gentile bezéien, de gudde Mann ass fort, en huet e gudden Job gemaach. Ech well e bësse méi aktuell bleiwen a mech op Pilea a Baby Artchibald konzentréieren, wat zwee léif Pop-up sinn, mat ganz flotten Artikelen. Ech denken, wien deenen zwou jonke Fraen e kleng Besuch ofgestatt huet, konnt dat selwer feststellen. Pilea eng Sàrl déi verkeeft Secondhand-Artikelen fir jonk erwuesse Leit awer och Kaffi, e gutt hausgemaacht Stéck Kuch, ech hunn och Blummestäck gesinn, Bijouen also wierklech eng grouss Panoplie wou sech d'Fra domadder ofgëtt.

Elo kéint ee soen, nach e Secondhand-Shop, mir hate scho virdrun een zu Diddeleng. Ech soen, firwat net, a sinn och dovunner iwwerzeegt, datt des Modeller Zukunft hunn. Déi jonk Generatiounen hunn en neien Denkprozess ageleet wat de Konsum ubelaangt an si wäerten dat ëmmer méi ëmsetzen.

E Kleeed zwee- oder dräimol nei verwenden, firwat net, amplaz Ressourcë vun eiser Welt ze verbrauche fir Kleedungsstécker déi oft nëmmen een- oder zweemol ugedoe ginn, wann iwwerhaupt, an dann emotionslos ewechfléien. Wie schonn eemol an England war, huet festgestallt, datt et do scho laang eng riseg Auswiel u Secondhand-Butteker gëtt, déi gutt schaffen a gutt besicht sinn, an ech denken, bei eis geet et an déi selwecht Richtung, eleng déi Kris, an där mir am Moment stiechen, stéisst d'Dier nach weider op an dës Richtung.

An dann, Baby Artchibald, dës jonk Fra verkeeft selwerdesignte Babykleeder vun 0-4 Joer a léisst dës dann och aus ekologesche Materialien - wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet - hierstellen, wéi zum Beispill Ökotag a Gotz, dat geet vu Mutzen an Schale bis iwwer Schong a Pulloveren oder Decken. Si verkeeft awer och eng Rei Lëtzebuerger Kannerbicher fir domadder eis Lëtzebuerger Auteuren z'ënnerstëtzen, déi et mat Bicher an eiser Sprooch jo net onbedéngt einfach hunn, net well et keng gutt Bicher wieren, mee well et der net genuch ginn, déi Lëtzebuergesch verstinn, fir datt ee kéint vum Verkaf vun dëse Bicher liewen. Wann ee mat dëse Frae schwätzt, da mierkt een, datt se ganz lokal denken. Et ass ganz einfach e Must, datt een dës jonk Fraen als Gemeng an der Verwierklechung vun hirer Geschäftsiddien ënnerstëtzt.

Ech krut gesot, datt Pop-up déi eenzeg Méiglechkeet fir si wier fir kënnen als Sociéit z'iwwerliewen, déi héich Loyere vun haut kéinten si nimools stemmen a wann een hinnen als Gemeng mat engem sou moderate Loyer entgéint géing kommen, wier et nach nëmmen ze stemmen, wann een sech de Pop-up zu zwee géing deelen. Et muss ee soen, datt déi jonk Geschäftsleit wierklech e Pak muss stemmen, eng Zäit zu Dikrech e Pop-up, dann zu Ettelbréck, zu Esch an elo zu Diddeleng, sou eng Pilgerfaart queesch duerch d'Land, do muss d'Häerz scho kräfteg fir den eegenen Dram schloen, fir dat duerchzeéien. Dat heescht ëmmer erëm alles apaken an auspaken an nees an nees, do virdru kann ech nëmme mäin Hutt zéien. Et weist wéi dynamesch eis jonk Generatioun ass a wat se bereet sinn ze leeschten, net nëmme fir sech selwer, awer och fir eng nohalteg Ekonomie, do géif sou munch gestane Geschäftsmann kloen a meckeren, wann en ëmmer souvill misst a Beweegung setzen, ech inklusiv.

Flott, datt se elo zu Diddeleng ukomm sinn an och hei hir Erfahrung kënne maachen, a wie weess, villäicht geet et jo wéi bei Blossom, déi sech verschidde Pop-upen a verschiddene Stied dofir entscheet hunn, sech zu Diddeleng niderzeloossen. Ech ka mir virstellen, datt déi sech fir Diddeleng entscheet hunn, well se hei déi beschten Erfarunge gemaach hu bei hirer klenger Rees duerch d'Land. Dat schwätzt fir den Diddelenger Zentrum awer och fir de gudden Accueil, deen se hei vun der Diddelenger Gemeng kruten. Et ass schéin, datt déi politesch Verantwortlech hei zu Diddeleng net nëmmen erkannt hunn, datt den Einzelhandel d'Gemeng brauch mee och, datt se sech de Courage geholl hu fir zolitt aktiv ze ginn. Et gesäit een am Verglach mat anere Gemengen, wéi vill Positives dat an de leschte Jore bewierkt huet an als LSAP-Conseiller a Geschäftsmann

wéll ech eise Schafferot dofir och eemol op dëser Plaz merci soen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Clement, sinn nach weider Froen oder Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da wéilt ech mol merci soen an do weider unhänken, wou den Här Clement opgehalen huet, fir déi jonk Leit, déi sech lancéieren an net onbedéngt wëssen, wéi hire Commerce ukënnt, fir déi ass d'Approche vun engem Pop-up Store eng Approche fir kënnen ze kucken, wat hir Produiten duerstellen an se och deementspreechend ze testen. Do kënnt och d'Diskussioun mat der Dauer: Souwuel hei Pilea wéi och Baby Artchibald wéi och anerer, déi probéieren emol, wann se an eng Gemeng kommen an dat war an hirem Tour, deen se gemaach hunn, do ass den Här Clement jo drop agaangen, do fänkt een emol mat engem Mount un, et kënnt een an eng Gemeng, an eng Stad, et weess een net, wéi déi tickt an do gëtt een sech mol e Mount Zäit fir ze kucken, wéi do den Impakt ass, wéi do d'Retoure sinn.

Wann een dann der Meenung ass, datt dat gutt ukomm ass an et besteet och eng Méiglechkeet, da si mir als Gemeng déi lescht, déi net géife soen, datt mir aus engem Mount géifen zwee Méint maachen oder aus zwee Méint dräi Méint maachen. Sou hu mir dat och mat Blossom gemaach, dofir déi Approche direkt dräi Méint, dat ass och fir esou Commercen e gréisstert Engagement, dofir mengen ech, datt dat am gemeinsamen Einvernehmen geschitt, wou iwwer d'Dauer geschwat gëtt, wat engersäits, dat war mol meng generell Approche, wat de Pop-up Store ugeet, domadder hätt ech dann och op d'Fro vun der Madamm Kayser geäntwert.

Wat natierlech alles ugeet vun Enseigner, déi op d'Fënstere gemaach ginn, et ass ëmmer op d'Fraise vun de jeeweilege Geschäfte, dat ass net d'Gemeng an normalerweis ass et och un hinnen - a mir hate bis elo absolut an alle Geschäfte, déi mir ugestallt hunn, ni e Problem, si hunn dat ëmmer gebotzt a propper hanterlooss a Reparature ware gréisstendeels och ni ze maachen, well ëmmer en Etat des lieux gemaach gëtt virdru an duerno mat eise City Manager, mat de Servicer, an do war ni e Problem, datt mir do misste grouss Zommen debourséieren, well se do alles ausernee geholl hätten an all déi Leit, déi do an de Commerce sinn, Dir kennt se, dat sinn alles Leit, déi dat ouni Problem stemmen. Dat zu de Froen, déi gestallt goufen, wat déi Commercen ugeet. Gëtt et dozou Remarquen oder Froen?

Dat ass net de Fall, kënne mir dann engersäits de Kontrakt vum Här Gentile regulariséieren? **Dat ass unanime.** Merci. An dann de Contrat de bail mat Pilea a Baby Artchibald. **Dat ass unanime.** Do soen ech lech villmools merci.

3.5. Approbatioun vun der Konventioun tëschent dem Office national de l'accueil, dem Logis Hotel-Restaurant Cottage an der Stad Diddeleng fir d'Bereetstellung vun enger Struktur fir de provisoires Logement vu Beneficiairë vun zäitlecher Protectioun

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mir op den nächste Punkt iwwer, dat huet ze di mat eise Flüchtlingen aus der Ukrain. Et ass esou, dat hate mir och hei am Gemengerot gestëmmt, datt fir déi éischt, déi hei zu Diddeleng ukomm sinn, do ass den éischte Point de chute den Hotel Cottage, den niewent de Gemeindegebaier, déi mir zur Verfügung gestallt hunn, entretemps sinn der och an de Gebaier, wou mir Propriétaire sinn an der Tattebuergerstrooss, respektiv an der fréierer Epicerie am Quartier Italien, wou e Studio dran ass.

Mee hei geet et virun allem ëm de Cottage Hotel an do hate mir en Devis hei gestëmmt vu 500 000 Euro fir déi Fraisen ze couvréieren, engersäits d'Iwwernuechtung am Cottage Hotel wéi och de Moieskaffi, d'Mëttegiessen an d'Owesiessen an ech hat lech gesot, datt mir och nach géifen Diskussiounen féiere mam Aussemistère, respektiv mam ONA, wat awer och déi staatlech Prise en charge ugeet par rapport zu der Prise en charge, déi d'Gemeng hei unhëlt an dat hu mir gemaach mam ONA, dofir ass och déi Konventioun hei entstanen, déi elo de Moment emol vum 16. Juli 2022 bis den 31. Dezember 2022 leeft a wou de Staat iwwer den ONA d'Prise en charge financière iwwerhëlt vu 14 Zëmmeren, respektiv de Salon, an de Staat iwwerhëlt da moies de Kaffi, d'Owesiessen dat hëlt den ONA en charge, déi dräi Saachen, an d'Gemeng muss just d'Mëttesiessen iwwerhuelen.

Dir hutt do och Präisser virleien an der Konventioun, wat déi verschidde Montante sinn, dat sinn déi Montanten, déi och den Hotel Cottage fixéiert huet. Wat den 31. Dezember geschitt, dat kucke mir weider mam ONA, ob mir d'Konventioun verlängeren. Just fir lech en Ordre de grandeur ze ginn, wa mir elo déi dote Fraise ganz ze droen hätten, dat wieren Depensë vu ronn 40 000 Euro de Mount, déi mir ze droen hätten, wa mir zu 100 Prozent déi Fraise géifen droen. Duerch déi Interventiounen an déi Konventioun mam ONA si mir hei op ronn 9 600 Euro de Mount, déi mir als Gemeng droen, dat heescht, den Differentiell dréit wéi gesot de Staat par rapport zu de Käschten, wat den Hotel Cottage ugeet an do fir dat op de leschte Stand ze setzen, de Moment, also ech weess net wéi vill Leit a private Stéit logéiert sinn, mee de Moment sinn et 35 Ukrainer(innen), déi hei zu Diddeleng sinn, ech géif soen, datt dat alles ganz gutt verleeft och mat der Prise en charge a mam Suivi vum Roude Kräiz, eng Rei vun hinnen, déi een och begéint, et muss ee soen, déi hunn sech gutt integréiert an hunn eng Aarbecht fonnt, also et ass een an enger Mesure, déi ganz wichteg ass fir déi Leit fir weider Perspektiven ze hunn an ze kréien. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech mengen mir haten hei am Gemengerot gesot, unanime, mir si solidaresch mat der Populatioun aus der Ukrain, déi awer hire Misär leider nach net iwwerstanen huet. Et

gesäit och net aus wéi wann et deemnächst besser gëtt wann ee kuckt, wat de Putin haut ënnerschreift. Ech denken, dofir steet Diddeleng och an der éischter Rei fir Lokaler zur Verfügung ze stellen an ech denken och, wat villäicht wichteg ze soen ass, ass, datt ee mierkt, an der Diddelenger Populatioun ass eng grouss Ouverture fir Leit unzehuelen. Ech denken drun, deemools wéi mir déi grouss Versammlung haten, wéi mir de Foyer opgemaach hunn hannen op der Route de Volmerange fir aner Flüchtlingen aus der Syrien-Kris an esou weider, do war en allgemenge positiven Echo an ech denken, datt dat och wichteg ass an datt een dat ënnersträicht, well wann ee liest wat an anere Gemenge rieds geet wann do e puer Leit sollen ënnerbruecht ginn, fannen ech dat lamentabel fir Lëtzebuerg an ech kann nëmme begréissen, datt mir hei zu Diddeleng awer eng aner Ouverture d'esprit hunn, notament wann ech erauskucken an do gëtt d'Zelt opgeriicht vun der Fête des Cultures, dat seet alles. Dat just als Klammer:

Zu dëser Konventioun, dat begrësse mir alles als CSV, mir wëllen awer och nach eemol villmools merci soen dem Cottage Hotel selwer, well dat muss een och soen, natierlech kann een soen oh déi kréien hir Zëmmer gutt bezuelt, dann ass dat gemaach, mee ech denken, dat ass awer och net einfach fir esou Dauergäschter ze beherbergen. En plus och dee Geste vun hinnen, datt si selwer eng Kummer an lesse fir zwéi Leit iwwerhuelen, dat fanne mir ganz flott an et steet och am Kontrakt „mettre à disposition une machine à laver, un sèche-linge“ an esou weider eng „centrale repassage vapeur“ an och, datt se bereet waren, dee Sall zur Verfügung ze stellen, wou Leit sech kënne begéien, dat muss een och eemol luewend erwänen an hinnen dofir merci soen.

An als Gest vun der Gemeng, natierlech ass dat och gutt, datt mir d'Restauratioun mëttes iwwerhuelen, dozou awer eng Fro: D'Leit hu guer keng Méiglechkeet selwer ze kachen oder selwer an enger Kichen eppes ze benotzen, meng Fro ass, ass do eng Demande do? Ass et ugeduecht, datt déi Leit, déi do an den Zëmmeren sinn, datt déi villäicht duerno éischter an aner Lokalitéite kënne eriwuer plënnere, wou se awer méi eng Autonomie hunn? Hei ass et esou, an engem Hotel, do ass alles schéin a gutt, mee ech denken awer, datt wann déi Leit awer méi laang bei eis bleiwe wëllen oder müssen, datt se dann awer vläit frou wieren, wann se awer kënne selwer fir sech suergen a mir wësse jo och, hir Kichen ass eng aner Kichen, si sinn aner Saache gewinnt a villäicht wier dat awer och flott, an do ass meng Fro: Ass ugeduecht, datt déi Leit just temporär am Hotel bleiwen an duerno an eis Strukturen iwwer ginn oder wéi sinn do Är Erfarungen?

Dir hutt gesot gehat, et sinn 35 Ukrainer hei bei eis, ech weess och vill wou Leit bei Privatileit sinn an de Claude Martini hat dat scho gesot, wéi ass ugeduecht, datt de Staat sech och bei de Fraise vun de Privatileit bedeelegt? Dat ass just à titre d'information, hunn déi Leit eng Méiglechkeet och eng Demande ze maache fir eng Prise en charge, datt wéi hei zum Beispill d'lesse iwwerholl gëtt vum ONA oder eng Participatioun um Logement, ass do ugeduecht fir eng Demande ze maachen?

Dat ass villäicht interessant fir déi Leit, déi et maachen, fir awer Leit bei sech opzehuelen. Eng oder zwou Saachen hu bei eis Froen opgeworf: De Punkt 4.4, do steet hei an der Konventioun, ech weess net, dat ass villäicht elo e bësse Standardkonventioun, mee do steet e „Gardiennage prévu sur les lieux de 14.00 Auer mëtt bis moies 6.00 Auer tous les jours de la semaine, y compris les jours fériés, est assuré par un soustraitant de l'ONA.“ Wat ass domadder gemengt a wéi kann een dat gesinn? Dann ass och e Règlement d'intérieur vun de Structures d'hébergements dobäi geluecht, mee ech denken, do si vill Punkten, déi awer hei net spillen, dat ass just à titre d'information, do brauch mir dann net weider drop anzegoen.

Also, wéi gesot, mir begrëssen dat heiten explizit, mir soen dem ONA merci, mir soen awer och virun allem dem Cottage Hotel merci a mir wënschen deene Leit, déi hei bei eis komm sinn, datt se sech awer wuel bei eis spieren, quitt datt se e groussen Deuil hunn, well se hir Heemecht verlooss hunn, well se net wëssen, wéi et an hirer Heemecht weidergeet, wéi et mat hirem Doheem weidergeet an, wéi gesot, mir wënschen hinne vill Gléck a Courage a mir hoffen, datt se eis Gaaschtfreundschaft gesinn an awer och sech bei eis e bësse wuel spieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, sinn nach weider Wuertmeldungen? Madamm Erpelding. An dann den Här Claude.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNKE): Merci fir d'Wuert, och wa mir der Meenung sinn, datt eis Gemeng soll hir Solidaritéit weisen, wat se och hei mécht, sou ass et awer dann och ze begrëssen, datt den ONA hei eng Konventioun mécht, do si vill Saache gereegelt an si hunn einfach den Knowhow, wéi wat muss gemaach ginn. Wat den Hotel Cottage ugeet, sou kann ech mech nëmmen de Wieder vun der Madamm Kayser uschlëssen a merci soen, et ass nach laang net jiddereen, deen dat géif esou maachen.

Mir fannen et och gutt, datt d'Gemeng hire Bäitrag leescht andeems se d'Käschte vum Mëttegiessen iwwerhëlt. Ech hu just eng einfach an allgemeng Fro dozou ob dat iwwerall an de Structure vum ONA sou ass oder ob dat villäicht eng Konditioun vum ONA ass, datt d'Gemeng sech bedeelegt oder ob dat op fräiwëlleger Basis ass, mee ouni dat elo hei a Fro ze stellen. D'Fraisen, déi mir haten, vum 18. Mäerz bis de 15. Juli bleiwe jo warscheinlech zu eiser Charge an dat ass och dat wat mir hei decidéiert hunn, wéi mir eis Solidaritéit weisen a wou mir och eis Verantwortung huelen an dozou zielt dann och déi finanziell Bedeelegung, ech mengen doriwwer hate mir den 18. Mäerz hei geschwat.

Just einfach eng Fro zu de Präisser, déi déi elo festgeluecht sinn, ob dat déi selwecht sinn ewéi déi, wou mir och virdu gedroen hunn? Ob sech do eppes dru geännert huet un deene Präisser? Dann hunn ech eng Fro och méi allgemeng, wéi dat decidéiert gëtt, wou déi Leit hkommen? Hunn déi Leit selwer en Afloss dorop a Verhandlung mam ONA oder placéiert den ONA se, wuel wëssend, datt an engem Hotelzëmmer, wou zwee Better sinn, warscheinlech Contraintë sinn, wou een net

kann eng Famill mat dräi Kanner hisetzen, dat ass einfach eng allgemeng Fro, fir de Rescht ass et gutt, datt d'Gemeng hir Verantwortung iwwerhëlt. Mir mussen hei eppes maachen, mir mussen eppes maachen a mir sollten net Gemengen als Beispill huelen, wou aner Leit net wëllkomm sinn, mee mir sollte wierklech dat maachen, wat mir musse maachen, an net no deene kucken, déi méi schlecht sinn, mee no vir kucken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding, den Här Claude huet d'Wuert.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buegermeeschter. Iwwer 7 Méint dauert elo schonn de Krich an der Ukrain. Aus engem Artikel aus dem Europaparlament vum 18. Juli ass ze liesen, datt d'Invasioun vun der Ukrain duerch Russland am Februar 2022 eng vun de gréissten humanitäre Krise vun der rezenter Geschicht vun Europa geschaf huet. Dat huet vill Deplacementer am Land an iwwer seng Grenzen eraus mat sech bruecht. Déi zivil Populatioun ass de Bombardementer an de Gewaltdoten ausgesat an et gëtt geschat, dat een Drëttel vun den Ukrainer gezwonge ginn ass, hire Foyer ze verloossen an dat am Land selwer oder an Nopeschlänner. Esou sinn iwwer de 6. Juli iwwer 5,6 Milliounen ukrainesch Flüchtlingen an Europa rezenséiert ginn, notamment 1,2 Milliounen a Polen. Ongeféier 90% vun hinne si Fraen a Kanner, déi och méi der Gewalt an de Vergewaltungen ausgesat sinn.

Mëttlerweil sinn elo och wäit iwwer 1 Millioun Leit an Däitschland ukomm. Dës Zuele changéiere stänneg. Och sinn 2,5 Milliounen Ukrainer säit der russescher Invasioun erëm an hiert Land zeréckgaangen an dat well verschidde Géigenden erëm als méi sécher gëllen. Laut enger Statistik vum Lëtzebuerger Ausseministère hu vu Mäerz bis August 1279 ukrainesch Biergerinnen a Bierger eng Demande fir eng zäitlech Protectioun ageeicht. An déi Leit gi queesch duerch d'Land vum ONA, den Office National de l'Accueil, a vun de Gemengen, vum Staat a vu Privatleit ugebuede Logementer ënnerbruecht a betreit. Hei zu Diddeleng sinn dat ënnert anere säit dem 16. Mäerz 10 Zëmmeren am Cottage Hotel an dat dank enger schneller Decisioun vun eisem Schäfferot.

An der Konventioun vum 1. August tëschent dem Ausseministère, respektiv dem ONA, der Sàrl BDPX sprécht Cottage Hotel, an der Diddelenger Gemeng geet et ëm d'Festsetze vun de géigesäitege Prestatiounen, déi hei schonn ausféierlech erkläert gi sinn an op déi ech net weider aginn. Ab dem 16. Juli bis den 31. Dezember 2022 stinn dem ONA 14 Duebelzëmmeren an 1 Sall zur Verfügung. Dem ONA kënn finanziell bal fir alles op. D'Gemeng bezilt just d'Mëttegiessen. Och wann alles ënnerholl gëtt fir déi Fraen a Kanner esou gutt wéi méiglech ze betreiën, sinn dës Leit bei hirem ongewollten Openthalt an enger schrecklecher Situatioun. Si kënnen zwar duerch den Internet an déi modern Medien a Kontakt mat hire Famille bleiwen, mee esoulaang d'Situatioun an hirem Land esou ass wéi se ass, wäerten si hei net berouegt liewe kënnen. Kee weess wéi laang dës Krich nach dauert. Wéi et elo haut ausgesäit, wäert dat éischter laang daueren. Trotzdem kënne mir

nëmmen hoffen, datt déi Leit erëm geschwënn heem goe kënnen. Meng Fraktioun wäert dës Konventioun guttheeschen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Bob Claude. Villmools Merci fir Är Stellungnamen. Ech schlësse mech deem un, wat déi dräi Virriedner gesot hunn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, wa soss keen eppes zu där Konventioun huet, et huet net direkt eppes mat der Konventioun ze dinn, mee méi mat der ukrainescher Communautéit, déi hei zu Diddeleng ass. Et ass grad gesot ginn, och vun der Madamm Kayser, Diddeleng huet eng grouss Ouverture d'esprit, wat mir nëmmen kënnen ënnersträichen an si sollen sech hei wuel spieren. En Zeechen dovunner ass, datt si sech spontan gemellt hu fir un eiser Fête des Cultures deelzehuelen, dat heescht, mir kënnen och am Zelt e Stand begrëssen, wou si sech mat hiren Artikelen virstellen, also eng Invitatioun fir laanscht kucken ze kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, dat maache mir dann. Merci fir Är Stellungnamen an och wéi Dir alleguer ënnerstrach hutt, datt international Solidaritéit hei zu Diddeleng keng eidel Wieder sinn, mee, datt mir dat och konkret ëmsetzen a liewen an dat säit 2016 u mat der Ouverture vum Foyer fir d'Beneficiairë vun der Protection internationale, respektiv och am Kader vum Krich an der Ukrain. Par rapport zu deene Froen, déi gestallt goufen, souvill ech weess, mussen d'Particulieren, ausser ech wier net um leschte Stand vun den Informatiounen, selwer opkomme fir déi verschidde Fraisen, déi se hunn an natierlech, wat hei och an der Konventioun stipuléiert ass, datt an deene Strukturen bei esou Konventiounen ass och an aneren Hotellen an och an de Strukturen selwer vum ONA, well si geréiere jo och Strukturen, do ass ëmmer e Gardiennage sur place, dat heescht am Cottage Hotel ass eng Sécherheetsmann oder eng Sécherheetsfra, deen oder déi während deenen Auerzäiten do sinn.

Déi sinn awer net eleng well dat Ganzt ass jo och ëmmer gekoppelt mat enger Rei Aktivitéiten, déi d'Croix Rouge organiséiert, dofir ass och dee Sall wou hei ugelount gëtt vun der Croix Rouge, déi och eng Rei vu Formatiounen mécht a verschiddene Beräicher vis-à-vis vun eisen ukrainesche Matbierger. Dann, par rapport zu der Madamm Erpelding. Alles dat wat virun der Konventioun ass, dat droe mir zu 100% an den ONA verwalt jo seng eege Strukturen. Hei ass e bëssen eng situation hybride, och an anere Gemengen, wou d'Situatioun eng änlech ass, wou déi Konventioun och zustane komm ass an déi Präisser, déi an der Konventioun sinn, sinn déi wou och virun der Konventioun waren. Do war leider kee Changement gemaach ginn, wat jo generell och gutt ass, well mir engersäits keen Impakt hunn, wien den ONA selektionéiert par rapport zu de Lokalitéiten, déi mir zur Verfügung stellen.

Et ass dofir och gutt, datt d'Croix Rouge do ass, déi si jo och do fir dee ganze sozialen Encadrement. Ech mengen, wann esou eng ONG och déi international Erfahrung huet am Accueil an am Suivi vu Flüchtlingen, datt déi op hiren Knowhow, hei zu Diddeleng awer net nëmmen

zu Diddeleng, och dann un den Dag leeën. Dat waren d'Äntwerten, déi ech konnt ginn op déi verschidde Froen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech wollt nach eemol nofroen: Ass et virgesinn, datt déi Leit temporär just am Hotelzëmmer sinn, well si sech net kënnen selwer bekäschtgen? Oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'Marche de manoeuvre ass limitéiert, si sinn an engem Hotel an si hunn eng Haaptkichen, do gëtt fir si mat gekacht. Natierlech, wann si elo an de Lokalitéite sinn, ech hunn der zwou genannt, wou mir als Gemeng zur Verfügung stellen, do hunn si méi Méiglechkeeten, mir sinn do an engem Hotelbetrib an do sinn eng Rei Reegelen ze respektéieren am Alldag, mee datt si selwer kënnen do an d'Kiche goen a kachen, dat geet net. Ech weess och, datt do mol Saache gekacht ginn, déi hiren lessgewunnechte méi no kommen, dat ass e Kompromëss, deen ze fannen ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass awer elo net ugeduecht, datt déi illimitéiert bei eis am Hotel sinn, dat decidéiert d'Croix Rouge mat hinnen oder?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo genau. Oder ob een erausplënnert well ech weess, datt den een oder anere Kontakt hat zu enger befristeter Aarbechtsplaz fonnt huet mee awer och scho Gedanken, datt ee wëll anzwousch anescht eppes lounen, mee do muss ee kucken ob een déi Méiglechkeet kritt, mee do muss een och kucken, an dat ass ganz begrëssenswäert well dat ass net evident bei all Hotelier. Kënnen mir iwwer déi heite Konventioun ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.6. Approbatioun vum Projet fir d'Extensioun (Pläng an Devis) fir de Bassin de rétention zu Biereng, Rue du Nord (Presentatioun vu BEST Bureau d'Etudes et de Services Techniques)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass de Bassin de rétention, dee mir lech wëlle virstellen hei an do hu mir och Gäscht vu baussen heibannen. Et ass esou, datt mir déi lescht Woch en informelle Gemengerot hatten, wou mir in extenso Virstellungen konnte maachen. Ech wëll nach eemol ganz kuerz hei soen em wat et geet. Et ass esou, datt am Kader vun der Ausriichtung vum neie PAG, mee virun allem mam Projet Neischmelz, dee komme wäert, mir deementspreechend och eise Bassin de rétention müssen ausweiden, eng Extensioun musse plangen. Dat ass eng Obligatioun gewiescht vum Waasserwirtschaftsamt an déi Obligatiounen, déi mir mat hinnen hatten, dat waren zwee Voleten, déi wichteg waren.

Fir deem och kënnen Rechnung ze droen engersäits hu mir missen déi néideg Terraine kafe fir déi Ausweidung virzehuelen an dat hu mir och gemaach. Dir kënnt lech erënneren, datt mir hei am Gemengerot vum 13. Mee dëst Joer vum Här Bierchem an senger Fra eng Rei Terraine kaf hunn, ronn 39 Ar fir och deem kënnen Rech-

nung ze droen an doropshi war ausgeschafft gi fir déi Erweiterung vum Bassin de rétention kënne Rechnung ze droen. Ech mengen, et ass e gudden Invest, dee mir hei kënne maache vu ronn 9,6 Milliounen Euro Euro, ganz genau sinn et 9 575 150 Euro, also ronn 9,6 Milliounen Euro Euro, déi och subsidéiert ginn. Do wollt ech awer kuerz op dee Projet agoen an ech begréissen dofir hei eisen Ingenieur vun der Stad Diddeleng, den Här Krumlovsky, fir kuerz dee Projet virzustellen an da kënne mir eng Diskussioun hei maachen. Merci.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER GEMENG DIDDELENG): Merci, ech géif dann op dee Projet agoen, dee mir schonn eemol am Gemengerot haten, de Bassin de rétention, deen am Norde soll gebaut ginn. Deen ass noutwendeg fir datt Diddeleng ka weider wuessen, dat heescht, all dat Ofwaasser, dat vum Süde bis an den Norde gesammelt gëtt, dat muss dann duerch dee Becke lafen. Dee Becken, dee mir haut hunn, dee bleift a Betrib, mee en ass ze kleng an dat ass d'Ursaach firwat do deen Zousazbecken niewendru gebaut gëtt. Hei ass nach eemol d'Situatioun, wou deen ale Becke steet, dat ass deen doten, an deen neie Becken ass dee wou do dobäikënn. Déi zwee Becken zesummen erginn eng Capacitéit vun net grad 10 000 Kubikmeter an dat ass och geduecht fir déi Europäesch Richtlinnen ze respektéieren, wat d'Flëss an d'Baachen am Land hei uginn, fir déi propper ze halen.

Am Moment ass et esou, wann dee Becken, dee mir hunn, wann deen iwwerleeft, da leeft leider nach vill Schmotzwaasser mat an d'Baach an dat ass eben net ubruecht. Wann deen neie Becken ukënn, hu mir méi eng grouss Capacitéit fir ze pufferen an dann, mat deem Geschéck, ass dann dat Waasser, wat duerno iwwerschwapp, wann en dann nach ze kleng wier, vill méi propper an dann dierf dat och an d'Baach lafen. Also nach eemol, hei sinn d'Ursaachen opgeléicht, firwat dee Becken dobäikënn: Deen éischten, dee mir gemaach hunn, ass 2008 an d'Planung gaangen, en ass och du gebaut ginn an dat ass deen, dee bis haut a Betrib ass. Deen ass mat enger Schmotzberechnung gemaach ginn an du sote mir, wann aner PAPen zu Diddeleng bäikommen, dann ass dee Becken ze kleng an dofir hu mir hei d'Planung vum Büro Best gemaach fir e weidere Becken dohinner ze setzen. Hei ass eemol ugedeit, wéi et fonctionéiert: Dat heescht, d'Waasser leeft fir d'éischt an deen ale Becken a wann deen da voll ass, da schwapp en net iwwer, mee da geet eng Klapp op, datt dat Waasser an den Niewebecke kënnt, deen elo soll gebaut ginn, wann dee gestëmmt gëtt.

A wann deen da voll ass, eréischt da leeft d'Bach iwwer. Dat ass da proppert Waasser, dat ass kee Schmotzwaasser méi. Also nach eemol hei déi wichteg Zuele vun deem Rückhaltebecken, dat mir haut hunn, dat sinn 3 400 Kubikmeter an dann deen neien, deen dobäikënn, deen huet 6 200 Kubikmeter, sou datt mir insgesamt bei bal 10 000 Kubikmeter do leien. Den Duerchfloss, dat sinn 2 328 l/Sekonn, dat ass e Wäert, dee wichteg ass fir d'Kläranlagen, déi och dobäi sinn, eng Stuf bäizebauen, datt net méi Waasser kënnt wéi dat wat si och kënne verschaffen, also d'Schmotzwaasser. Hei ass nach eemol d'Längt agedroen, dat sinn 53 Meter Längt op 29 Meter Breet an déi maximal Einsteigtiefe, wéi dat

op Däitsch heescht, dat sinn net grad 5 Meter. D'Ausstattung, dat ass mat Pompelen, dat heescht, wann de Becken eidel gelaaf ass, wann d'Wiederen eriwier sinn, da gëtt dat Waasser wat nach dran ass, mat Pompelen ausgepompelt an et gëtt der Kläranlag zougefouert. Et sinn dräi Pompele vu jeeweils 160 Liter an der Sekonn, déi mir hei um Bild gesinn hunn, do sinn och déi Spuerstroossen hei, dat sinn all Kéier déi 1,2,3 an 5 dat sinn déi eenzel Spuerstroossen, déi gebaut gi si fir d'Waasser zeréckzehalen. Hei ass nach eemol schematesch duergestallt, wéi d'Waasser an de Floss leeft, mir hunn dat do a bloer Faarf agezeechent, dat ass de Kollektor. Den Challenge bei deem ganze Projet, dat ass, datt mir d'Baach musse provisoersch ëmleede fir kënne d'Schmotzwaasser un deen neie Becken unzeglidderen an duerno d'Baach erëm zeréckbauen. Ech begréissen och den Här Gloden, deen elo agetraff ass, mir waren e bëssen éischter an ech hu mir och erlaabt, mat der Presentatioun unzefänken, Du kanns villäicht nach weiterfuere.

MARC GLODEN (BUREAU D'ÉTUDES BEST INGÉNIEURS-CONSEILS): Gudde Moien, mir haten déi Saache jo wéi mir hei ware virun zwou Wochen, schonn eemol duergaangen. Hei sinn nach eemol déi Bauwierkspläng, ech weess net ob dat elo esou interessant ass, do si ganz vill Detailer dran, wéi och den Här et déi lescht Kéier erkläert huet. Ech denken, dat heiten ass e Plang, do gesäit relativ wat den Här Krumlovsky elo schonn erkläert huet, datt mir den Challenge hu fir als éischt d'Baach ëmzeleeden, dann dat anert Bauwierk ze bauen an dann eben d'Baach nees zeréckzebauen an da mam néidegen Ouvrage unzefänken. Wat hei e bëssen den Challenge ass, ass och dee grouss finanziellen Impakt u sech, de Blindage, dee mir mussen opriichte fir d'Baugrouf kënne auszehiewen. Hei sinn nach eemol e bëssen d'Eckdaten, déi déi lescht Kéier ugeschwat gi sinn. Dat heescht, wann haut dee Projet géif gestëmmt ginn, datt mir da kënne d'Geneemegungen an alles ufroen, wat mir da parat wiere fir d'Soumissioun am Fréijoer 2023 kënne ze lancéieren a plus minus an engem Joer géife mat den Aarbechte lassleeden a wann alles gutt leeft, denken ech, datt mir dann an zwou Joer de Projet iwwer d'Bühn hunn. Ech soen emol esou, et wäerten net esou vill Leit, déi do wunnen, beanträchtegt ginn, also wéi eng Firma Farenzena, déi och do usässeg ass, dat wäert kee grouss Problem sinn, well mir do u sech quasi ëmmer ausserhalb vun der Strooss wäerte schaffen, natierlech ass dat ëmmer mat Kaméidi verbonden, mee ech denken, datt d'Leit awer och wäerte gréisstendeels bei hir Haiser kommen an dat och weider keng Beanträchtegtung wier, och net fir d'Firma Farenzena.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ok, villmools merci fir d'Erklärung, déi Dir eis alle béid ginn hutt, wann elo nach Froen sinn oder Remarquen oder Stellungnamen, d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Froen hu mir keng méi well, an ech muss merci dofir soen, et ass eis alles ganz gutt erkläert ginn, virun allem an deem leschten informelle Gemengerot, wéi de Projet duergestallt ginn ass, all eis Froe goufe beäntwert. E kleng Punkt, deen e bëssen nodenklech

mécht, dat ass, datt déi Konditioun vum Waasserwirtschaftsamt dorop läit, elo hu mir zwee Joer un engem PAG geschafft, wou mir endlech d'Méiglechkeet sollen hunn, et bauen ze loossen, wéi mir eis et virstellen an da muss een sech virstellen, d'Waasserwirtschaftsamt setzt eis Konditiounen, ob mir nach dierfen hei zu Diddeleng bauen oder net. Dat ass e Punkt, deen een e bëssen nodenklech mécht, fannen ech, déi Vollmacht vun der Obregkeet. Elo wollt ech just eent kloerstellen: Doduerch, datt mir dat heiten elo stëmmen an eis Absicht deklaréiere fir deen zweete Becken ze bauen, si mir domadder schonn elo direkt vun der Konditioun vum Waasserwirtschaftsamt entbonnen a mussen net waarde bis deen Dénge fäerdeg ass fir ze bauen. Fir de Rescht ass dat heiten eng wichteg Saach, mir kënnen net anescht well mir kréien et vun uewen octroyéiert, mee d'Duerchféierung ass ganz gutt, dat ass techesch alles op der Héicht. Mir si frou, datt mir hei och kënnen a Richtung vun eiser Ëmwelt e gudde Schratt maachen an natierlech ënnerstëtzt d'CSV dat heiten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler.

SEIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, natierlech wollt ech och am Numm vun eiser Grénger Fraktioun merci soe fir déi ganz explizit Informatiounen, déi mir am informelle Gemengerot kritt hunn. Mir konnten och dee Moment vill Froen stellen a kruten Äntwerten. Ech hätt trotzdeem eng Verständnesfro, wou ech net richteg verstanen hat oder ech weess net ob mir eng konkret Äntwert drop kruten: Wéi ass et hei wann et méi eng laang Zäit net reent an dann op eemol vill reent, well dat ass e bëssen den Dérèglement climatique, dee mir am Moment hunn? Soss weider begrësse mir, datt sou mann ewéi méiglech Knascht an Dreck soll am Dag eralafen, well eis Baach hat eng laang Zäit e schlechten Zoustand a fir ofzeschleissen, natierlech begrësse mir dat, datt mir doduerch wäerte kënnen Diddeleng weider ausbauen. Well - ech ginn elo net op de Problem vun de Logementen an - mee et ass wichtig, datt mir eis kënnen déi néideg Infrastrukture ginn, mee et ass néideg fir dat weider auszubauen an datt Diddeleng weider ka wuessen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Jo, wéi scho gesot ginn ass, hu mir dësse Projet viru kuerzem am informelle Gemengerot am Detail virgestallt kritt. Mir begrëssen, datt de Schafferot sech do u säi Versprieche hält a Projekte vun enger grousser Envergure schonn am Virfeld presentéiert éier et am Gemengerot zur Ofstëmmung kënnt. Mir soen och dem Bureau d'études merci fir d'Presentatioun vun der leschter Woch an och fir haut, et war fir Laie relativ verständlech, dat ass och ëmmer vill wäert, et sinn och ëmmer ganz vill Suen, mee bon, et muss gemaach ginn, dat ass keng Diskussioun. Et wäert och eng grouss Envergure hunn op d'Awunner an der Strooss an Ëmgéigend, mee do muss een derduerch an et ass opwänneg well d'Baach muss ëmgeleet ginn. Ech hunn awer just eng Fro, et schléisst sech e bëssen deem un, wat den Här

Gangler gesot huet: Am informelle Gemengerot huet den Här Krumlovsky op eng Fro vun der Madamm Heinen geäntwert, datt mir net an der Illegalitéit sinn, wéi si mir dann an den nächsten dräi Joer dru, wou dat net fäerdeg ass? Effektiv, déi Fro hat den Här Gangler och gestallt, do géif ech gär wëssen ob mir do Restriktiounen hunn, wat d'Bauen ugeet, oder ob dat dann unerkannt gëtt, datt mir amgaange sinn. Merci.

WALTER BERETTINI (LSAP): Merci fir d'Wuert, léiwe Schafferot a léif Gemengerotsmemberen, mir haten den 21. September an der informeller Gemengerots-sitzung an awer och haut nach eemol d'Geleeënheet, ze héieren, datt dësen neie Baseng e wichtige Bausteen ass am Kader vun der Entwécklung vun eiser Stad, dat besonnesch am Kader vun neie Quartieren, déi nach wäerten zu Diddeleng entstoen. In der Tat ass et absolut kee Luxus, dee mir eis leeschten, mee e Must. Mir wëllen als Diddelenger Gemeng méi grouss ginn an dofir musse mir eis awer och do upassen an eis Stad op de leschte Stand vun der Technik bréngen. Dës Majoritéit investéiert säit jeehier konsequent iwwer dem Buedem an dëst fir datt eis Gemeng gutt opgestallt ass fir deene Saache gerecht ze ginn.

Bei der Erweiderung vum Reeniwwerlaafbecken also d'Extension du bassin de rétention an der Rue du Nord schwätze mir vun engem Investissement vu ronn 9,6 Milliounen Euro Euro, dee mir tätegen, fir en existent Réckhalbecken an Zukunft mat engem neie Becken z'ënnerstëtzen. Well mir hunn dëst Joer gesinn, wéi d'Natur oder de Klimawissel eis viru grouss Erausforderunge stellt, mir hunn ëmmer mat Drécheperioden ze kämpfen, dann op eemol schléit et ëm an et reent ze vill an et kommen Iwwerschwemmungen, wat de System net packt, dofir mussen Infrastrukture gebaut ginn, och wann dat Ganzt säi Präis huet, fir dëst Phenomen ze kontrolléieren an ze kanaliséieren. Mat dësem moderne Bassin de rétention kënne mir dann ab 2025 rechnen a si beschteens gerüst. Jiddefalls steet d'LSAP-Fraktioun voll hanner dem Schafferot fir dës wichtigen Invest ze tätegen. E weidert Zeechen datt dës Gemeng a gudden Hän ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Walter Berettini, gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, géift Dir dann nach op déi Punkten agoen, Här Krumlovsky?

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDEL-ENG): Ech géif vläit op dee Punkt agoe mam Waasserwirtschaftsamt. Also, mir hu virun zwee Joer eng Sitzung mat hinnen a mat hirer Direktioun gehat, wou mir am groussen Gremium waren a mir hu vun hinne gesot kritt, wa mir eis engagéieren als Gemeng Diddeleng fir dat doten ze bauen, dann ass dat kee Problem, an datt mir dann net an der Illegalitéit wieren. Dat ass och dat wat mir gemaach hunn, mir hunn d'Planung vun deem Baseng gemaach a wann en da gestëmmt gëtt an hiergestallt gëtt, da gëtt dat eng Verbesserung mee an der Illegalitéit si mir net.

MARC GLODEN (BUREAU D'ÉTUDES BEST INGÉNIEURS-CONSEILS): Ech géif da vläit nach eemol op déi zweet Fro vun der Grénger Fraktioun agoen, dat war

jo d'Fro wann et laang dréchen ass an da méi hefteg reent oder esou. De Sënn an Zweck vun deem Regen-überlaufbecken, wéi mir et nennen, ass genau dat fir déi Spillstrooss, wéi mir dat nennen, dat sinn u sech déi Oflagerungen, déi mir am Kanal leien hu während enger Drécheperiod, fir do d'Waasser vun engem heftege Reen opzefänken an hei ass et jo esou, datt mir dat besteeënd Becken, dat huet och haut schonn déi Fonctioun, dat heescht dat knaschtegt Waasser - dat huet och haut déi Fonctioun - déi am Kanal sinn, déi ginn an enger éischter Phas hei gespäichert an normalerweis geet dat duer fir dat ofzefierderen a wann da méi Waasser kënnt wéi d'lescht Joer dat virgesi war, da gëtt hei dee Schiber eropgemaach an da gëtt dat neit Becken, dat mir elo wäerte baue fir dann deen nächste Volume u sech mat opzehuelen. Dat heescht, dat ganz Waasser an déi ganz Oflagerungen, déi ginn u sech ëmmer an enger éischter Phas, wou et da méi laang reent, do ass d'Waasser dann esou verdénnt, datt et och nees kann an d'Baach ofschloen, et gëtt ëmmer an deene Becke gesammelt an herno nom Reen an d'Kläranlag weitergeleet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall da gi mir zum Vott iwwer wien ass mam Projet a mam Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech merci a mir kënnen da weider Demarchen aleede fir dee Projet an Ugrëff ze huelen. Merci och dem Här Krumlovsky an dem Här Gloden fir hir Presenz an d'Erklärungen.

3.7. Schoulspueren – Nei Festsetzung vum Betrag, deen d'Stad Diddeleng all Schoulkand zoudeelt

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass d'Epargne scolaire, an do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo dat heiten ass am Fong just eng Augmentatioun, déi mir misste stëmmen, bis elo hu mir ëmmer 25 Euro bäigeluecht als Gemeng, dëst Joer sinn et der 30, a mir mussen dat hei stëmmen. Dat ass wann d'Kanner an d'Schoul kommen, da kréien si e Spuerbuch, awer dee Chiffer, dee mir elo dran hunn, deen ass wäit erofgaangen, et ass elo net méi esou wéi fréier mat der Spuerbéchs, wou all Mënsch säi Spuerbuch huet. Mir hunn eng Erhéijung ginn als Gemeng a mir hoffen, datt d'Leit dohinner ginn dat Spuerbuch och sichen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane Di Bartolomeo-Ries.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, et ass e bësse cocasse, et ass jo kloer, datt mir eropginn, mee wann ech kucken, an der Decisioun 2009, do hate mir 25 Euro pro Kand ginn, do hate mir e Budget vu 5 750 Euro an elo gi mir 30 Euro pro Kand an elo hu mir 4 000 Euro. Ass dat doduerch well effektiv d'Leit dat leider net wëssen? Muss een do och eng Campagne maachen? Bon, e Spuerbuch ass villäicht net méi esou an de Käpp vun de Leit wéi fréier, mee et ass awer net näischt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech hat och eng Fro déi geet an déi selwecht Richtung. Ech wollt froen, wéi d'Leit gewuer ginn, datt et esou Subventiounen oder Aidë ginn, ob d'Eltere mussen eng Demande maachen, a kréien d'Kanner dat iwwerweisen oder d'Elteren? A villäicht en Denkustouss, et ass jo e bëssen esou, am Moment schwätze mir vun der Giesskannenpolitik an hei ass och eis Fro: Wier et net villäicht interessant fir méi sozial Kritäre mat anzebréngen an iwwer den Office Social deene Leit, déi méi am Besoin sinn, méi Suen ze ginn ewéi déi wou genuch hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, effektiv, wéi ech dat gelies hunn, hunn ech mech dorunner erënnert, wéi dat flott war mat de Kanner mat der Spuerbéchs an dat war e flotte Moment an et ass iergendwéi schuet well dat de Kanner d'Valeur vun de Sue méi no bruecht huet, elo ass dat op engem Spuerkont an d'Leit mussen sech beméie fir se ze kréien an, jo, gutt, déi Zäite sinn elo leider laanscht, ech hu just, obwuel, et weess ee jo ni, villäicht kann een dat erëm aféieren, dat war wierklech en immens flotte Moment wann d'Klassen do alleguerten higaange sinn. Ech hu just eng Fro: Firwat ass et retroaktiv op dat lescht Schouljoer a firwat net eréischt ab elo? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ech wëll just op e puer Bemierkungen agoen. Dat heiten ass eng Aktioun vun der Spuerkeess an et ass net esou, datt d'Gemeng ka soen, elo promouvéiere mir d'Spuerkeess. Mir participéieren un enger Aktioun, déi eng Bank mécht, mir ginn do eppes, mee mir kënnen do net soen, elo applizéiert hei sozial Kritären an dat ass net un der Gemeng, dat ass eng flott Saach. Datt d'Leit net méi op d'Bank ginn dat Spuerbuch sichen, do hu mir leider keen Afloss drop. Zu der Madamm Erpelding mir hunn dat gehuewen, mee dat war nach net am Gemengerot dofir ass dat haut eréischt dran, well mir déi am Budget elo ausginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt da géif ech soen, datt mir hei ofstëmmen, wien ass mat der Erhéijung averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.8. Modifikatiounen vum Kapitel XXI – lessen op Rieder vum allgemenge Steierreglement.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir weider vun de ganz Jonken bei déi e bësse manner jonk. René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Oh, dat muss net sinn, dat kënnt op d'Situatioun un. Dir hutt an Ären Ënnerlage gesinn, datt Servior eis an engem

Courrier vum 31. August matgedeelt hunn, datt se wëlle hunn hir Präisser ze erhéijen. Si referéieren sech dann dorobber, datt si och net verschount bleiwe vun der aktueller geopolitescher Kris, respektiv der Deierrecht vun de Produiten, dem Coût de production an der Livraison vun de Produiten, esou datt si da mussen hir Präisser erhéijen. Hiren ale Präis war 11,35 Euro fir de Repas, dee geet op 12,01 Euro erop an den Transport war 4,31 Euro an dee geet op 5,40 Euro erop, dat heescht, de Gesamtpreis wier dann elo 17,41 Euro wou Servior eis freet. Dir wësst, vum Repas sur roues profitéieren tëscht 90 an 100 Leit de Mount an déi Zuel bleift stabil.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci sinn do Remarquen oder Froen, nee, kënne mir dann ofstëmmen? Wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.9. Festleeë vum Steiersaz vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir iwwergoen op d'Festleeë vum Steiersaz. Wéi all Joer mussen mir fir d'Joer 2023 schonn esouwuel Gewerbesteier wéi och den Impôt foncier fixéieren. An deem Kontext hate mir och den 19. September eng Finanzkommissioun, wou dat um Ordre du jour war, do war engersäits wat Gewerbesteier ugeet, datt do duerch d'Gesetz eng Forschet definéiert ass tëscht 235 an 350% a mir si scho säit ville Joren ëmmer um Maximum, dofir wier dann d'Propos, datt mir bei deenen 350% bleiwen. Gutt, da proposéieren ech, datt mir doruwwer ofstëmmen. **Dat ass unanime.** Merci.

3.10. Festleeë vum de Gemengesteiersatz fir d'Grundsteuer fir d'Joer 2023

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da maache mir dat selwecht mat der Grundsteuer, de sougenannten Impôt foncier, och dat war eng Diskussioun an der Finanzkommissioun do ginn et verschidde Kategorien:

- Kategorie A - propriétés agricoles et forestières: 500%
- Kategorie B1 - constructions industrielles ou commerciales: 750%
- Kategorie B2 - constructions à usage mixte: 500%
- Kategorie B3 - constructions à autre usage: 250%
- Kategorie B4 - maisons unifamiliales et maisons de rapport: 250%
- Kategorie B5 - immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation: 500%
- Kategorie B6 - Terrains à bâtir

Do ware mir am Fong d'lescht Joer vu 600% op 800% eropgaangen, wéi mir Diskussioun an der Finanzkommissioun hatten an duerch deen Echange, dee mir dëst Joer hatten, dofir dann direkt adaptéiert nach eng Hausse op 1000% wat de B6 ugeet, datt mir do de Message vum liichten Drock hunn, dee mir d'lescht Joer annoncéiert hatten an attendant vun der Grundsteuer an Spekulationssteuer a Kraaft kann trieden, dëst gesot ass d'Diskussioun hei op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): De B6, deen do gehéicht ginn ass, dat hate mir an der Finanzkommissioun, an do war effektiv eng kleng Diskussioun entstanden iwwer de Montant, dat war en Ennerscheid am Verständnis zu deem wat mir d'lescht Joer gesot hatten. Mir hatten dat d'lescht Joer gehéicht a gesot, mir géife lues a lues op e Montant kommen, dee méi héich ass. De Schäfferot hat virgeschloen, op 800% ze bleiwen, mee an der Kommissioun ass awer virgeschlo ginn, datt, wa mir reegelméisseg wëllten eropgoen, wéi mir et d'lescht Joer verstanen hatten, da wier et villäicht besser, elo direkt en Zeechen ze setzen an nach eng Kéier méi héich ze goen, an dofir hu mir eis du géeneegt op déi 1000%.

Et muss ee soen, datt mir wierklech wëllen en Zeeche setzen an der Spekulation op Terrainen wëllen en Enn setzen, well eise PAG, dee mir elo en vigueur hunn, huet haaptsächlech drop bestanen, datt besteeënd Bauflächen elo solle méiglechst séier a méiglechst grëndlech bebaut ginn an datt mir keng eidel Fläche solle behalen. Well mir hunn decidéiert, de Bauperimeter bis op e puer Ausnamen net z'erweideren an doduerch an eiser Uertschaft ze verdichten, wou mir nach Baufläche leien hunn. Mir verstinn natierlech, wa Leit en Terrain hunn, deen se wëllen hale fir hir Nokommen, dat ass an der Rei, mee et si vill Terrainen an Diddeleng, déi spekulativ sinn an do wëlle mir och, datt eis lidd vum PAG gräift an datt déi Fläche séier fräi ginn, fir se ze bebauen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, jo, wéi all Joers si mir erëm gefrot fir den Tarif vun der Grundsteuer festzeleeën. Mir wëssen, datt d'Grundsteuer op de Wäert vum Objet gerechent gëtt an des Wäerter säit dem 2. Weltkrich net méi adaptéiert gi sinn. De Staat ass amgaangen domadder, dat ze reguléieren, awer dat schleift immens a mir kënne just alleguerten hoffen, datt dat geschwënn anescht gereegelt gëtt. Deen Tarif, deen d' Leit am meeschten interesséiert, ass de B6. Just fir kuerz z'erklären nach eemol, d'Kategorie B6 bezitt sech op Bauterrain, dee brooch läit.

Ech hu schonn d'lescht Joer op dëser Plaz an an deem Kontext drun erënnert, datt mir net méi nëmmen zu Diddeleng mee am ganze Land e grouse Wunnungsproblem hunn an da kann et net sinn, datt Bauterrain net bebaut gëtt, ob dat aus Spekulations- oder aneren Zwecker ass, op e Bauterrain soll a muss gebaut ginn a wien dat net mécht, muss besteiert ginn, egal wien et ass. Et gi leider net vill Gemengen, déi sech eppes trauen an deem Beräich hei am Land, ech zielen awer als Beispill Dikrech mat 15 000 % op a Schëffleng mat 4 000 % ech weess Dikrech ass um Gericht dowéinst, dat mussen mir net widderhuelen, mee mir wëssen nach ëmmer net wéi et do ausgeet, dat heescht ëmmer nach ofwaarden.

Wéi scho gesot ginn ass, ass den Tarif d'lescht Joer vu 600 op 800% eropgesat ginn an entgéint deem wat ech gemengt, nämlech dass mir gesot hu mir géifen automatesch eropgoen, hate mir effektiv an Aussiicht gestallt all Joers nei iwwer eng Erhéijung ze diskutéieren. D'lescht Woch an der Finanzkommissioun huet den Här

Buergermeeschter dann e Status Quo vun 800% virgeschloen, also do wou mir scho ware säit dem leschte Joer an als Verriederin vun déi Lénk hunn ech d'Diskussioun ugestéppelt an eis Fuerderung vu 15 000%, déi mir säit Joren net nëmmen hei zu Diddeleng verrieden, erëm eemol gestallt. Et ass dunn iwwer eng kleng Erhéijung op 1 000% geschwat ginn, déi och haut proposéiert gëtt, mat där all d'Parteien heibanne konnten zefridden sinn, ausser déi Lenk. Ech hunn dozou gemengt, datt awer misst e richtig staarkt Zeeche gesat ginn a vun 800 op 1 000%, dat ass kee staarkt Zeechen an ech hunn net just eng minimal mee eng anstänneg Erhéijung gefrot.

De Buergermeeschter huet do ganz ironesch gemengt, déi Lénk géife proposéieren, eropzagoen an dann awer souwisou net matstëmmen, ech muss deem e bësse widdersprieche, well hätt d'Majoritéit an och déi aner Parteien heibannen de Courage a wéilten e kloert Zeeche setzen, datt Bauterrain muss bebaut ginn an net brooch leien där, da géifen déi Lénk dat och matstëmmen och wann et da net grad 15 000% dee Moment wieren. Allerdéngs, esou eng minimal Erhéijung vun 800 op 1 000% kënne mir net matdroen an dofir wäert ech mech do och enthalten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also hu mir Recht behalen. Villmools Merci Madamm Erpelding. D'Madamm Ahmedova huet d'Wuert.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, ech schléis se mech menge Virriedner u bei allem wat se gesot hunn, ech wäert elo net widderhuelen, firwat dat gutt wier, datt mir dat Ganzt sollen eropsetzen. Ech muss och effektiv op dëser Plaz betounen, datt ech och mat der Iwwerleeung verbliwwe sinn, datt mir d'lescht Joer gesot hunn, datt mir sollen dat Ganzt automatesch eropsetzen. Anscheinend war et jo net esou, anscheinend war den Automatismus an der Diskussioun, wat och ze begrëissen ass, dofir si mir jo och hei an déi 1 000%, dat ass e gudde Schratt no fir, mee wéi d'Madamm Erpelding och gesot huet, eis Nopeschgemeng Schëffleng ass vu 400 op 4 000% eropgaangen, dat ass méi e richtig Zeechen, wéi just op 1 000%.

Mir wäerten dat trotzdem natierlech matdroen an - wéi gesot - ech wëll mech net widderhuelen, mee et ass eis wichteg, datt mir e staarkt Zeeche setzen, fir d'Spekulatioun endlech ze plafonéieren oder opzehalen an ech fannen, et soll een eng Politik maachen, wou et net vun uewen erof kënnt, mee et soll een eppes maachen, wat d'Leit motivéiert fir Terrainen ze mobiliséieren an eppes mat hiren Terrainen ze maachen, well mir an enger Logementskris sinn a mir kréien se just bewältigt wa mir matenee maachen an net déi eng profitéieren an déi aner blockéieren. Merci fir d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, all Joer setzt de Gemengerot d'Erhéijung vun der Grondsteuer fir dat kommend Joer fest, dofir setze mir jo elo hei. D'Besteuerung vun Immobiliebesëtzer, Terrainen an Haiser ass eng traditionell Einnam fir d'Gemeng. Si stellt awer haut

just nach e ganz klengen Deel vum Einnahmebudget vun der Gemeng duer, déi haaptsächlech duerch en Undeel vun den Staatssteiere gespeist gëtt. Deemnächst soll vun der Regierung eng wichteg Reform op de Wee bruecht ginn, déi d'Berechnungsbasis vun der Grondsteuer am Land aktualiséiert a méi richtig mécht. Nëmme wann d'Berechnungsgrondlag vun där Steuer der Realitéit entsprécht kann se och zilgerecht agesat ginn. Den neie System wäert awer eréischt 2024 a Kraaft treden. 2023 ass also en Auslafjoer vun deem besteeënde System, dofir bréngt et och net vill fir dat viraussichtlech lescht Joer fundamental Changementer vun der Tauxe virzehuelen. Trotzdem mécht et an den Ae vun der LSAP Sënn fir weider Adaptatiounen vum Steuersaz virzehuelen, vun der Kategorie vun de Bauterrainen, der Kategorie B6 déi jo hei am meeschten diskutéiert gëtt.

Fir dëst Joer war de Multiplikatiounstaux vu 600 op 800 Prozent eropgehewe ginn, dee soll elo nach eemol gehéicht ginn op 1 000 Prozent. Dat ass e kloert Signal an Notzung vu Bauterrain fir d'Offer vun de Wunnengen eropzesetzen an esou d'Präisser eropzedrécken. Op der anerer Säit mécht et awer och nëmmen 1,2% méi Einnamen aus. Et geet hei net drëm, Courage ze weisen, mee et geet drëm, effikass Instrumenter ze hunn an dat kënne mir nëmmen um nationale Plang fäerdeg bréngen. Leider sinn sech och hei elo keng Wonner vun sou enger Erhéijung ze erwaarden soulaang de Bauterrainspräis vu Joer zu Joer weider klëmmt. Ob mir dat elo vun 1 000% op 5 000% héijen, op 10 000%, soulaang de Bauterrainspräis vu Joer zu Joer méi e grouse Gewënn verspricht wéi dat wat erakënnt iwwer d'Steieren, ass et de Spekulant zimmlech egal, dofir müssen op nationalem Plang Schrauwe gedréint ginn, fir datt deem en Enn gesat gëtt. Et huet awer e symbolesche Wäert, deen an dësen Zäite vu Wunnengsknappeheet wichteg ass an dofir steet d'LSAP natierlech hei voll dohannert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kohn fir Är Stellungnam. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, ech ginn op e puer Saachen an. Och wa mir hei de Message maachen an erhéijen op 1 000% wäert - wéi d'Madamm Kohn och gesot huet - d'Gemengekees net iwwerlafen, well natierlech déi Bas, déi geholl gëtt, d'Base ass vun 1941 an am Kader vun enger Reform, déi virun der Dier steet, do och ganz aner Valeure geholl ginn, notament hu mir eben och - wéi den Här Gangler gesot huet - hei déi Valeure geholl fir d'Stad Diddeleng, déi och am PAG ausgewise ginn, wat Terrain ass, dee bebaut gëtt.

Et kann een ëmmer allgemeng virféieren, hei ass den Numm vun enger Südgemeng gesot ginn, niewent enger Nordgemeng, wann ech awer kucken, wéi déi Tauxe waren an anere Gemengen hei am Süden, da si mir d'lescht Joer an och dëst Joer largement méi wäit mat deenen 800 respektiv 1 000% wéi eng Rei aner an och gréisser Südgemengen hei an der Regioun an do si verschidder bei 340% an anerer bei 500 anerer bei 450 oder 400%, also weise mir hei eng ganz kloer Hausse.

Et kann een sech natierlech ëmmer un enger Gemeng orientéieren, et kann een awer och kucken, wat generell sech am regionalen Ëmfeld deet an do ware mir mat

eisen 800% an och elo mat eisen 1 000% si mir do alignéiert mat Gemenge wéi Beetebuerg an och Réiser an ech mengen, do kucke mir da fir d'Joer 2024 ob mir dann nach eemol eng Hausse maachen oder kucken, wéi d'Diskussioun leeft ronderëm déi national Grondsteuer an d'Spekulationssteuer, déi wäerten agefouert ginn, respektiv dann och e Package ass, dee soll ëmgesat ginn.

Dëst gesot géif ech proposéieren, datt mir op de Vott iwwee ginn: **Wien ass mat de proposéierten Tauxen, net nëmmen de B6, mee déi generell Tauxen averstannen? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Gréng an eisen Onofhängege Member. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk.** Merci villmools.

3.11. Approbatioun vun de Modifikatiounen vum uerdentleche Budget fir d'Joer 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Da ginn ech op den nächste Punkt iwwee, datt sinn d'Modifikatiounen vum eisem ordinäre Budget, datt ass déi klassesch Liste modificative wat den ordinäre Budget ugeet, déi mir hei och virstellen. Ech géif op d'Recetten op där enger Säit agoen, d'Recetten déi mir méi erakritt hunn, wéi déi wou am initiale Budget ageschriwwen waren, respektiv d'Depensen, déi méi sinn ewéi déi wou am initiale Budget ageschriwwen waren an am ordinäre Beräich, do hu mir engersäits natierlech och méi Recetten erakritt wat de Loyer ugeet ronderëm Geschäftslöcher, déi mir ugelount hunn, do hu mir engersäits Recetten awer och méi Depensen, well mir an d'Locatioun an d'Sous-Locatioun ginn, datt ass dann de Volet Recetten an Depensen, deen hei spillt.

Da krute mer och nach eemol e Remboursement vum CIGL vu ronn 76 000 Euro. Dann de Staat, deen eis nach eng Kéier gutt 364 000 Euro gëtt wat den Enseignement musical ugeet. Dann hu mir awer och nach 35 000 Euro wat eis Wunnengen ugeet vum der Gemeng an och europäesch Subsidien am Kader vum Projet Internetstuff. Dat sinn op där enger Säit d'Recetten, déi mir méi hunn, datt si méi Recettë vun 954.970,35 Euro. Dann, bei den Depensen, do hu mir engersäits Frais d'hébergement fir d'Ukrainer, datt ass eng Depense vun 200 000 Euro, déi mir och manner hunn, mir hu jo och d'Konventioun guttgeheescht, datt ass eppes wat hei ewechfällt.

Ech si virdrun och op de Loyer agaangen, dee mir och méi kruten, mee wat zimmlech substantiell ass an deem hu mir probéiert Rechnung ze droen, well mir méi Depensen hu vun 1 542 325 Euro, ass virun allem déi Previsiounen, déi mir dragesat hunn, datt sinn Estimatiounen, wat d'Deierecht ugeet vum Elektresch, vum Gas an och vum Tanken, also respektiv déi dräi Volet par rapport zu de Präisser, déi de Moment um Marché sinn. Och eis Gemengegebaier, wéi gesot, déi mussen och dat kënne matdroen a vun deene ronn 1,6 Milliounen Euro Depensen, déi mir hei hunn, déi mer zousätzlech hunn, ass gutt 1,1 Millioun Euro reng nëmme wat déi Präisdeierecht ugeet un den Energiepräisser.

Wa mir dat géifen erausrechnen, da wiere mir an normalen Zäite wéi déi Jore virdrun, dann hätte mir en Iwwerschoss vun enger hallwer Millioun Euro, wat jo am

Fong weist, datt mir do ganz gutt leien an normalen Zäiten, mee et weist awer, datt natierlech déi Präisdeierecht, déi mir hei mat eranhuelen, déi mécht vun den Depensen, déi mir méi hunn, ronn 70% aus. Datt ass am Fong e konsequente Montant. Ob dat herno reell och sou ass, ass eng aner Saach, mee mir mussen eis do déi Kreditter ginn, fir do kënne matzehalen, och fir déi néideg Suen ze hu fir Gas, Elektresch an och eise Fuerpark, deen am Alldag am Asaz ass, fir do déi néideg Kreditter ze ginn als Gemeng, fir och dat kënne ze assuréieren.

Déi Jore virdrun war dat net de Fall, do hate mir en Iwwerschoss, mee sou, datt mir da fir dësse Liste modificative eng Depense hunn am ordinäre Beräich vu reng 617 354 Euro, mee dat ass maassgebend wéinst der Präisdeierecht, déi mir hei effektiv musse consideréieren. Datt sinn déi Erklärungen, déi ech wollt ginn zu der Liste modificative, wéi Dir se hei erëmfant.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass wéi Dir sot, et ass d'Präisdeierecht, déi hei zouschléit an, wéi gesot, déi betrëfft net nëmmen eis mee all d'Bierger dobaussen an ech sinn och gespaant ob Äntwerte vun de ganz pertinent Froen vun déi Lénk, déi herno nach diskutéiert ginn déi och an déi Richtung eng Reaktioun erwaarden. Ech hunn e puer Detailfroen hei zu der Opstellung, éischters fält op, datt de Renforcement temporaire vum dem Personal, dee geet relativ substantiell an d'Luucht vun 12 500 Euro ware virgesinn datt ass op 17 500 Euro dobäi komm, datt ass op 30 000 Euro erop gaangen, datt hu mir méi wéi verduebelt, ech huelen un, datt dat éischter Maison relais an esou weider ass, mee et ass wichteg ze wëssen, wat do kënnt a wat ass do en neie Moment, datt dat do esou an d'Luucht geet par rapport zu dem wat mir virgesinn haten. Eng aner Fro déi ech hunn ass de Contrat de maintenance - entretien des horodateurs, do kommen och nach eemol 10% méi Frais dobäi wéi mir ugeduecht hunn do ass och d'Fro firwat ass dat esou well ech mengen dat hate mir awer alles, mir wësse jo, wéi vill Horodateure mir hunn a mir wësse jo och, mir hunn do e Kontrakt mat där Firma, firwat ass deen elo méi héich, oder hu mir do kee Contrat fixe oder gëtt dat pro Reparatur oder Entretien, wat weess ech, extra berechent?

Dann eng Fro, déi och relativ vill ausmécht, par rapport zum ganze Volume mécht et net vill aus, mee par rapport zu dem Punkt Frais de gardiennage vun der Piscine, dee war mat 25 000 Euro ugesi ginn an deen ass ëm 12 500 Euro erhéicht ginn an elo si mir do bei 37 500 Euro, do ass och d'Fro firwat ass dat esou?

Ass méi Personal agestellt ginn, well et huet een d'Gefill gehat, an der Piscine si vill Gardiene ronderëm gaangen. Firwat huet sech dat néideg erweisen, datt mir do nach Leit nobestallt hunn oder déi Zäite vum Gardiennage ausgeweit hunn? Dann ass et esou wéi de Buergermeeschter gesot huet, datt meescht mécht de Gas aus an d'Elektresch an och an eisen Haiser de Gas-Supplement den ass hei festgesat mat 316 000 Euro an d'Elektresch mat 830 000 Euro datt ass schonn impressionant wat mir do mussen noschéissen oder no an eis Previsioun mussen erasetzen.

Wat ech awer bëssen onlogesch fannen, wann een dann déi eenzel Poste kuckt wat d'Elektresch ubelaangt do ass zum Beispill bei de Maison relaisen, do sinn d'Stroumfraise praktesch verduebelt agesat ginn an an anere Gebailechkeeten net. Firwat ass dat bei de Maison relaisen esou héich ugesat ginn oder wat erwaart Dir lech do oder ass dat well mir do net wëllen Aspuerung maachen? Dat ass e bëssen onlogesch. Natierlech, de Carburant vun eise Gefierer, vun eisen Autoen a Camionen do sinn 95 000 Euro méi agesat ginn, dat ass och schonn impressionant och do villäicht mol kucken et war och diskutéiert gi mat eise Camionen, mat eise Poubelle-Service, villäicht kann een déi anescht dréine loosse, datt ee villäicht manner Camionen am Émlaf huet, datt een d'Auerzäit e bëssen ausdeent, do si jo och Usätz gewiescht déi och an der Klimagrupp diskutéiert gi sinn, wéi een do ka spueren. Wat mech e bësse frappéiert huet, dat war virun allem d'Fraise vun der Cogeneratiounsanlage, déi war mat 210 000 Euro ugesat ginn an do sinn elo 325 000 Euro ugesat, wat jo awer en nette Surplus bedeit, et muss ee jo och bedenken déi Suen déi mir musse méi bezuelen déi mussen d'Leit am Brill jo och méi bezuelen an elo ass et do esou mir hunn do déi Pellets- Heizung gemaach do hu mir eis jo awer och erhofft, éischters aus Ökologescher Sicht déi ëmgestallt gouf op Pellets an elo gëtt erëm ugeduecht fir se nees op Elektro ëmzestellen. Wann ech awer elo kucken, datt mir als Gemeng 830 000 Euro méi un Elektreschfrais anesetzen, dann ass virauszegesinn, datt dat och net manner gëtt.

Wat awer e wichtege Punkt ass, datt mir einfach mol eis iwwerleeë fir insgesamt méi anzespueren, dat ass ganz kloer, mir musse kucken a wéi eng Richtung mir ginn. Et war jo ugesat ginn an eiser leschter informeller Sitzung, wéi kënne mir Energie spueren an eiser Gemeng? Ech denken, et si vill Pisten ugeduecht ginn, Bewegungsmelder an de Schoulen, sou datt d'Elektresch och ausgeet wa keen am Gebai ass, mee och op der Place publique kann een do flott Schalteren anesetzen, déi just ugin, wann ee laanscht geet an déi modern Schalteren, déi hautdesdaags entwéckelt ginn, déi ënnerscheeden ob eng Katz laanscht leeft oder ob Leit laanscht ginn, dat ass och eppes wat wichteg ass an et war ganz interessant. An, mir haten eng Porte ouverte am Innovation Hub hei bei eis zu Diddeleng, wou ganz vill interessant Start-upen si mat Ekotechnologie a wann ee mat deene Leit schwätzt, déi hu vill Léisungsvirschléi, dat alles baséiert op Artificial Intelligence, wou s de vill méi zäitno kucke kanns, wéi de Verbrauch ass a wou s de och reagiere kanns op verschidde Saachen an ech denken, datt et och ganz wichteg ass, datt mir grad als Diddeleng am Fong, mir si jo stolz op eisen Innovation Hub, mee datt mir och dovunner profitéieren, datt déi esou no vun eis sinn an datt mir do an déi Richtung ginn, fir nach méi intensiv mat deene Leit ze schaffen.

Well dat war wierklech en AHA-Erlebnis och fir esou e Laie wéi mech, wat fir Méiglechkeeten een haut schonn huet fir de Waasserverbrauch ze limitéieren an den Toiletten oder esou oder eben déi Bewegungsmelder an da ginn et intelligent Schaltauerer, Thermostater an do muss vun der Gemeng nach e méi groussen Effort gemaach gi fir op déi Pisten, déi ugeduecht sinn an déi och schonn um Dësch leien an déi ee kann direkt notzen,

datt mir eis déi zeguttkomme kënne loosse. Well et ass wéi den Här Buergermeeschter et seet, d'Präsideierecht geet u kengem laanscht, och net un eis, an do muss een an déi Richtung méi proaktiv denken. Mir hunn de Budget vum Klimafong, do hu mir eng Cagnote vun 3,5 Milliounen Euro ech denken, dat ass esou ugeduecht, datt een dee ka benotze fir esou Investor an LED-Luuchten oder eben intelligent Schaltauerer kann dofir eppes aus dem Fond eraushuelen.

Also, wéi gesot, mir mussen an den saueren Appel bäissen an dat heissen stëmmen, mee et soll och en den Ustouss sinn, datt mir an déi richteg Richtung ginn an nach méi proaktiv probéieren, d'Sourcen ze schützen, de Verbrauch vu Gas an Elektresch ze reduzéieren an dann och eemol eng Reflexioun maachen iwwer d'Cogeneratiounsanlage. Do muss ee kucken, a wéi eng Richtung ee geet an ech hoffen och nach ëmmer op déi nei Technologien sief et Solarenergie a mir hunn och nach ëmmer eis Geothermie, wou mir nach ëmmer hoffen, datt mir do iergendwéi e positive Feedback kréien, wéi et herno soll sinn op Neischmelz well mir wëllen do en ekoneutrale Quartier bauen. Mee wann ech elo kucken, wéi déi Fraisen hei sinn a wa mir do net mat der Geothermie an der Solarenergie op e gréngen Zweig kommen, da gesinn ech schwaarz wat dee ganze Quartier an och Diddeleng ubelaangt an och wat d'Leit virun allem ugeet, déi a schlechte Situatiounen sinn an och wierklech oft d'Enner net méi zesummekréien. Herno kréie mir och nach d'Äntwert vun de Froen vun de Lénken an deem Zesammenhang. Wéi gesot, mir mussen dat matstëmmen, mee mir sinn net ganz begléckt, mee warscheinlech souwisou keen hei um Dësch. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, jo et ass éischer eng Fro, also mir hu gesinn, datt d'Käschten eropgaange sinn, zumools an der Elektrizitéit mee dat ass bestëmmt duerch Energiekäschten Allgemeng an et konnt ee feststellen, datt bei de Maison relaisen d'Elektrizitéit vun 30 000 verduebelt gouf op 60 000 Euro an am Verglach mat de Schoulen si mir bei 140 000 Euro an do hu mir der just 10 000 Euro dobäi kritt. Gëtt et dofir eng Erklärung?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Waren dat Är Froen oder sinn nach Saachen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech hu just kuerz Saache preparéiert, mee et huet kee Wäert, iergend eppes ze widderhuelen, ech ka mech der Madamm Kayser uschlëssen an et muss een net déi selwecht Remarque a Froen nach eemol widderhuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi verschidde Remarquen a Stellungnamen, ech wäert elo net hei aushuele fir op alles wat mir alles vu Mesuren och intern mat eise Servicer geholl hunn, anzegoen, mir hate jo hei d'Diskussioun fir ze kucken fir Aspuerungen och als Gemeng ze maachen, engersäits mam Appell un d'Bierger a Biergerinnen a Stéit fir Aspuerungen ze maachen, an anersäits ass et och wichteg, datt mir dat als Gemeng maachen a mir

hunn natierlech och gekuckt, wou mir an eise Gemeengebauer, respektiv och wat d'Belichtung ugeet, wat do déi néideg - respektiv och am Sportsgebaai - wat do déi néideg Efforten sinn, déi mir kënnen maache fir do effektiv Reduktiounen virzehuelen. Dat zu der genereller Remarque. Nach fannen ech et wichteg, datt mir an deem Sënn eng Rallonge virgesinn an och stëmmen an op der anerer Säit musse mir et maachen, well eis Gemeengebetriber weider fonctionnéiere musse fir d'Déngschtleeschunge weider kënnen ze garantéieren vis-à-vis vun eise Bierger a Biergerinnen.

Wat Dir hei virfannt vu Rallongen, déi proposéiert ginn, dat sinn och Estimatiounen op Erfahrungswärter, déi eis Servicer an de verschiddene Gebaier maachen. Et muss ee wëssen, eng Schoul ass manner energieintensiv wéi eng Maison relais, wou och eng Kichen ass, wou Saachen opgewiermt ginn, dat sinn aner Realitéiten, dofir ass do och de Verbrauch méi grouss en fonction vun de Besoinen an dofir muss dat och virgesi ginn. Dat ass - mengen ech - e bëssen dat wat d'Madamm Ahmedova respektiv och d'Madamm Kayser vu Remarquen a Froen hat, och deene Gegebenheete muss ee Rechnung droen. Par rapport zu deenen anere Froen, déi hei gestallt goufen, firwat huet dat bei Indigo e bësse méi kascht? Majo, ganz einfach, well déi App Opngo vill méi genotzt gëtt, wat jo engersäits och positiv ass, datt méi Leit se notzen an awer och Fraisen op eis zeréckfallen, déi e bësse méi héich sinn.

De Renforcement temporaire vum Personal, dat ass net nëmmen an der Maison relais, dat sinn déi sozial Mesuren, déi mir och geholl hunn, wou mir Leit ënner d'Ärem gräifen. Och dat repertoriéiert sech hei erëm an dat huet och ze di mat Frais de gardiennage an der Schwämm, dëst Joer war d'Schwämm zimmlech vill sollicitéiert ginn a mir hunn och misste méi Sécuritétsleit astellen, bausse vun der Schwämm awer och an der Schwämm fir effektiv bei deem Succès, deen se hat, och kënnen déi néideg Uerdnung ze gewährleeschten.

Dann, d'Cogeneratioun ass natierlech méi deier well mir och dohinner gaange sinn an ëmgeswicht si vu Gas op Pellets Dir hutt et all matkritt, datt och d'Pellets méi deier gi sinn, net nëmme Gas, Elektresch an Tanken, mee och d'Pellets an dem musse mir hei och da Rechnung droen. Dat wat d'Madamm Kayser gesot huet, datt den Tour, deen eis Servicer solle maachen oder Camionne maache fir d'Dreckschächten eidelzemaachen, dat hu mir - mengen ech - schonn op e Maximum optiméiert, déi doten Diskussioun ass scho gefouert ginn, mat de Servicer, datt mir dat méi rationell a méi effizient uginne, scho virun der Kris, dat sinn am Fong Diskussiounen, déi mir schonn eng Rei Jore gefouert hunn an déi och deementspreechend ëmgesat ginn.

Dofir probéiere mir jo och op der anerer Säit do wou et méiglech ass, de Fuerpark vun der Gemeng ze erneieren an souvill wéi et geet ob zum Beispill Elektroautoen oder -Camionnetten ëmzeklappen, wëssend awer och, datt do d'Elektresch méi deier gëtt, mee bon, dat ass eben déi Situatioun an där mir eis hei befannen. Den Appell fir mam Innovation Hub weider méi verstärkt zesummenzeschaffen, huelen ech gären op, betounen awer hei, datt mir mat de meeschte Start-upen hei scho jo-

relaang zesummeschaffen an dofir hei ze soen, méi e groussen Effort, dat well ech hei e bësse revidéieren, well d'Stad Diddeleng mécht ganz vill Efforte fir mat deene Societäten zesummenzeschaffen a wann nei Societäten sech do usidelen, da gëtt do primär gekuckt wéi een och nei Collaboratiounen kann hunn, déi souwuel fir déi Start-upen, wéi och fir d'Gemeng benefique sinn an do ginn et eng Rei flott Projeten.

Déi Porte ouverte huet jo och gewisen, datt do ganz flott Saachen kënnen gemaach ginn an dofir maache mir dat och well mir grad den Advantage hunn an et ass méi wéi eemol och am Kader vun där doter Porte ouverte gesot ginn, datt mir déi eenzeg Gemeng sinn, déi sou e staarke Lien huet mat de Start-upen, déi an der Recherche an Innovatioun tätég sinn an, datt et wéineg Gemenge gëtt, déi do en direkte Kontakt fleegen an och kucken, datt déi Produite kënnen op verschiddenen Niveaue getest ginn an natierlech wëssend, datt déi Start-upen do sinn, grad an der Situatioun, wou mir elo si mat der ganzer Kris kann een déi dote Collaboratioun o alle Fall weiderféieren.

Ech hu probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen, mir sinn eis eens, datt mir léiwer an normalen Zäiten en Iwwerschoss vun enger hallwer Millioun Euro hätten, well dat wier normalerweis d'Situatioun gewiescht, elo hu mir Depense vun 0,6 Milliounen Euro, dat ass dat Bild wat sech de Moment esou unzeechent, mee et muss een och den normale Verlaf an och Betrib vun eise Servicer kënnen garantéieren. Dëst gesot géif ech proposéieren, datt mir zum Vott iwwer ginn. Wien ass mat där Liste modificative, esou wéi se hei presentéiert a modifizéiert ginn ass, averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

3.12. Approbatioun vun der Opstellung vum Restanten Etat vun de Recetten, déi nach fir d'Budgetsjoer 2021 anzezié sinn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir eriwergoen op de Restanten Etat. Ech begreissen an eiser Ronn eise Receveur, de Gilbert Loos. An ech géif dann eemol op d'Chiffere vum Restanten agoen. Dat wat eise Receveur hei proposéiert, dat ass de Restanten, deen dat zweet Joer konsekutiv ënnert der Millioun Euro ass, de Restanten 2020 mat den Dechargé louch bei 849 801,47 Euro a fir d'Joer 2021 an et geet dorëms, den Aval ze kréie vum Gemengerot fir déi dote Suen, déi nach aussti vis-à-vis vun eisen Schëldner, ob dat Personne-physiquen oder Personne-moralé sinn, fir déi kënnen weider anzedreiwe fir 2021, also wéi gesot, déduction faite vun den Dechargen, 863 458,77 Euro, dat sinn am Ordinären 854 748,24 Euro an am Extraordinären 8 710,53 Euro, dat ass déi Situatioun an där mir eis befannen, mee de Gesamtmontant ouni Dechargé läit bei 914 156,58 Euro, also eng ganz lichte Hausse vum Restante par rapport zum leschte Joer. Awer de besteeënde Restanten effektiv, dee geet erof an et ass och net méi souvill neie Restanten dobäikomm, mengen ech. Et ass eng gutt Situatioun, an där mir eis hei befannen, dat huet och domadder ze dinn, datt mir och déi lescht Joren opgestockt hunn, de Service selwer mat enger zousätzlecher zweeter an drëtter Persoun, déi mir agestellt hunn, an och weider

kënne méi aktiv ginn, dofir der ganzer Ekip e grousser Merci fir déi Efforten, deen si maache fir déi Sue weider anzedreiwen.

Dann, par rapport zu enger Rei Punkten, déi ech hei wollt soen ass, datt dat am Fong eng positiv Approche ass well mir de Moment, an do mengen ech kann ech lech e puer Präzisiounen gi vun deem wat mir am Dossier hunn, wou beim Huissier sinn, respektiv hu mir d'Ordonnance-de-paiement gemaach, dat sinn 560 Ordonnance-de-paiementen, déi ausgestallt goufen, 68 Titre-executoires, déi beim Huissier sinn, 33 Saisien a 26 Dossieren, déi e bësse méi en internationale Charakter hunn, wou d'Leit net méi hei wunnen, wou mir probéieren do anzedreiwen, dat sinn natierlech ëmmer ganz fastidiéis Demarchen. Dat heescht, mir hu 687 Dossieren, déi en cours sinn an natierlech, wa mir hei Saachen an d'Décharge ginn, da sinn do och Leit, déi d'office sinn, wou mir net erëmfannen an och Failliten, déi clôturéiert sinn, wou mir eis ugemellt hunn, mee wou d'Gemeng oft dee leschten ass, wou d'Sue gesäit a wou respektiv och déi eng oder aner Grondsteuer vun engem Betrib, déi awer och ausbezuelen muss ginn.

Dat e bëssen zu der Situatioun, an där de Restanten sech befënnt, also dat zweet Joer ënnert der Milliounen Euro, dat ass ganz positiv an dat ass och sécherlech esou, datt et wäert weidergoen. Dat generell iwwer déi Explikatiounen, déi ech wollt ginn. Dir hutt dee ganzen Dossier vum Restanten an Ärem Dossier gehat, d'Diskussioun ass op an ech denken, datt de Gilbert Loos och do wäert op Froen a Remarques agoen, wann d'Conseillerë Wuertmeldungen hunn. Voilà, dat gesot ass d'Diskussioun op. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert, et ass wéi de Buergermeeschter et seet, mir si scho frou, datt mir awer dat Personal wat mir agestellt hu fir eisen Restanten Etat erofzedrécken, datt dat eng gutt Aarbecht mécht a mir stinn och voll dohannert, datt et wichteg ass fir Scholden anzedreiwen an et ass och dat wat ech soen, et sinn net d'Sue vun der Gemeng mee déi vun all Diddelenger Bierger, déi hei hypothékéiert ginn, wann d'Leit hir Rechnungen net bezuelen. Dat ass net, mir wëschene der Gemeng eng aus wa mir eise Gas an eise Stroum net bezuelen an eis Taxen, mee dat si Suen, déi herno investéiert ginn a Saache vun der Gemeng, a Schoulen an esou weider an dofir gi mir allégueerte beduckst wann ee seng Rechnung net bezilt. Dofir fanne mir dat als CSV ganz wichteg, datt mir do mat strenger Hand awer géint déi säumeg Schëldner virginn.

Wat natierlech opfält, wann een duerch dee ganzen Dossier geet, merci iwwerens, datt mir dat ëmmer zougestallt kréien, et sinn zwar 340 Säiten, déi deen da mühsam muss eemol duerchliesen, mee mir maachen dat awer gär fir eis och en Iwwerbléck ze verschafen, wie sinn déi säumeg Schëldner? Et sinn oft déi usual suspects, déi da jorelaang einfach näischt bezuelen, bei Privatleit ass ganz oft d'Problematik vun de groussen Appartementshaiser, wou dann och d'Gerance heiansdo déi Suen net weidergëtt, wou awer villäicht verschidde Leit, déi do dra wunnen, soen, si hunn der Gerance d'Sue ginn an si kommen net bei eis un. Och do muss

ee kucken, datt een do e Moyer fënnt fir do méi proaktiv nach virzegoen, mee méi wéi bei de Huissier goen an eng Ordonnance de paiement an e Suivi kënne mir net maachen, mee ech fannen et awer ganz wichteg, datt mir do bis de leschte Schratt ginn.

Wat och opfält, et si ganz vill Lokaler, Cafées a Restaurants, virun nalllem Cafées, déi säumeg sinn a wat do och e bëssen erschreckt, ass, datt do steet, datt d'Sociétés, déi de Café féieren, guer net enregistréiert ginn. Dat heescht, mir hunn do guer keng Handhab fir do een ze fannen, deen déi Sue kéint bezuelen. Dat ass och eng Lacune an eiser Gesetzgebung, datt een do net u seng Sue kënnt an et ass wéi den Här Buergermeeschter seet, bei der Faillite komme mir als allerlescht ewech, dat ass jo dann eben esou. Wat awer opfält, zum Beispill och verschidde Crèches bezuelen hir Taxen net, wat ech och e bësse lamentabel fannen, well d'Leit bezuelen do awer och e Minerval fir hir Kanner an ech denken, mir kënnen do awer och net soen, ah jo, mir kënnen net soss maachen se nach zou. Mee och do, dat si privat Entreprises, mir wëssen, d'Crèches ass e Business wou ganz vill Geld ze maachen ass an ech denken, wann déi awer elo denken, komm lo bezuele mir eis Chargé bei der Gemeng mol net, dat ass de falsche Wee an de falsche Message. Do fält just op, do ass eng Crèche schonn ofgerappt, wou och nach soll Sue bezuelen, meng Fro ass: Wéi laang hale mir d'Suen am Suspens bis mir soen, OK gutt, déi dote kréie mir net méi eran, well do si verschiddener, déi 10 Joer net bezuelen hunn. Wéini ass do bei eis den Delai bis mir wierklech eppes clôturéieren?

Wat ganz dramatesch ass bei de Leit, déi net bezuelen, et sinn der och vill, déi hemmungslos och d'Maison relais net bezuelen an och Crèches net bezuelen an natierlech sinn ëmmer d'Kanner déi leidtragend. Et kann een elo net soen, komm mir geheien déi Kanner aus der Maison relais an aus der Crèche, mee do fannen ech einfach, dat versteet ee jo net, do muss een dach esou e schlecht Gewëssen hunn, wann ee säi Kand all Dag si che kënnt oder ofgëtt an däi Kand gëtt do duerchgefördert an et sëtzt am Waarmen a gëtt gutt encadréiert vun exzellenten Educateurs an dann ass dat alles pro bono a bon - wéi gesot - et ass villäicht och e bëssen de Message vun der Regierung, et ass ëmmer alles e bësse fir näischt an da menge Leit, OK, fir näischt ass richtig fir näischt mee, datt dat net esou ganz fir näischt ass, dat ass bei verschiddene Leit net ukomm.

Wou ech awer och drop opmierksam wëll maachen, dat ass, datt mir och Lokaler, déi mir ulounen a weider verlounen, datt do och, wa verschidde Leit mat der Zahlungsmoral net esou gutt sinn ewéi et sollt sinn, mir hu jo dat eent Lokal am Quartier, dat ass zougange, do waren och nach souvill Suen ausstänneg. Beim OUNI wësse mir, datt dee leider seng Dieren zoumécht, dat ass eng Faillite, mee dat ass net well d'Leit do net interesséiert waren akafen ze goen, mee dat ass eng Gestionsproblematik, do gi mir net an den Detail, do musse mir eng gewësse Rigueur hunn an ech wëll awer nach drop hiweisen, ech hat gefrot, e Lokal wat net opgemaach huet, awer säi Loyer vum November bezilt, do krut ech affirméiert, déi géife selbstverständlech alles bezuelen.

Elo fannen ech awer hei, datt dat net esou ass an ech ginn net gären hei am Sall belunn, dat hunn ech net esou gären an ech war och doriwwer e bëssen not amused. Dat ass just eng kleng Parenthèse. Also, wéi gesot, mir si ganz dofir, datt mir eng gewësse Rigueur hunn, mee wéi léise mir dat zum Beispill mat deene Kanner, wou d'Elteren zwee Joer net bezuelen? Wat maache mir do? Well et ginn aner Leit, déi waarden op eng Plaz, villäicht net an der Maison relais, mee an de Crèchen, an dat ass jo awer net de richtege Wee. Wéi gesot, merci nach eemol fir déi détailléiert Oplëschtung, merci der ganzer Ekip, déi eng gutt Aarbecht mécht an et ass sécher eng Sysphusaarbecht, dann hues de 10 Dossieren zougemaach an da kommen der 20 bäi an ech denken, mir hu virdru geschwat iwwer d'Präsideierecht, ech ka mir gutt virstellen, mir waren ëmmer stolz, datt mir endlech ënnert der enger Millioun Euro Restante sinn, mee ech hunn awer e bëssen eng kleng Viranung, wann ee kuckt, d'Rezessioun an all déi Problemer, déi op eis duerkommen an op d'Leit duerkommen, datt déi Zuel wäert an den nächste Joer an d'Luucht goen an, datt mir musse kucken, datt mir dat an engem eengermoosse Kader halen, wou d'Gemeng et och nach kann droen. Merci op jiddwer Fall un de ganze Service.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, gëtt et weider Stellungnamen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech maache meng Interventioun méi kuerz, déi eng Fro huet d'Madamm Kayser scho gestallt, effektiv hunn ech och gesinn, datt Saache 10 Joer opstinn, ech wollt froen, wéi laang déi matgeschleeft ginn, wéi do déi Prozedur ass? Jo, dat mat deem Lokal do, ech ginn do net ze vill drop an; effektiv hate mir ganz konkret gefrot ob de Loyer bezuelt gëtt a mir kruten eng konkret Äntwert et wier net bekannt, datt net bezuelt gëtt. Bon, dat kann een dann dréinen, wéi ee wëll, mee et ass net ganz éierlech. Dann hunn ech awer nach eng Fro wou ech net weess, wéi dat ze reegele wier an ob dat ze reegelen ass: Gëtt gekuckt bei Privatleit, déi hir Rechnungen net bezuelen, ob dat Clientë si vum Office Social, besteet do eng Zesummenaarbecht, ass dat méiglech, datt do Leit sinn, déi net kënnen direkt bezuelen, wou kéint en Arrangement fonnt ginn oder ass esou eng Zesummenaarbecht net méiglech? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt och am Prinzip begréissen, datt mir effektiv am drëtten Joer ënnert der Millioun Euro sinn. Ech denken, datt dat effektiv d'Friichte sinn, datt eise Service reforcéiert ginn ass an ech hunn och eemol duerch déi 370 Säiten duerchgeblidert an hunn awer fonnt, datt do och immens vill kleng Zomme sinn. Ech froe mech just nëmmen, wéi et méiglech ass, datt déi net beglach ginn. Déi gi jo awer als Poste gefouert, déi kaschten Zäit, et brauch awer och ëmmer Aarbecht fir sech drëms ze këmmen an e Rappel ze maachen. Dat ass dat wat mir net alicht, dat ware minimal Betrag vun 10 oder 12 Euro an och Betrag mat kuerz iwwer 100 Euro, dat ass awer trotzdeem, wann ee weess wéi d'Leit sinn, do kennt een der jo och erëm. Dann

natierlech e ganz décke Client, mat 25 000 Euro, dat ass eisen décksten Dossier, do wäert och näischt méi geschéien, huelen ech un. Da sinn och vill Caféen, déi villäicht duerch Corona bedéngt op eemol an d'Labyrinth gerode waren, mee och do sinn der vill, wou gesot gouf, déi net enregistréiert gi sinn, also déi net ugemellt sinn, wou et déi Firma am Fong guer net gëtt.

Voilà, an deem Sënn ass mir och opgefall mat der Maison relais, do ass et och verwonnerlech well d'Leit do e ganz minimale Betrag kréien, besonnesch déi Leit, déi schlecht dru sinn, dofir wonnert et mech, datt déi net bezuelen. Mir hunn dat mol fréier esou gemaach, datt mir déi Leit ugeschriwwen hunn am Laf vum Joer an hinnen ze verstoe ginn hunn, datt mir d'Kand net méi géifen unhuele bis do mol eng gewëssen Zahlungsmoral a Kraaft géif trieden. Dat hat och Succès, do waren da Leit, déi dann effektiv en Ajournement fonnt hunn op der Recette, wou se dann effektiv och méi kleng Rate bezuelt hunn. Dat war e bëssen dat wat ech zu dëser Saach soe wollt, also wéi gesot, mir kënnen frou sinn, datt mir an der Situatioun sinn, datt mir awer ënnert der Millioun Euro sinn an ech hoffen, datt dat esou weider geet a merci op alle Fall un déi Ekip, déi vill Aarbecht huet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech dem Gilbert Loos d'Wuert an da ginn ech op e puer Punkten an.

GILBERT LOOS (RECEVEUR VUN DER GEMENG DID-DELENG): Merci fir d'Remarquen, ech äntweren dann elo mol einfach op e puer Froen. D'Dossiere clôturiere mir, bei de Societäten ass et kloer, et muss eng Faillite clôturée sinn éier mir se zou maachen. Déi aner, déi wou scho laang daueren, do musse mir ëmmer kucke vu Fall zu Fall, ech schléissen déi da meeschtens eventuell no 11- 12 Joer of, mee wann ech en Titre exécutoire drop hunn, sou laang schléissen ech et natierlech net of och wann et elo scho sou laang hir ass, soulaang ech en Titre hu vun 20 oder 15 Joer, déi schléissen ech net of. Structure-d'accueillir, dat si meeschtens déi deck Zommen, dat sinn déi Leit, déi vergiessen zum Beispill hir Kaart z'erneieren an d'Recette schafft elo mat de Structure-d'accueille vill méi enk zesummen, mir probéieren elo schonn déi Leit fréizäiteg a vill méi oft drop hinzewiesen, datt hir Kaart ofleeft an esou, well de Ministère geet och just nach 3 Méint zeréck fir de Recalcul.

Mir sinn, wann ech elo kucken, op ronn 29 000 Euro, mee mir waren scho méi héich, wann ech kucken, 2018 do ware mir bei 44 000 Euro, mee et ass e Problem, datt d'Leit et meeschtens net erneieren an dat ginn direkt dann Zomme vu 600-900 Euro de Mount.

Mam Office Social kënnen mir, ech maachen dat egal wéi, och wa mir Leit bei den Office Social schécken, ginn ech awer en Titre exécutoire sichen. Mir rodde de Leit och un, besonnesch wann si sech bei mir mellen, mee et sinn der vill, déi sech net bei mir mellen oder am Service, da rode mir hinnen un, kuckt dach villäicht ob Dir lech net kennt am Office Social mellen, ech kann net direkt am Office Social intervenéieren, dat ass ganz kloer, ech ka mol do nofroen, mee intervenéieren direkt kann ech net.

Vun den Zommen, do hunn ech elo nach just nëmmen dëst Joer, reng nëmmen dëst Joer hu mir 552 Ordonnance-de-paiementen ausgeschriwwen, dovunner sinn der entretemps 120 bezuelt, mee dann ass dat och op Montanten e bëssen opgedeelt, dovunner sinn 194 oder vun deenen, déi elo nach opstinn, vun deene 433, déi nach opstinn, sinn der 194 tëschent 1,80 Euro an 100 Euro, 96 tëschent 100 Euro an 250 Euro, 45 tëschent 250 Euro a 500 Euro, 52 tëschent 500 Euro an 1000 Euro a 37 iwwer 1000 Euro an dovunner ass de Maximum bal 4000 Euro. Ech hu just eng vun 9 800 Euro an dat ass nëmmen dëst Joer. Op deenen Dossieren do wéi gesot ech hunn 687 Dossieren opstoen am ganzen dovunner sinn déi dote mat dran da wësst Dir vu wéi enger Montantsspan, datt dat sech beweegt. Voilà, wann elo nach froen sinn. Ech invitéieren lech awer och wann nach méi direkt Froen sinn, Dir kennt zu all Moment bei mech komme fir méi Detailer gewuerzegi vu mir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Gilbert Loos.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo merci, ech hätt nach eng zousätzlech Fro, dat ass mir agefall, ech mengen ech hat dat héieren, datt verschidde Gemengen, wann se den drëtten Rappel erausschécken, automatesch eng Kopie un den Office Social schécken. Meng Fro ass: Ass dat ugeduecht, d'Fro ass just ob dat datschutztechnesch méiglech ass?

Dat war d'Iwwerleeung oder war et souguer sou, datt d'Madamm Jones dat proposéiert hat? Et war iergendeppes esou wou si da sot firwat net direkt eng Kopie un den Office Social fir datt Si kënne virgoen. Meng Fro ass ob dat méiglech ass?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci, et kann een awer op d'Rechnung schreiwen, datt wann ee Problemer huet, kann een sech un den Office Social wenden. Dat geet. Dat gëtt op verschiddene Plaze gemaach.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Madamm Kohn an dann den Här Zuang.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, ech wollt just soen, wa mir dat géifen automatiséieren, dat bedeit dann och de Méiopwand am Office Social fir déi Saachen ze traitéieren, well dat ass jo net automatesch gesot, et si Leit tatsächlech wou hiren Dossier dohinner gehéiert, dat ka jo och aner Ursaachen hunn, firwat dat net bezuelt gëtt, do schécke mir dann e ganze Batz Aarbecht op den Office Social an dat sinn net ëmmer onbedéngt déi Dossieren, déi dohinner gehéieren. Ech mengen, dat wier net déi richteg Aart a Weis fir domadder ëmzagoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, mir kréien am Fong Dossieren esou, also d'Leit musse jo fir d'éischt emol bei eis kommen. Wann d'Leit bis kommen, dann hunn se net nëmmen Taxe-comunallen, mee si hunn och nach aner Saachen an da waarden se jo immens laang. Si kommen

also net bei der éischter Rechnung oder beim éischte Rappel wou de Gilbert Loos mécht, mee si waarde bis et méi a méi kënnt, dat ass och de Problem, da kënnt d'Taxe communale an do gëtt den Dossier da gekuckt, do si manner Problemer, déi Taxe gi jo automatesch bezuelt iwwer déi Gérance financière, déi d'Assistante mécht, dat sinn der 25-26 Stéck pro Joer, wou si packen. Mee dovunner ofgesinn, mir maachen et esou, datt mir d'Leit drop opmierksam maachen iwwer d'Allocation de vie chère, en plus gëtt d'Gemeng jo och nach 45% fir d'Taxe compensatoire drop an da sollen se sech domadder fräikaafe bei der Gemeng, dat ass de Prozess.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci nach eemol fir déi doten Erklärungen, déi net onwichtig si fir datt een de Prozess versteet.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ech wollt am Fong just nach un dat unhänken, wat den Här Loos gesot huet mat der Maison relais, dat sinn effektiv ëmmer ganz grouss Chifferen an du kanns keen erausgeheien.

Wat awer elo ass, dat ass d'Madamm Maduro, déi elo do ass, déi passt ganz gutt op, wou Huissieren ugefrot sinn a wat mir gemierkt hunn dëst Joer, déi Leit wou den Dossier net komplett war, wou net de Chèques-Service ugefrot hunn an esou, déi sinn op eng Liste d'attente komm a spëtstens wann se de Brëif vun der Liste d'attente kréien, reagéieren se a kommen op de Büro, dat war just eng Zousazklärung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Erklärung. Ech wollt nach just op zwee Punkten agoen, well hei iwwer Commerce geschwat gouf. Effektiv, de Commerce am Quartier Italien huet Faillite gemaach, dat war e bëssen ëmgewandelt an déi provisoresch Wunneng fir déi ukrainesch Flüchtlingen. Mat der Annonce - well haut war et och an der Zeitung - datt esouwuel an der Stad wéi och zu Dideleng den OUNI Faillite gemaach huet, wann een och weess wéi eng Faute juridique Ouni huet, wier et do och zimmlech schwierig ginn, quitt, datt mir eis ustelle fir déi Suen, déi ausstinn, eranzekréien, mee vu datt et eng Cooperative ass an en anert Fonctionnement wéi eng SARL oder eng SA huet, hunn ech do och meng Zweifelen, datt mir déi Suen, déi opstinn, datt mir déi iwwerhaupt erëmkéien.

Dat ass awer net de Fall bei där anerer, déi ugeschwat gouf. Effektiv war ech hei gefrot ginn, do wëll ech awer richteg soen, ech sinn effektiv dovunner ausgaangen, datt se dat bezuelen an ech hunn och selwer herno am Restante gemierkt, datt dat net de Fall ass an ech wäert och bei der nächster Geleeënheet dat ganz kloer der zoustänneger Madamm och soen, datt se awer do dat soll maachen an ech si mir do méi sécher wéi bei deem Commerce, deen ech virdru genannt hunn, well do eng ganz aner Situatioun ass. Dofir wollt ech dat hei kloerstellen an dat net hei am Raum stoe loossen. Dëst gesot brauche mir den Aval vum Gemengerot fir datt eise Receveur, de Gilbert Loos, mat senger Ekip déi 863 558,77 Euro kann andreiwen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci och dem Gilbert Loos fir seng Presenz a seng Erklärungen.

3.13. Autorisatioun fir e Kredit an Héicht vun 10 000 000,- Euro opzehuelen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, da gi mir op deem nächste Punkt iwwer, dat ass en Emprunt, ech géif de Gemengerot d'Autorisatioun froe fir en Emprunt opzehuelen. Dir wësst, datt mir am initiale Budget 30 000 000 Milliounen Euro virgesinn haten, wéi mir de Budget erageschéckt hunn an den Innenministère gëtt jo dann ëmmer approvéeiert no engem Rectifié well d'Situatioun awer gutt ass an der Gemeng huet och den Emprunt erof gesat op 26 000 000 Euro dofir fannt Dir dat an der Deliberatioun och esou erëm an d'Propos hei ass fir en Emprunt opzehuele vun 10 000 000 Euro. Et ass jo esou, datt een d'Decisioun hält fir deem Emprunt opzehuelen eréischt am Hierscht soll maachen, dat ass dat wat och de Ministère de l'Intérieur de Gemenge matdeelt well een dann, wat jo net de Fall ass wann een en initiale Budget opstellt, do baséiert een sech oft op de Rectifié.

Entretemps hu mir awer schonn den Dekont vum Joer 2021 a wann ech kucken, wéi den Rectifié ausgefall ass dat war 1,9 Millioun Euro, wou mir Boni haten um Kont 2021 am leschte Gemengerot virun der Sommervakanz hate mir dat och scho gesot ass de Kont bei 12, 4, wat eis an eng Situatioun setzt, datt mir net de ganzen Emprunt brauchen ze zéien, mee just en Deel. Et sinn also zwou Etappen an haut froe mir am Gemengerot d'Autorisatioun un, fir en Emprunt kënnen ze zéien. Wa mir dann d'Autorisatioun vum Gemengerot kréien, da wäerte mir och d'Bank kontaktéieren, déi hei zu Diddeleng sinn a froen, datt se eis hir Offer maachen an da komme mir an de Gemengerot zeréck mat den Offeren, fir ze kucke bei wéi eng Bank mir ginn, fir kloer dann och deementspreechend den Emprunt ze zéien an och de Gemengerot hei doriwwer informéieren.

Dat ass eng Decisioun vum Schäfferot mee mir kënnen ouni Problem am Kader vun de Budgetsdebatten diskutéieren, wat dann och am Budgetsrapport steet, respektiv am Budgetsdokument ass da renseignéiert bei all deenen Opzielungen, wou mir hunn, bei wéi enger Bank mir dann deem Emprunt gezunn hunn. D'Conditounen awer, déi mir hei setzen, dat ass en Taux d'intérêt variable oder Taux d'intérêt fixe, deem ass bei 1,8% ech mengen do gesi mir da wat d'Offer ass vun der Bank fir eng Durée vun 20 Joer an och de Remboursement semestriel an dat ass jo dann e Remboursement am ordinäre Beräich, wou mir dann och aschreiwen. Dat sinn e bëssen d'Ramebedingungen, déi mir wëlle setze fir den Emprunt opzehuelen, fir dann awer déi konsequent Investor, déi mir hei maachen an d'Stad Diddeleng, fir déi och kënnen weiderzeféieren. Dat als Erklärung. Si Froen oder Remarquen dozou? Madamm Kayser:

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, mir hu viru gesinn, d'Präsideierecht an d'Evolutioun vun de Präisser, ech mengen, dat ass elo nëmmen en Deel gewiescht, wat mir virgestallt kritt hunn, et muss ee soen, do sinn och vill Saache wéi d'Baumaterial gëtt méi deier, d'Personalfräise gi méi deier, datt mir do vir bäi an hanne widder sinn, wa mir net op en Emprunt aginn. Meng Fro ass elo: Wéi ass et mat eiser Reserv, hu mir déi och schonn ugepak oder mussen mir se upake

fir eise Frais-journalieren ze decken oder si mir bis elo nach mat deem wat mir hunn iwwer d'Ronne komm an, wat schued ass, wa mir op d'Reserv ginn a maachen e Prêt, et gëtt ëmmer méi enk, mir mussen de Rimm méi enk schnallen, et geet eis net anescht wéi de Leit dobaussen, et ass en Apel géint den Dusch, et ass gutt, datt mir an d'Leit déi lescht Joren och vum Staat gutt verwinnt gi sinn, mir hunn ëm déi 100 Milliounen Euro mol an der Zäit kritt, pro Joer, vun den Dotatiounen, a mir hunn awer et fäerdeg bruecht, relativ vill op d'Säit ze setzen, mee elo geet et un d'Eingemachte, soen déi Däitsch, an ech appelléieren nach eemol drun, datt mir effektiv sollen och beim Budget d'nächst Joer, datt een do soll ganz virsichteg si mat den Investor a virun allem och nach eemol mat der Personalpolitik, dat ass ëmmer en Dadda vu mir well wa mir elo kucken, eng Indextranche dëst Joer, zwou sécher dat nächst Joer, da wësst Dir jo och wat d'Augmentatioun vun de Chargen ubelaangt, wat d'Personal ubelaangt, datt een do och ganz konsequent soll weidergoen an déi Richtung, mat Synergië schafe vun de Servicer a mir sinn do op engem gudde Wee an ech hoffen och, datt mir an déi Richtung weiderginn.

Investor, mir mussen déi maachen, dat ass kloer, mee ech denken, et muss een sech elo nach eemol méi iwwerleeën ob et méiglech ass oder ob et just eppes ass wat nice to have ass, wou een och muss soen, datt mir hei zu Diddeleng dat och ëmmer begréissen, net ze vill Larifari maachen, mee lauter gutt a wichteg Investor bis elo gemaach hunn an, wéi gesot, mir mussen an de saueren Apel bäissen. Meng Fro konkret ass: Si mir och schonn un eis Reserve gaangen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach aner Stellungnamen?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, de Gemengerot soll haut den Emprunt an Héicht vun 10 Milliounen Euro autoriséieren an ech mengen, den Här Buergermeeschter huet eis do schonn alleguerten d'Detailer geliwwert. Am Budget 2022 war en Emprunt vu 26 Milliounen Euro virgesinn, nei geplangten ausseruerdentlech Ausgaben dëst Joer vu knapp 67 Milliounen Euro. Dësen Emprunt ass den éischten Emprunt säit enger Rei vu Joren. Ëmmerhi konnten 2020 an 2021 fir insgesamt 59 Milliounen Euro aussergewöhnlech Ausgaben, dat heescht haaptsächlech Investissementer an d'Infrastrukture getäteg ginn ouni datt huet misse Geld geléint ginn. Budgetsiwwerschëss, Reserven a staatlech Subsidien hunn dat méiglech gemaach.

D'Zäit an och d'Welt ronderëm eis huet sech verännert. Et ass en éischten Emprunt an dee fällt dank enger besserer Finanzsituatioun an der Streckung vun eenzele Projeten däitlech manner héich aus wéi geplangt. Obwuel verschidde Projeten dann net esou séier kënnen realiséiert ginn ewéi geplangt, huet dat och hei e positiven Nieweneffekt, datt mir dat Ganzt net esou schnell musse finanzéieren. Dat ass also gutt esou, och wann ee weess, datt dat zum Deel just zäitlech decaléiert gëtt. Déi nächst Jore wäerten d'Emprunten däitlech méi héich ausfallen ouni datt doduerch d'Finanzsituatioun, déi weiderhi robust bleift, dat hu mir jo héieren, de Ministère huet dorobber en A, och op d'Gemengen a

mir ginn do och ëmmer gelueft, aus den Angele gehuewe gëtt. Et heescht awer weider virsichteg bleiwen an hei mengen ech, wann een elo gelauschtert huet wat hei banne scho gesot ginn ass, do ginn oppen Dieren agehätt well déi Virsichtegkeet dat war en Zeeche vun eiser Politik säit Joerzénngen.

Och d'Entwécklung bei de Scholdzénse mussen am A behale ginn, déi zumindest kuerzfristeg zu enger Erhéijung vun der Finanzlaascht och wäert féieren. Mir hu vollst Vertrauen an de Schäfferot, bis elo war Diddeleng a gudden Hänn an eis finanziell Situatioun gesond an et wäert och dat néidegt gemaach gi fir datt dat esou bleift. D'LSAP-Fraktioun stëmmt der Autorisatioun fir deen Emprunt zou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kohn och fir Är Stellungnam, mir si ganz der Meenung, datt mir hei deen Invest generell fir d'Stad Diddeleng héichhalen an all déi Projeten, déi mir hei gestëmmt hunn, dat ware keng Projeten, déi nice to have sinn, dat sinn alles Projeten, déi d'Bierger direkt notze kënnen, ob et elo Konstruktione sinn oder Projete sinn, wou d'Gemengeservicer concernéieren, Déngschtleeschunge ronderëm Kannerbetreierung, Schoulinfrastrukturen, respektiv fir eis Veräinswelt, dat sinn also alleguerte Projeten, déi wichteg si fir d'Weiderentwécklung vun der véiertgréisster Stad an et ass eng Rei Joren hir wou mir dee leschten Emprunt opgeholl hunn an och net un d'Reserve gaange sinn, mee déi Projeten, déi an d'Haus stinn, déi si méi konsequent wéi virun 10 Joer.

Dat gesot natierlech, d'Madamm Kayser huet mir déi Fro gestallt par rapport zu de Reserven, mir hate jo déi 4 Milliounen Euro an de Budget dra gesat, déi hu mir och gebraucht an den Emprunt, wou mir ophuele vun 10 Milliounen Euro a fir enger Diskussioun scho virzegräifen, wat d'Personal betrëfft, mir stëmme jo herno d'Adaptatioun vum Südaarbechter-Kollektivvertrag mat der Situatioun vun de Gewerkschaften, ech wäert lech da soen, wat nëmmen déi Negociatiounen fir d'Stad Diddeleng wäert heeschen, wou d'office gesat ginn ass am Kader vum Süden, mee do hu mir ganz wéineg Marge. Ech wëll där Diskussioun net virgräifen. Jo Madamm Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Entschëllegt, ech hat nach näischt gesot ech wollt och näischt soen, mee ech wollt dat net esou am Raum stoe loossen. Ech mengen, mir sinn ëmmer d'accord wann d'Gemeng investéiert an dat ass richteg esou a mir hunn och ëmmer gefrot, datt en Emprunt gemaach gëtt wann et néideg ass. Ech wollt et just net am Raum stoe loossen, also fir déi Lénk ass et net evident, datt un de Personalkäschte gespuert ginn, also dat wat d'Madamm Kayser gesot huet, do si mir net op enger Linn. Ech mengen, natierlech soll et Synergië ginn an optimal geschafft ginn, awer eng Gemeng huet eng Verantwortung an um Personal soll net gespuert ginn. D'Gemeng huet och eng sozial Verantwortung an deem Beräich an ech wollt dat awer nach betounen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, eng Gemeng huet och eng social Vocation an ech denken, datt déi heite Stäerker dozou wäert bäidroen, mee ech wëll och hei nach eemol preziséieren, och wa mir un d'Reserve gaange sinn, respektiv den Emprunt opgeholl hunn, mir si jo am permanenten Austausch mam Inneministère, deen och ronderëm d'Gemengefinanzen eng Aart Monitoring ze dinn huet an do leie mir och mat deene 4 Milliounen Euro, wou mir vun der Reserv huelen, an déi 10 Milliounen Euro Emprunt, an enger excellenter finanzieller Situatioun. Dat weist, datt all déi lescht Joren, wou mir keen Emprunt gebraucht hunn, mir schonn an enger excellenter finanzieller Situatioun waren, also och den Haushalt hei zu Diddeleng seriö, nohalteg a gutt gefouert gouf an, mengen ech, wa Situatiounen kommen, wou mir en Emprunt ophuelen, déi Situatioun ëmmer ganz gutt bleift a mir ebe just e puer Ressourcë mussen unzape fir Projeten, déi ausstinn, kënnen ze stemmen an dat gouf eis nach eemol vun der Säit vun deem Monitoring confirméiert.

Dëst gesot géif ech proposéieren, datt mir zum Vott iwwerginn: Wie gëtt säin Aval, datt mir hei déi 10 Milliounen Euro Emprunt ophuelen a bei d'Banke ginn? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci och fir déi Zoustëmmung.

3.14. Zoudeele vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da kommen ech op de leschte Punkt wat d'Finanzen ugeet, dat sinn d' Subside-extraordinaires, déi mir stëmmen an dat sinn engersäits 50 Euro fir de World Rescue Challenge 2022 vum CGDIS, dann 250 Euro fir d'Union des sociétés avicoles, dat ass den nationale Verband, a 4 000 Euro fir eis hiseg Société avicole, déi haut den Owend hir Ausstellung opmécht fir iwwer de Weekend a wou mir hinne probéieren e Subsid ze gi vu 4 000 Euro fir eng professionell Spullmaschinn, si brauchen dat fir als Veräin hirer Aarbecht kënnen nozegen, dofir war hei d'Propos fir se z'ënnerstetze mat 4 000 Euro. Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass unanime. Merci.

4. GEMENGEPLANUNG A STAD-ENTWÉCKLUNG - AUSÜBE VUM VIRKAFSRECHT FIR DE KAF VUN ENGER PARZELL „BEI RIBESCH-PONTERGRIECHT“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op deem nächste Punkt iwwee dat ass e Projet, wou mir d'Virkafsrecht zéien. An der zweeter Phas komme mir an de Gemengerot zeréck wou mir dann den Akt wäerte maachen, mee virun allem geet et hei drëm fir d'Virkafsrecht ze zéie fir „Bei Ribeschpontergriecht“, dat ass eng Parzell vun 9 Ar an 20 Zentiar, mir hunn am Kader vum PAG Schéma directeur vum PAP Nouveaux quartiers Nummer 36 jo och an den Dokumenter de PAG wéi dee Projet sech do kann entwéckelen, mir sinn och scho Propriétaire vun enger anerer Parzell an deem dote PAP, wat eis d'Méiglechkeet gëtt och Co-Lotisseur ze sinn.

Hei ass am Fong de Kafakt an dofir zéie mir och do am Fong eist Virkafsrecht, well mir matgedeelt krute vum Notaire, dem Maître Hellinckx, datt e Kafakt besteet tëschent den aktuelle Propriétaires, den Här Ley an d'Madamm Siedler, déi an der Rue des Saules wunnen, datt si un den Acheteur, d'Gesellschaft Life SARL vu Walfer fir 230 000 Euro eng Parzell vun 9,2 Ar wélte verkafen, dat heescht och e Präis vun 25 000 Euro den Ar, gemaach wat och e Präis ass, dee fir eis interessant ass fir d'Virkafsrecht ze zéien, wat och fir eis interessant ass, wann ee weess, datt och d'Ausrichtung vun deem PAP drëm geet, datt do Logementer stinn, déi an enger Hub 1 an Hub 2 sinn an do gesitt Dir och an de Courrieren, déi am Dossier virleien, datt mir do och op béide Säite vun do wou mir saiséiert goufen, ob mir wierklech d'Virkafsrecht zéien, souwuel dem Nottär wéi och dem Propriétaire matgedeelt hunn, datt mir dat wélte maachen an datt mir an deem Kader de Gemengerot domadder wëlle befaasse fir och den néidegen Aval ze kréien, fir dann eng definitiv Decisioun hei virzeweisen, fir och dem Virkafsrecht kënne Rechnung ze droen. Dat ass d'Erklärung vis-à-vis zu dem dote Projet.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, et ass natierlech wichteg, datt d'Gemeng sech akeeft fir Terrainen ze hunn, fir do hir Projeten a Sozialwunnensbauprojeten ze realiséieren. Ech hunn eng kleng Verständnesfro, wann ech den Enoncé liesen, do steet „Constatant que la parcelle demeure à l'heure actuelle non construite...“, wou ech awer weess, datt déi Leit do fréier Hénger gehalen hunn a wann een elo op de Kadasterplang kucke geet, da steet do schonn eng Konstruktioun drop, ass déi mëttlerweil ofgerappt? Ass dee Kadasterplang ze al oder ass do eng Kontradiktioun tëschent deem wat annoncéiert gouf an dem Kadasterplang?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): De Kadasterplang ass net ëmmer aktuell wat do agedroe gëtt. Esou vill ech weess vun eise Servicer, eis Architektin huet eis net gesot, datt do eppes de Moment drop steet. Also, ech weess, datt näischt drop ass,



wat net heescht, datt deem doten aktuell ass. Dat ass dat eenzeg wat ech soe kann. Mir kënnen dat nokuken, mee et mécht kee Problem.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo well dat ass jo awer eng Pièce, déi eng gewësse Rechtskräftegkeet duerstelt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, dat huet keng Rechtskräftegkeet, hautdesdaags fannt Dir am Kadaster Parzellen, wou et nei Propriétaire ginn, déi nach net agedroe sinn am Kadaster. De Kadaster ass net ëmmer up to date, dat ass e Problem, well een do och Donnéeën erauszitt, dat hu mir och als Gemeng, wou mir mengen, dat ass de Propriétaire, wou deem awer entretemps geännert huet an dat ass guer net um Kadaster agedroen. Dat heescht, do ass och eng Diskrepanz tëschent dem Akt an dem Androen an de Kadaster, do leien oft zimmlech grouss Delaien dotëscht, deem ass ni up to date. Wa bis elo agedroe gëtt, datt mir zum Beispill Propriétaire ginn dat kann eng Zäitche vergoen nodeems mir hei am Gemengerot waren.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉ GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech mengen d'Gesetz gesäit dat och fir, datt Gemengen e Virkafsrecht hunn. Verschidde Leit profitéiere leider net genuch dovunner, dofir begrëisse mir ausféierlech, datt d'Gemeng Diddeleng heivunner profitéiert, dat soll och weiderhin esou geschéie fir datt mir kënne méi abordabel Wunnenge bauen. Dat wat ech awer am Fong wollt soen, dat ass, en Deel vun deem PAP läit jo an der Zone verte an an deem Sënn, mat deenen 9 Ar wou d'Gemeng hei keeft, wa mir dat stëmmen, wësse mir elo schonn, wat do géif geschéien? Profitéiere mir vun enger Zone verte oder vun enger Hub, och wann et am PAP als Hub virgesinn ass, hu mir do schonn eng méi konkret Iddi wat mir mat deem Terrain do maachen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, soss nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt just vun eiser Fraktioun aus soen, datt mir déi Initiativ vum Schäfferot begrëssen a mir gi selbstverständlech d'Approbatioun fir dat Virkafsrecht - wat virgesinn ass am Pacte Logement fir des Parzell, fir zousätzlech Logementer ze kreéieren a wou de Präis och ganz korrekt ass - ze zéien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da gi



ech op d'Demande a vun der Madamm Ahmedova. Wéi ech virdru gesot hunn, dat war jo Partie intégrante vun Diskussiounen, déi mir ronderëm de PAG haten, hei gi mir Propriétaire vun enger Parzelle, mee et si jo nach aner Parzellen, wou drop stinn, do läit e Schéma directeur drop, dat ass den Nummer 36 vun enger anerer Deliberatioun. Et war also Partie intégrante vum Dossier PAG, wou effektiv Wunnengsbau entsteet. Mir ginn also als Gemeng niewent deene Parzellen, déi hei e private Lotisseur huet, mat Co-Lotisseur, respektiv kënnen mir dann och do an eem Kontext abordable Wunraum schaffen. Souwiso, wa mir dat Virkafsrecht elo net gezunn hätten, wann eppes do entsteet, wier dat souwiso am Kader vum Pacte Logement, dann hätte mir hei abordable Wunnenge kaf, mee et ass natierlech och flott wann ee Co-Lotisseur ka sinn. Mee, wéi gesot, hei besteet jo schon e Schéma directeur wou Partie intégrante war vum PAG, wou mir hei am Gemengerot haten.

Soss nach weider Froen oder Remarques? Dat ass net de Fall, da géif ech de Gemengerot froen ob mir hei kënnen dat Virkafsrecht zéien? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci, da kënnen eis Servicer weider schaffen, fir datt mir den Akt finaliséieren a kënnen zeréck an de Gemengerot kommen.

5. ËMWELTSCHUTZ AN NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, de Punkt 5 beschäftegt sech dann haut mat eiser Klimapolitik, mir hunn de Punkt 5 an dräi Punkten agedeelt, den éischte Punkt ass d'Presentatioun vum aktuelle Stand vun eiser Ëmsetzung vun eise European Energy Award Katalog, also konkret d'Aarbechten am Kader vum Klimapakt. Dat ass e Punkt, deen ass reng informativ, dat heescht, mir maachen dat am Kader vum Klimapakt, mir si jo do gebieden, eemol am Joer dem Gemengerot Rechnung ze droe vun eise Aarbechten an deem Kader an dat wäerte mir haut maachen. Dat ass ewéi gesot reng informativ.

Déi aner zwee Punkten, do kritt Dir d'Presentatioun an och d'Approbatioun vun eise Klimapakt Leitbild, dat ass d'Definitioun vun eise energiepoliteschen Ziler bis 2030, dat heescht eis politesch Verankerung, also eist laangzäiteg Festleeën an der Energiepolitik.

An den drëtten Punkt ass och d'Approbatioun vun eise Nohaltekeetsmasterplang an och de Buergermeesch-

ter Covenant. Dat sinn déi dräi Punkten, déi mir wäerten an den nächste Minutten diskutéieren a beschléissen an dofir begréissen ech an eiser Ronn och de Fabian Alheim vun der Firma EKOS, deen eis scho laang an der Klimapolitik beréit, respektiv eis Mataarbechter aus dem Gréngen Haus, d'Lis Cloos an de Patrick Hoss, dat sinn déi dräi Leit, déi eis duerch déi dräi Punkte wäerten am Detail féieren an ech ginn hinnen dann och direkt Wuert.

5.1. Präsentatioun vum Bilan vum Klimapakt - Ëmsetzung vum Programm European Energy Award (EEA) 2022

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Gudde Moien, hei gesitt Dir nach eemol den Iwwerbléck vun den dräi Punkten, déi mir haut wäerte beschwätzen. Ech ginn dann direkt op den éischte Punkt vun deenen dräi iwwer, dat ass d'Presentatioun vum aktuelle Stand vum Moossnamekatalogen aus dem Klimapakt. Als kleng Erënnerung, de Kontrakt Klimapakt ass de 7. Abrëll 2021 ënnerschriwwen ginn an an deem Kontrakt sinn d'Obligatiounen vun der Gemeng an och vum Staat gereegelt an eng Obligatioun vun der Gemeng ass eben, datt een eemol am Joer oder op d'mannst eemol am Joer déi aktuell Ëmsetzungsqualitéit oder d'Ëmsetzung vum Moossnamekatalogen eemol am Gemengerot presentéiert.

De Moossnamekatalogen huet 64 Moossnamen an en deelt sech op sechs Beräicher op. Hei gesitt Dir en eemol als Rappel, dat ass Entwécklungsplanung a Raumuerdnung, dat ass ee Beräich fir déi gemengeneege Gebaier, Vir-an Entsuerung, Mobilitéit, déi intern Organisatioun vun der Gemeng a Kommunikatioun a Kooperatioun.

Op deem Slide gesitt Dir e Verglach tëscht dem Stand vum Katalog vun Enn Januar, do war den éischten Audit, dee stattfonnt huet, dee mir schlussendlech mat 60,6% ofgeschloss hunn. Dir gesitt an der rietser Kolonn de Stand vun Enn August, dat ass u sech dee Stand, mat deem mir an den zweeten Audit wäerten erangoen, deen de 27. Oktober wäert stattfannen.

Wann een dat elo vergläicht, da gesäit een, datt mir 10 Punkte konnten eis weiderentwéckelen am Klimapakt, dat heescht, mir hunn e Sprong mat 10 Prozentpunkte gemaach an ech wäert kuerz erklären op wat déi 10 Prozentpunkte zeréckféiere loosse. Am Beräich 1 – Entwécklungsplanung a Raumuerdnung, do hu mir dee gréisste Sprong gemaach, dat ass e Plus vu 15,5% an dat ass haaptsächlech dorop zeréckzeféieren, datt den Nohaltekeetsmasterplang ofgeschloss ginn ass an ebe mat deem Facteur, wéi et haut virgesinn ass, géif een dann do och eng Rei Punkten am Klimapakt kréien a Leit zielen och dozou. Dann, ech ginn net op all Projet an, mee zum Beispill am Beräich 3, do hu mir och e Sprong vu 4% gemaach, dee léisst sech ënnert anerem dorop zeréckféieren, datt am Kader vun der CO2-Bilanz eng Analys gemaach ginn ass, wéi déi verschidde Menagen heizen, also mat wéi engem Energieträger do d'Hëtzt produzéiert gëtt.

Dann, am Beräich intern Organisatioun, do gouf festgeluecht an et gouf eng Decisioun geholl, wéi vill Forma-

tiounsstonnen am Beräich Klima bei de Gemengenaar- bechter a -fonctionairë sollen absolviert ginn.

An am Beräich Kommunikatioun a Kooperatioun goufen eng Rei Stakeholder-Analyse gemaach vu verschiddene Beräicher, déi am Klimapakt ofgedeckt sinn. Dat wier u sech den éischte Punkt, d'Presentatioun vum aktuelle Stand vum Klimapakt. Ech weess net ob Dir dozou direkt Froen hutt, soss géif ech weiderfueren.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Ech géif proposéieren, mir maachen déi dräi Punkte separat, dat heite war reng informativ an ech wëll drun erënneren, virun e puer Wochen a Méint hate mir en informelle Gemengerot, wou mir jo awer esou munches oder villes presentéiert hunn, hei ass am Fong d'Suite gewiescht vun deenen Aarbechten, respektiv hei ass elo d'Clôture vun deenen Aarbechten. Mir géifen déi dräi Punkten da separat behandelen, hei reng informativ ass dee Punkt firlech kloer, ass déi Informatioun also gutt ukomm, sou wéi mir eis dat gewünscht hunn? Gutt, da soen ech merci a mir ginn op den zweete Punkt.

5.2. Presentatioun an Approbatioun vum Leitbild „Klimapakt 2022-2030“

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Gutt, also wéi gesot, dat heite war eng Obligatioun, déi mir hunn, fir dat all Joer am Gemengerot ze presentéieren, wéi sech d'Gemeng am Klimapakt weiterentwéckelt huet. Den zweete Punkt ass d'Leitbild vum Klimapakt vun 2020 – 2030, wéi de René Manderscheid et scho sot, gouf e Leitbild och am informelle Gemengerot presentéiert. Ech ginn elo nach eemol graff doduerch fir datt Dirlech kennt drun erënneren an hei ass et och wichteg, datt et gestëmmt gëtt zum Schluss, vu datt dat och eng Moosnam vum Klimapakt ass an duerno och eng Rei Punkte firdeen nächsten Audit géif bréngen.

Hei geet et am Fong drëm, déi klima- an energiepolitesch Ziler bis 2030 ze definéieren an och politesch ze verankeren. Hei gesitt Dir nach eemol, wéi d'Leitbild vum Klimapakt ausgeschafft ginn ass, de Service écologique huet et virbereet, et gouf am Klimateam Enn Februar virgestallt an och diskutéiert. Aus dem Klimateam gouf eng Aarbechtsgrupp gegrënnt, déi sech méi intensiv mat deem Leitbild ausernee gesat huet, dat war Enn Abrëll an du gouf et nach eemol duerch de Biergerpanel Enn Mee bis Enn Juni bewäert, soudatt et am informelle Gemengerot den 18. Juli virgestallt gouf an haut wier et um Programm fir dann de Beschluss ze huelen.

Hei gesitt Dir, wou et sech am Klimapakt usidelt, hei ass et de Beräich 1 - Entwécklungsplanung a Raumuerdnung, wou all Konzepter a Strategien sech usidelen an et ass direkt an der éischter Moosnam, wou d'Leitbild gefrot ass an déi Moosnam heescht politesch Verankerung vun den Energie-, Klima a Ressourcenziler. Ënnert dësem Slide hunn ech den aktuelle Kader zesummegefaasst, einfach fir datt Dir gesitt, datt mir eis un déi Strategien, Pläng an Dokumenter gehalen hunn an déi och am Leitbild berücksichtegt hunn. Wat waren d'Themen, déi am Leitbild ugeschwat sinn? Et sinn energiepolitesch Zilsetzungen, et ass engersäits Klimaschutz awer och den Ëmgang mat de Klimawandel-

folgen, dann, Mobilitéit ass en Thema, Circle Economy, Offfall- a Ressourcemanagement, Waasserwirtschaft, Loftqualitéit an - e wichtige Punkt - de Monitoring vun de wichtigen Zilsetzungen, déi mir eis setzen, fir déi Indicateuren iwwer d'Zäit ze verfollegen.

Wat sinn elo déi iwwergeuerdent Zilsetzungen vum eise Leitbild? Als éischt hu mir de Klimaschutz an d'Upassung oder Adaptatioun vum Klimawandel als zwee gläichwärtig a wichteg Handlungsfelder definéiert, d'Resilienz vun den Ecosystemer an och vun den Infrastrukture bei eis an der Stad solle gestärkt ginn, d'Energieeffizienz sou wéi d'Substitutioun vun de fossilen Energieträger duerch déi erneierbar Energieträger soll erneiert ginn an et soll en nohaltegen a responsablen Ëmgang mat eisen Ressourcë gefërdert ginn. D'Zil ass bis 2030 55% vun den CO₂-Emissiounen anzespueren, dat heescht jo, hei ass et pro Awunner, also op den Awunner erfogerecht, dat wier da vun 9,6 Tonnen CO₂ equivalent pro Awunner, déi mir 2018 haten, wëlle mir bis 2030 op 4,32 Tonnen CO₂ pro Awunner erfokommen. Dat wier elo e kuerzen Iwwerbléck iwwer d'Leitbild.

5.3. Presentatioun an Approbatioun vum Leitbild fir nohaltege Entwécklung als Aktionsplang vum Covenant of Mayors

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Dann den drëtten Punkt, och hei ass den Nohaltegkeetsmasterplang am Juli am Detail vum Büro EKOS, vum Herr Alheim virgestallt ginn. Ech ginn op verschidde Punkten an, fir nach eemol déi wichteg Saachen ervirzehiewen. Den Nohaltegkeetsmasterplang ass jo och den Aktionsplang vum Covenant of Mayors an dofir muss deen haut och gestëmmt ginn, fir datt mir dat esou kënnen och richtig ofginn. Wat sinn d'Ziler vun deem Nohaltegkeetsmasterplang a Covenant of Mayors? Dat ass engersäits, datt mir wollte mat all de Servicer wichteg Moosname fir d'Stad Diddeleng ausschaffen. Dann ass een Zil fir den Aktionsplang gewiescht vum de Covenant of Mayors, fir de den Sustainable Energy a Climate Action Plan auszuschaffen an dat ass gläichzäitig de Moosnamekatalog op dee mir och duerno ze schwätze kommen. Dann ass et natierlech en Tool, deen Nohaltegkeetsmasterplang ënnerstëtzt och eis Ëmsetzung vum Klimapakt.

Natierlech, e ganz grousst Ziel vum Nohaltegkeetsmasterplang ass d'Reduktioun vun den Zäregasemissiounen um Stadgebitt vun Diddeleng, d'Klimaresilienz soll an d'Luucht gesat ginn an ee ganz wichtigen Aspekt vum Covenant of Mayors ass den Echange zwëschen de Stied, déi do matmaachen datt deen och gefërdert gëtt. A wéi ech et scho sot, ginn et mam Nohaltegkeetsmasterplang och gewësse Synergien, déi ee mam Klimapakt a mat dem Covenant of Mayors schafe kann. Wéi ass dat ofgelaf fir den Nohaltegkeetsmasterplang ze erstellen? Wéi gesot, et hunn eng Rei Reuniounen stattfonnt, mat all de concernéierte Servicer, mat deenen Zilsetzungen ausgeschafft goufen an och scho konkret Moosnamen, déi duerno an de Moosnamekataloge kommen sinn. Dann ass och festgeluecht ginn, datt 2018 d'Basisjoer soll sinn, besonnesch vun der CO₂-Bilanz, well 2019 an 2020 opgrond vu Corona an Homeoffice, Homeschooling an esou weider net als géeeigent

Basisjoer identifiziert gouf. An da gouf och - fir nach een anert Beispill erauszepicken - eng Ëmfro mat den Haushalter gemaach, ebe fir dee Basisemissionsinventar z'erstellen, dat ass d'CO₂-Bilanz, déi am Kader vum Covenant of Mayors muss erstellt ginn.

Wéi gesot, déi Erkenntnisser aus deene Reunionen si festgehalen ginn, déi goufen och regroupéiert a siwen Handlungsfelder, et sinn Ziler, qualitativ a quantitativ festgeluecht ginn, déi Ziler a Moossname si mam Schäfferot ofgestëmmt ginn, doraus ass ee Moosnamekatalog entwane mat konkreten Indicateuren, déi mir verfollegen. An natierlech och als leschte Schratt war dann d'Virstellung vum dem Katalog a Moosnamekatalogen vum dem Dokument zum Plang. Et ginn also véier grouss Elementer aus dem Nohaltegkeetsmasterplang, dat ass eemol de Basisemissionsinventar fir ze kucken, wou sinn dann eis gréissten CO₂-Emissionsverursaacher.

Dann ass et den Aktiounsplang fir konkret Moossname kënnen ëmzesetzen am Beräich Klimaschutz a Klimapassung. Dann en drëtten Volet ass d'Risikoanalys fir ze kucken, wéi eng Geforen entwéckelen sech wéi an och d'Risiko vum de Geforen, wéi déi sech an Zukunft weider entwéckelen an dann natierlech, wéi kréie mir eis Zäregasemissionen um Stadgebitt reduzéiert? Hei nach eemol den Iwwerbléck iwwer déi siwen Handlungsfelder, dat ass Raumplanung a besteeënd oder aktuell Quartieren, da kommunal Gebaier a Beliichtung, Ver- an Entsorgung, Mobilitéit, Kommunikatioun, Kooperatioun an de siwente Beräich Gréngflächen a Biodiversitéit. Ech ginn elo net op all déi siwen Handlungsfelder an, ech hu just eent erausgepickt fir eemol kuerz ze weisen, wéi et opgebaut ass. Dat ass Gréngflächen a Biodiversitéit, dat heescht, pro Handlungsfeld goufe Moosnamen dann definéiert wéi zum Beispill dann hei, datt déi aktuell Gréngflächen hei d'Situatioun verbessert soll ginn oder datt Liewensraum solle geschaf ginn, einfach fir puer Moosnamen erauszepicken.

Da wollt ech kuerz op de Basisemissionsinventar ze schwätze kommen. Mir hunn 2018 als Basisjoer zeréckbehalen a fir 2018 louchen d'Zäregasemissionen bei ronn 200 000 Tonnen CO₂ equivalent a bis 2030 mussen déi ëm 55% reduzéiert ginn, dat heescht, 2030 mussen mir bei ronn 90 000 Tonnen CO₂ equivalent ukommen. Dat wier dann eng Aspuernis vum 110 000 Tonnen CO₂ equivalent. Wat nach interessant ass, ass ze gesinn, wéi sech déi Emissionen op déi verschidde Beräicher opdeelen. Dir gesitt, datt de gréissten Deel 40% op Mobilitéit zeréckzeféieren ass an 22% op d'Menagen a just - einfach fir ze weisen - 1% op déi kommunal Gebaier. Dann de leschte Volet, op den ech ze schwätze kommen, dat ass d'Risikoanalys, wou gepréift gëtt, wéi sech d'Risiko vu verschidde Geforen iwwer déi verschidde Joer entwéckelen, zum Beispill d'Extremhëtzt oder och déi Staarkreenevenementer an hei ass dann zum Beispill dobäi erauskomm, beim Staarkreen, datt do d'Intensitéit, d'Dauer an d'Heefegkeet vu Staarkreenevenementer wäerten an d'Luucht goen, gënn wéi och bei der extremer Hëtzt, datt d'Unzuel vum den Deeg mat extremer Hëtzt wäert an d'Luucht goen, einfach déi zwee Punkten, fir déi och hei erauszepicken.

Dann, fir eng besser Dategrondlag ze hunn am Beräich Risikoanalys an eben dann d'Upassung un d'Klimawandeleffekter gouf eng Staarkreenrisikokaart erstellt. Et gouf och eng Kaart erstellt fir ze kucken, wou kann d'Temperatur an der Nuecht nach genuch ofkillen, wéi sinn d'Temperaturen am Dag, wéi sinn se an der Nuecht, wou kann se nach ofkillen iwwer der Nuecht a wéi kann een an Zukunft Moosnamen huele fir eis un déi extrem Hëtzt unzepassen.

Wéi gesäit déi Ëmsetzung vum Nohaltegkeetsmasterplang bis 2030 aus? Majo, elo hu mir domadder ugefaangen, da soll all Joer bis 2030 Monitoring gemaach ginn a gekuckt ginn ob mir nach eis Ziler erreechen. Et soll och all Joer mat de Gemengeresponsabelen dat duerchdiskutiert ginn, dann all zwee Joer sinn d'Ziler vum Covenant of Mayors z'iwwerpräiwen an dann am Fong iwwer déi ganz Lafzäit vum Nohaltegkeetsmasterplang kucke mir fir Fërdergelder ze kréie fir weider Projeten ëmzesetzen an eis mat anerer Stied ze connectéieren an auszetauschen, fir ee mat deem aneren ze léieren. Merci fir d'Nolauschteren.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, wéi gesot, mir hu jo dann déi zwee Punkten, déi musse mir ofstëmmen, de 5.2 an de 5.3 an dann ass d'Diskussioun zu deene Punkten elo op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Manderscheid, also wéi gesot, ech hu mir hei graff Gedanke gemaach iwwer déi Schwéierpunkte vum deem Klimaleitbild a vum deem Nohaltegkeetsmasterplang, ech sinn net an d'Detailer gaangen, well déi hu mir jo elo schonn hei virbruecht kritt. Zu den éischten zwee Punkten, 5.1 an 5.2, do ass et esou, datt zanter 1994 Diddeleng an der Ëmwelt- an Energiepolitik aktiv ass an duerch eisen Engagement am Klimabündnis Klimapakt a Covenant of Mayors muss sech eis Gemeng elo engem Klimaleitbild déi Ziler setze fir de Klimaschutz, de Klimawandel an d'Energieeffizienz an den nohaltege Ressourcen an de Grëff ze kréien. Domadder ginn also déi Ziler politesch verankert. All eis Efforte ginn am Klimapakt mat Auditen am Moosnamekatalog verglach an deementspreechend finanziell entlount. D'Leitbild gëtt all zwee Joer iwwerschafft a baut op eng intensiv Biergerbedeelegung op a gëtt vum Klimateam begleet. Eng ganz Rëtsch vu konkreten a ganz ambitiësen Ziler sinn elo schonn an deem Leitbild wat eis hei virläit festgeluecht: Reduktioun vum den Dreifhausgasemissionen vum den Haushalter a Gemengebetriber, eropsetze vum der Energieinduktioun, Verännerung vum der Mobilitéit zu engem gréisseren Undeel an d'Mobilitéit douce, Offallreduktioun, Waasserhaushalt a weider Qualitéiten. D'Gemeng muss mam gudden Beispill virgoen an d'Bierger maximal sanctionéieren, fir hir et nozemaachen. D'Leitbild-Zilsetzung kann nëmmen erreecht ginn duerch ee gemeinsaamt um Strapp zéie vu Gemeng, Bierger, Handel an Industrie.

Den Nohaltegkeetsmasterplang vum Schäfferot setzt eisen Ustengungen zum Klimaschutz nach en zweeten Volet dobäi - Upassen un de Klimawandel - et geet drëms de Klimafolgen an de Klimakatastrofen entgéintzewierken an d'Bevëlkerung an eisen Territoire nohaltege ze schützen. A siwen Handlungsfelder gëtt eng Risikoanalys an e Basisinventar gemaach, déi am Leitbild

gesaten Ziler ginn dann iwwerpréift a regional an international ausgetosch. Schlussendlech bréngen all eis Ustrengungen ausser dem Benefice fir Ëmwelt a Liebensqualität och nach am Klimapakt finanziell Ertrag, déi duerno erëm an d'Beräicher Ëmwelt an Energie zeréckfléissen. D'CSV dréit all Ustrengungen am Leitbild am Nohaltegkeetsmasterplang an am Buergermeeschter Ofkommen mat, mir begléckwünschen all Bedeelegt, déi eis bis esou wäit bruecht hunn, soen hinne merci fir hiert Engagement an si gewëllt, zesummen de Wee matzegoen. Mir ënnersträichen d'Noutwennegkeet vun der Informatioun vun de Bierger a Veräiner, déi opwenneg an zugläich awer liicht accessibel a verständlech muss sinn. D'Lat ass héich geluecht, mir sinn eis awer och bewusst, datt d'Verfolge vun deenen Ziler e laangen a beschwéierleche Wee gëtt. Zum Beispill sollen d'Bierger dozou ugehale ginn, hir fossil Brennstoffheizungen z'ersetzen an ënnert anerem op Wärmepumpen ëmzeklappen. Leider ass et awer esou, datt mat deem momentane Verloscht vun der Kafkraaft vill Leit sech déi Uschafung net leeschte kënnen an datt d'Zësen op engem eventuelle Prêt och nach klappen.

Da sinn och vill Leit net genuch um Courant vun de staatlechen a kommunalen Ënnerstëtzen, déi dobäi och eréischt laang no der Acquisitioun erakommen. Dat alles mécht d'Ëmklappen net einfach, och wann de gudde Wëllen do ass. Do si clever Konzepter zur Berodung an zu onkomplizéierte Bähëllef gefrot. Ofgesi vun de spezialiséierte Betriber hirer Onméiglechkeet de Moment all déi Demanden a valabelen Delaien nozekommen. En interessanten Artikel an enger Dageszeitung vu gëschter huet mat Pisten opgezechent, wéi de Bierger sech mat Sonn, Wand a Biogasanlage kann e bescheidenen Astig an dës Politik erméiglechen. E weidert Beispill fir d'Komplexitéit vun der Saach ze weisen:

Dat gutt Beispill vun der Gemeng: Ausser deenen omnéisen Heizpilze vum leschte Wanter ass op dëser Plaz an och bei de Bierger am Klimateam schonn e puermol déi rout Dreckschécht kritiséiert ginn, bei där op grouse Fester einfach alles dragehätt gëtt ouni ze triëieren. Et gouf ëmmer gekontert, de Bierger wier zur Mülltrennung net fäeg. Misst een net villäicht awer eemol dem Bierger eng Chance ginn, fir dat ze beweisen an zum Beispill sur place bei esou engem Fest mat Fräiwëllegen aus de Servicer an aus de Veräiner eng Berodung, Ureegung a Kontroll ubidden, fir eng ëmweltpolitesch noutwenneg Mülltrennung ze maachen? Ze bemierken ass och, datt um Usina eise Cup-System zu engem spéidere Moment einfach versot huet an och eng weider Formatioun vun de Bedeelegten erfuerdert. Da géif ech och bemierken, datt déi Luuchten hei am Sall während dësem Gemengerot fënnf Stonne laang brennen. Och wann et LEDe sinn, muss dat awer net onbedéngt néideg sinn, well duerch déi staark Sonnastralung hunn ech den Androck, datt mir och genuch géife gesinn, wa mir se géifen ausmaachen.

Dann en drëtt Beispill vun der Sisypusarbeit hei zu Diddeleng, dat ass d'Mobilitéit. Wann ee gesäit, datt am Emissiounsinventar de Verkéier mat 40% féierend ass, dicht gefollegt vun der Industrie, da gëtt d'Noutwennegkeet vun enger regionaler an nationaler Zesummenaarbecht mat CFL an TICE, kloer: Wéi schwéier sinn

eis Ziler ze verwierklechen, wann een de Moment gesäit, datt ëmmer méi berufstäteg Matbierger dem ëffentlechen Transport de Réck dréien an no Joren erëm op den Individualverkéier zeréckgräifen, well Diddeleng elo sämtlech Direktzich gestrach krut an de Retour vun der Aarbecht duerch Verspéidungen an Ausfäll vun Zich einfach katastrophal ass. Et ass also en holprege Wee, mee mir müssen en upaken, et geet net anescht. De Klimadag vum leschten Samschdeg war e volle Succès, eng remarquabel Biergerbedeelegung huet a véier Atelieren eng Hellewull un Impulser opgeléicht.

Leider hunn nëmmen d'Participanten vun den Atelieren, awer net d'Conseillere Rapporte vun deenen Atelieren zougestallt kritt. Graff gesot gouf ëmmer erëm betount, wéi wichteg et ass fir Bierger opzeklären, als Gemeng mam gudde Beispill virzegoen a finanziell Hëllef unzbidden. Ganz vill konkret Punkte goufen opgezielt zur Energieprekaritéit, Lasskomme vu fossilen Brennstoffen, Energieproduktioun a Promotioun vun der Renovatioun. Schlussendlech gouf awer och no Drénglechkeetsléisung gesicht fir de Bierger an hirer prekärer Situatioun fir den nächste Wanter entgéintzewierken. Ofschléissend wéilt ech also hei der CSV-Fraktioun hir Ënnerstëtzung vum Leitbild an Nohaltegkeetsmasterplang ausdrécken, mir wäerten dat selbstverständlech matstëmmen. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, Merci fir d'Wuert, als éischt mol muss ech ausdrécklech begréissen, datt sech mam Thema Ëmwelt a Klima an eiser Gemeng vill ausernee gesat gëtt, et ass jo och net direkt en neit Thema hei zu Diddeleng, mee en Thema wat ëmmer muss aktuell bleiwen an net aus den Ae verluer dierf goen. Ech soen dofir och merci fir d'Presentatioun déi mir elo schonn e puermol gemaach kritt hunn op verschidde Plazen an och dem Service écologique, do stécht ganz vill Aarbecht dohannert. Ech ka mech u villem uschléissen, eigentlech allem wat den Här Gangler gesot huet, ech weess och net ob ech nach komplementär Saachen ze soen hunn, ech hu mech dann och duerch déi Dokumenter gelies an ech muss soen, den Nohaltegkeetsmasterplang dat ass schonn en déckt Buch mat deenen 272 Säiten et ass natierlech zimmlech komplett, trotzdem kann een sech froen ob et net einfach iwwerdriwwen ass, net wat Mesuren an Ziler ugeet, mee einfach Dokument u sech. Op der anerer Säit ass et och flott wann alles gutt erkläert ass a wann een dat kann nokucken, Detailer si jo och oft wichteg. Et gesäit een doraus, datt Diddeleng 2013 Member ginn ass am Pacte Climat 1 an awer just déi zweethéchst vun dräi méigleche Stufen erreecht mat 65,2 % dat war zwar fir déi meescht Gemengen de Fall esou, mee et hätt een awer kéinte méi ambitiéis sinn a Gold viséieren, vu datt de Pacte Climat 1.0 bis Enn 21 gelaaf ass, beim Audit am Januar 2022 waren et just nach 60,6% 2. vu 4 Stufen Erklärungen dozou hu mir kritt, d'Ambitioun ass Gold ze erreeche bis 2024 dat ass trotzdem awer nach e grouse Schratt an et kann een sech duerchaus froen, wéi den ze maachen ass.

Ech hunn eng Fro zum CO₂, Diddeleng viséiert fir seng CO₂ Emissiounen ëm 52% bis 2030 ze reduzéieren dat steet säit 2018 als Ziel am Covenant of Mayors Accord wou Diddeleng Member ass an och am Leitbild vum Pac-

te Climat 2.0 dat si minus 4,6% pro Joer vue, datt Did-
deleng dat Ziel säit 2018 huet. Mir hunn erkläert kritt,
firwat 2020-2021 net zielt, mee ech wëll froe wéi vill
Prozent den CO₂ da bis haut schonn erof gaangen ass,
ob dat gewosst ass? Wann Diddeleng well bis 2050 CO₂
Neutral sinn, da misst elo awer scho mega ugerappt
ginn. Wann een reng Mesurë kuckt, wou an dem Mons-
ter-Dokument dran stinn, wéi Dir wëllt CO₂ Emissiou-
nen erofkréien, da kommen ech souguer als Net-Expert
drop, datt ech mengen, datt dat net kann duergoen.
Ech zielen se elo net all op, ech hunn déi fënnef hei sto-
en, dat kënne mir jo all liesen. Wann een d'Leitbild vum
Klimapakt duerchliest, gesäit een an alle Beräicher, datt
d'Ambitioune grouss sinn, mee d'Ëmsetzen net wierk-
lech definéiert ass an och net ëmmer realistesch ass.
Dobäi kennt dann, datt verschidde virschléi oder Sugge-
stiounen iwwerhaupt net berücksichtegt ginn, obwuel
se eppes kéinte bäidroen beim Erreeche vun den Ziler.
Ech ginn einfach nëmmen e puer kleng Beispiller ouni op
dat Grousst a Ganzt anzegoen, fir de Quartier Neisch-
melz steet „wird in nachhaltiger und CO₂-neutraler Bau-
weise geplant und ausgeführt“. Dat heescht alles an
awer och net ganz vill, et sti keng Obligatiounen do.

Anert Beispill: „die Zahl der innenstädtischen Parkplät-
ze wird reduziert“, dat steet am Leitbild, gläichzäiteg
gëtt awer eng Suggestioun fir eng Foussgängerzone
amplaz vum Shared Space mat Parkplaze kategoresch
verworfen, ouni eigentlech Diskussioun. An dann, de Waas-
serverbrauch soll erofgesat ginn, ënner anerem dodu-
erch, datt d'Bierger an d'Biergerinne sensibiliséiert an
informéiert ginn. Eng Diskussioun iwwer de gestaffel-
te Waasserpräis gëtt awer ëmmer erëm am Keim er-
stéckt an ofgewiert obwuel dat eventuell awer eng vun
de méigleche Mesurë kéint sinn. Wéi gesot, einfach
kleng eenzel Beispiller, ech denken, mir sinn eis all eens
wann ech soen et geet net duer, sech dem Klimapakt
unzeschleissen a grouss Dokumenter opzesetzen, wou
Ziler dra stinn, mee et muss een dann och Efforte ma-
chen, fir déi Ziler ze erreechen an do wäerte mir eis all-
egueren an och d'Gemeng beméien. Wéi erreeche mir
déi Ziler? Sécher kann do Gemeng selwer vill bäidroen,
an dann och als Beispill virgoen. Et geet awer sécher
net wann d'Bierger a Biergerinnen net mat agebonne
ginn, sou wéi och d'Industrie, do geet et och net duer,
se just ze informéieren, mee si musse sensibiliséiert an
ënnerstëtzt ginn, den Här Gangler sot dat och, wat och
immens wichteg ass, ass fir op se ze lauschteren an se
eescht ze huelen.

Mir hunn zu Diddeleng säit Ufank vum Joer e Climateam,
wou vill Leit sech dofir interesséiert hunn, direkt an
der éischter Versammlung, wou mir den Androck kritt
hunn, datt sech do vill Leit gemellt hunn, flott an inter-
essant Wuertmeldungen, Suggestiounen an Approchen
si gemaach ginn. Do ass et wichteg, all déi engagéiert
Bierger a Biergerinnen net nëmmen ze héieren a Pseu-
doreuniounen ze maachen, fir e puer Punkten ze kréien,
mee se wierklech mat anzebannen. Ech mengen, dat
muss ee mat op de Wee huelen. An deem Kontext wëll
ech nach eppes zum éischte Klimadag soen, deen hei de
17. September stattfonnt huet: Mir fannen, datt deen
Dag gutt organiséiert war, dofir e merci un de Staff
vum Service écologique an natierlech un d'Membere
vum Climateam, déi do matgeholfen hunn. Et waren eng

Rei interesséiert Bierger a Biergerinnen do, vun dohier
war et gelongen, och wann een ëmmer ka soen, et hät-
ten der kënne méi sinn, mee dat kann een ëmmer soen,
et soll ee frou sinn, datt Leit do waren an de Sall war
relativ gefëllt, sou datt ee kann zefridde si mat deem
Dag. D'Rapporte vun de verschiddenen Atelierien hu mir
e Mëttwoch gemailt kritt, ech muss soen, mir war net
opgefall, datt de Conseil se net kritt huet, well ech sou-
wuel dat eent wéi dat anert sinn, ech war Participant,
mir war net opgefall, datt net all Gemengerotsmember
se kritt huet.

Trotzdeem, merci dofir un d'Personal aus dem Ëmwelt-
service, leider konnt ech déi net ganz am Detail duerch-
schaffen, well et mir un der Zäit gefeelt huet. D'Fro
stellt sech natierlech, wat domadder geschitt, ginn déi
Dokumenter ëffentlech gemaach oder weider geleet un
d'Climateam fir ze verschaffen oder wat gëtt soss do-
madder gemaach? Dat wier schued wann all déi Iddien,
wou opkomm sinn, wou sécherlech ganz brauchbarer
dobäi sinn a wou villäicht deelweis nach kee vun de Ver-
antwortlechen dru geduecht huet, wann déi net géife
berücksichtegt ginn. Dat soll jo och ëmmer de But vun
esou engem Klimadag sinn, mee mir wësse jo wéi et hei-
ansdo geet mat esou Saachen, si kéinte mol am Tirang
verschwannen an dat wier schued. Schued um Klimadag
war och, datt Kolleegeinnen a Kollege vun der Majoritéit
heibannen sech net schénge fir den Austausch mat de
Bierger an sengen Ureegungen ze interesséieren, et
waren der e puer do fir kuerz Zäit, déi wollten sech awer
net wierklech un den Aarbechtsgruppe bedeelegen a
waren duerno och séier erëm fort. Allgemeng muss ech
soen, datt mir souwuel de Klimapakt, wéi och d'Leitbild
an den Nohaltegekeetsplang begrëissen a mir och wa mir
bei verschiddene Punkten skeptesch sinn, se trotzdeem
natierlech matstëmmen. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo Merci villmools
fir d'Wuert. Fir d'alleréischte e grouse Merci un d'Lis
Cloos, déi déi ganz Thematik kloer a gutt erkläert, mee
och un déi ganz Ekipp vum Service écologique fir dat En-
gagement an iwwerhaupt d'Gemeng, datt Dir lech dofir
engagéiert. Eng Gemeng soll ëmmer mam gudde Beispill
virgoen an net am Stil „maach wat ech Dir soen an net
wat ech maachen“. Hei, mengen ech, si mir am Kontext
„ech maachen dat wat s du och solls maachen“, wat
d'Energiespueren ugeet a mir begrëissen dat ausdré-
cklech. Ech mengen, den Här Gangler an d'Madamm Er-
pelding hu scho ganz viles gesot, dat ass eben den No-
deel wann een als drëtt Persoun schwätzt. Ech wäert
mech hoffentlech net widderhuelen, ech wollt effektiv
awer e puer Saache soen trotzdeem bei dem European
Energy Award. Mir waren do den 31. Januar op 60,6%
an de 24. August op 70,6% a wann ee kuckt, déi indi-
rekt Nopeschgemenge Schëffleng an Esch, déi sinn iwwer
80% a goldzertifizeert, do wollt ech einfach eemol
froen ob dat eist Zil ass, wat ech natierlech mengen, a
wéini mengt Dir kéinte mir eis Goldmedail kréien?

Dat anert wat ech wollt soen, dat ass, mir hunn hei
effektiv ganz ambitiéis Ziler, wat och richtig a wichteg
ass well mir sinn net méi an engem Klimawandel,
mir sinn an enger Klimakris a leider Gottes hätt een
dat dote scho kënne virun zwanzeg Joer ufänken, mee
hautdesdaags ass et esou, mir läschen d'Feier do wou

et grad brennt an Anticipation ass net ëmmer eis Stäerkt. Ech schwätze vun der Gesellschaft, net vun der Gemeng. Zum Klimadag ass et esou, datt en Erfolleg hat, ech war leider selwer net dobäi well ech hu misse op eng aner Reunion, mee ech krut och gesot, datt d'Oppositionsparteien u sech ganz gutt vertruede waren a leider den Dialog mam Gemengerot net do war. Voilà, dat huet och heiansdo perséinlech Grënn, par contre, wat ech matkritt hunn an dat ass e Constat, deen ech scho säit e puer Joer maachen, dat ass, datt Informatiounsbedarf oder Opklärungsbedarf nach do ass, zum Beispill wann ee wëll en Haus isoléieren a seng Fassad schléisst un den Trëttoire, wéi maache mir dat? Dat heescht, do gehéiert och Ëmännerung oder Upassung vun engem Bautereglement a villäicht nach aner Froen, wéi eng Wärmepompe Loft Waasser déi och Kaméidi mécht, datt een dat reegelt, déi gesäit ee vun noem, wéi wäit, datt ee vun enger Fassad dierf bleiwen, fir datt et awer trotzdeem am Alldag agreabel bleift, esou eppes wat Kaméidi mécht matzedroen an dee Kaméidi ze verstoppem ouni elo an den Detail ze goen.

Eng aner Fro ass an de Finanzen. Am Budget kann ee liesen, datt e Fonds de réserve do ass vun 800 000 Euro fir de Klimapakt, d'Etüd vum Masterplang kascht 400 Euro, wat geschitt mat deene Sue vum Klimapakt? An ech schléissen dann of mat engem Saz deen u sech am Fazit och steet: Eis ambitiéis Ziler si wichteg a richteg, dofir brauche mir awer dat néidegt Personal fir dat kënnen ëmzesetzen. Mir brauchen och eng gutt duerchduecht Planung an och déi finanziell Ressourcen, déi dofir néideg sinn a voilà, dofir wollt ech domadder ofschléissen an den Accent drop setze fir datt all déi Mesuren net nëmmen Theorie bleiwen, mee och kënnen à court terme ëmgesat ginn. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Da soen ech Merci, sinn nach weider Wuertmeldungen? Maddamm Martine Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, mir diskutéieren haut iwwer den Ëmweltschutz an Nohaltegkeet an eiser Gemeng fir Joren 2022 bis 2030 dat heiten ass awer net eppes wat einfach mol sou um Ordre du Jour steet mee dat ass aus laanger Hand virbereet an och duerch Bedeelegung vu ville Leit diskutéiert a geformt ginn, sou wéi dës Majoritéit dat wollt. Et ass dofir fir mech verwonnerlech, datt elo déi Efforten, déi déi lescht 2 Joer gemaach gi sinn - an och dat Resultat wat mir déi lescht 2 Joer gemaach hunn - anscheinend heibannen näischt wäert sinn oder net gesi ginn, ech weess et net.

Also komesch wéi Resultat jo, Dir kënnt dat jo noliesen, wat Dir elo grad gesot hutt mee bon, et ass virbereet gi vun eise Ëmweltservice et ass e Klimateam geschaf ginn, déi Proposen am Februar 2022 diskutéiert hunn. Finaliséiert sinn se ginn an enger Aarbechtsgrupp zum Thema Leitbild am Abrëll. Dat Ganzt ass dunn nach bewäert gi vum Biergerpanel vun Enn Mee bis Enn Juni. Schlussendlech krute mir dann hei an engem informelle Gemengerot den 18. Juli de Projet ausféierlech virgestallt an haut stëmme mir doriwwer of. Ech wëll ganz däitlech hei vun der LSAP-Säit all deene merci soen, déi sech un dësem Prozess konstruktiv an engagéiert

bedeelegt hunn. Ugefaange bei de Bierger dobaussen, déi sech hei mat abruucht hunn an och eisen Ëmweltservice - an dat ass jo allgemeng och hei valoriséiert ginn - mat hirem immens groussen Engagement an der Viraarbecht, déi dohannert stécht.

Fir dës Majoritéit ass Ëmweltschutz net eppes wat elo op eemol modern ginn ass, neen, zënter 1994 ass dës Stad Member vun der Alliance internationale pour le climat, ech mengen, verschidden Initiative ginn nach op de Komerod Marc Zanussi zeréck. Säitdeem hu mir kontinuéierlech eis Stad méi ëmweltfrëndlech a méi nohalteg gemaach. All Dag mécht sech bezuelt well dat Resultat wat mir haut hunn, dat géif een net hikréien a kuerzer Zäit, esou eppes baut sech op iwwer Joren a Joren a mir stinn net fir näischt esou gutt do, well mir ganz fréi domadder ugefaangen hunn, well eis dat wichteg war. De Bilan léist sech weisen an dat ass net well mir elo ufänken op den Zuch vum Ëmweltschutz opzesprangen, neen, hei gëtt säit Joerzéngte Schrëtt fir Schrëtt Ëmweltschutz gelieft an ëmgesat. D'Gemengeverwaltung muss natierlech mam gudde Beispill virgoen, dofir sinn elo direkt e puer Moosname geholl gi fir Energie ze spueren. D'Heizungen an de Gemengegebaier ginn duerchschnëttlech 1 Grad erofgesat, wat eng Aspuerung vu ronn 6% bedeit, d'Vestiaire gi vu 25 op 20 Grad erofgesat, wat, mengen ech, ganz mënschlech ass an dat bedeit eng Aspuerung vun 30%. D'Stadhaus gëtt owes net méi belicht an d'Stroossebelichtung gëtt do wou et Sënn mécht, reduzéiert ouni datt dat op Käschte vun der Sécherheet well dat wëlle mir net.

Interessant ze bemierken ass och, datt déi eelef nei Bushaisercher hiren eegene Stroum maachen, well se mat eegener Fotovoltaikanlag ekipéiert sinn. Fir d'Chrëschtdeeg gëtt elo just am Zentrum belicht an dat eréischt ab 17.00 Auer, um Chrëschtmaart si keng Gas- oder Elektroheizkierper erlaabt. Ëmsou méi wäerte mir eis dann op e gemittlecht Lagerfeier freeën. Ausserdeem gi konsequent a konstant eis Luuchten duerch modern a spuersam LED-Luuchten ersat. Mir hunn dat jo och scho säit Jore gemaach. Net nëmmen elo mat de Stroosseluuchten, mee och an anere Beräicher wäerten hei nach Efforte gemaach ginn. Dat selwecht gëllt fir den Tri, well och dat, mengen ech, hu mir op eiser To-do-Lëscht bei de Fester a Manifestatioun. D'Sensibiliséierung läit eis besonnesch um Häerz well Iddien a Mesurë kënnen esou gutt sinn, wéi se wëllen, mee wann d'Leit net wëssen, wéi se Energie spueren a wéi se kënnen gehollef kréien dobäi, da kënnen déi Iddien net deen néidegen Erfolleg kréien, dee mir gären hätten. Mir Sozialiste fannen och, datt mir musse verhënnere, datt et Klimaschutz an Energiespuere fir besser situéiert Leit gëtt, datt nëmmen déi sech dat leeschte kënnen, déi déi Investitiounen tätegen. Hei ass och de Staat gefuerdert, besonnesch den Ëmweltministère, fir eng gerecht a virun allem bierger- a user-frëndlech Léisung ze fannen.

De Moment sinn alleguerten déi Prozedure vill ze vill komplizéiert. Dofir waren déi Verantwortlech hei zu Dideleng op de Wee gaange fir sech direkt un déi staatelech Finanzhëlfe drunzehänke fir dem Bierger nach méi Demanden a Prozeduren ze erspueren. Esou ass dat och fir d'Allocation de vie chère, wou mir als Ge-

meng 45% vun deem wat de Staat bezilt, nach drop leeën, en Taux, deen ee vun deenen héchsten ass hei am Land. Am Energieberäich ginn et eng ganz Rei vu Finanzhëllef, déi mir als Gemeng niewent dem Staat de Bierger kënnen accordéieren. Fir dat alles méi iwwersichtlech ze maache gëtt elo e Flyer ausgeschafft, den net méi spéit wéi Muer och wäert op der Fête des cultures ausgedeelt ginn.

Als Presidentin vun der Edukatiounskommissioun kann ech dem Schäfferot just felicitéieren fir dës Initiativ. Mir wäerte muer an iwwermuer gären déi Informatiounen ënnert d'Leit bréngen, ausserdeem zweifelen ech kee Moment drun, dass mir och dës Kéier et fäerdeg kréien, Sensibiliséierungscampagnë wäerten op alle Levelen, Annoncéblat, den Internet, eis App, Pushnotiichten an och d'Aarbecht um Terrain an de Quartiere mat Interactioun a Projet Ensemble zesummen. Och de gudden an direkten Drot zu eise Veräiner wäert eis hëllef, dat Netz esou enk wéi méiglech ze strecken. All eenzel ass gefuerdert duerch säin eegent Handeln, mee och duerch d'Leit ronderëm een, an der Famill, an der Noperschaft an op der Aarbecht ze sensibiliséieren an ze iwwerzeegen fir manner Energie ze verbrauchen. Dëst ass e gutt Beispill dofir, wéi mir oder dës Majoritéit am Fong eise Walprogramm ëmgesat hunn.

Wann een eis Schäfferotserklärung kuckt, dann ass dat heite jo e wonnerbaart Beispill fir d'Kapitel Nohalteg Entwécklung, dat verbonne ginn ass mat der Biergerbedeelegung a mir sinn eis kloer, dass dat wat hei um Dësch läit, e gutt Beispill ass vun Ëmweltpolitik a wéi se soll gehandhaabt ginn an der Gesellschaft an och an der Gemeng. Wann dann och un der Saach selwer net méi vill aussetzen ass, da gi mir eben ënnert de Rimm. Dat ass esou an der Politik, dat waren e bësse vill perséinlech Remarquen, déi ech wëll soen, mir waren do um Klimadag, och um Mobilitéitsdag an och um Kannerfloumaart a mir waren op de kulturelle Veranstaltungen, déi zäitgläich stattfonnt hunn, also net, dass et u Presenz feelt, mee wa soss näischt ze kritiséieren ass, da maache mir dat. Mir als LSAP stinn op alle Fall voll hannert dem Klimapakt, dem Leitbild, dem Plan directeur an och dem Covenant of Mayors an all de Mesuren, déi do drun hänken. Nach eemol villmools merci un all déi, déi dru geschafft hunn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, sinn nach Interventiounen oder Froen? Da géif ech proposéieren, dass eis dräi Gäst op déi technesch Detailler aginn an d'Schlusswuert géif ech schwätzen oder de Buergermeeschter.

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Ech probéieren op eng Rei vun de Punkten anzugehen, déi ech mir opgeschriwwen hunn, wann ech eppes vergiess hunn, dann haakt Dir nach eemol no, dass mir dat mathuelen. Den Här Gangler huet opmierksam gemaach op d'Mülltrennung op de Fester, do ass et esou, dass mir eis elo selwer e Règlement ginn hunn, wéi d'Manifestatiounen op der Place publique ofzehale sinn an d'Mülltrennung ass ee Volet dovunner, dee mir mussen an Ugrëff huelen. Déi Fester, wou vum Service écologique organiséiert ginn, déi hunn dëst Joer och schonn de Green Event Label kritt. Beim Klimadag war et esou, dass mir just

den „Mir engagéieren eis“ Label kritt hunn, well den Depliant, deen un d'Leit erausgaangen ass, war leider net op recycléiertem Pabeier gedréckt, mee dat loung net un eis, dass déi Informatioun net un d'Imprimerie weidergaangen ass.

De Green Event Label, dee probéiere mir och selwer als Service un déi aner Servicer erunzebréngen, dass all Manifestatioun, déi vun der Gemeng organiséiert gëtt, dass do soll probéiert ginn, op mannst den „Mir engagéieren eis“ Label ze kréien an do gehéiert eeben d'Mülltrennung och dozou, déi muss organiséiert ginn.

Dann huet den Här Gangler och nach op d'Problematik oder d'Emissioun vum Verkéier higewisen, dass déi héich sinn, do ass et awer och esou, dass ee muss wëssen, dass 90% vun deenen Emissiounen um Tankverkéier, um Transitverkéier hänken a wat de Verkéier ugeet, déi Moosssinn nach net eenzel am Nohaltegkeetsmasterplang opgehol. Mee mir hate vun Ufank u gesot, dass de Volet Mobilitéit duerch de SUMP (Sustainable Urban Mobility Plan) géif ofgedeckt ginn an do si weider 38 Moossnamen erschafft ginn, déi dann an den Nohaltegkeetsmasterplang mat afléissen an déi dann hoffentlech e Bäitrag dozou leeschten, dass d'CO2-Emissiounen am Verkéier e bësse kënnen reduzéiert ginn.

Voilà, da ginn ech op d'Punkten an, déi d'Madamm Erpelding ugeschwat huet. Dass den Nohaltegkeetsmasterplang en déckt Dokument ass, dat ass richtig, mee dat hinkt awer och domadder zesummen, dass mir beim Covenant of Mayors mussen detailléiert hannerleeën, wat eisen Aktiounsplang ass. Do fir, dat konnt net anescht gemaach ginn. Als Aarbechtsinstrument hu mir awer eng Excel-Datei, wou liicht en lwwerbléck doriwwer ze gewanne gëtt, wéi eng Moossnamen an der Ëmsetzung sinn, wéi eng kuerzfristeg, méttelfristeg oder laangfristeg sollen ëmgesat ginn a wéi eng Budgeten do drop gesat ginn. Dir hutt och ugeschwat, dass mir am éischte Klimapakt ebe just 50% erreecht hunn an d'Zil sollt Gold sinn. Also, et ass esou, am éischte Klimapakt do louche mir wäit iwwer 50%, den éischten Audit war 56% an den zweeten Audit war 58-59%. Et war awer esou, dass am éischte Klimapakt de Moosssnamekatalog all Joer nei ugepasst ginn ass an dat heescht, dass Moossnamen, déi mir scho bewäert hunn, déi hu missen nei bewäert ginn, mat neie Kritären. Do fir si mir do net esou richtig virukomm, wéi mir wollten.

Am neie Klimapakt ass et esou, dass mir doduerch, dass mir am Beräich 1 eng Strategie a Konzepter konnte virleeën an e grouse Schratt no vir leeën, bis op 70%, an den Här Windenburg ass nach amgaangen, de Moosssnamekatalog weider unzepassen. Dee gëtt elo d'nächst Woch en Donneschden zougemaach, dräi Woche virum Audit mécht d'Klima-Agence deen zou, dann dierf net méi dru geschafft ginn an do si mir sécher, dass mir déi 65% garantéiert errechen an d'Zilsetzung vun deene 75%, déi ass da schonn um Horizont ze gesinn a mir rechnen och domat - fir op der Madamm Ahmedova hir Fro anzugehen - 2024 dat Ziel unzestriewen.

Dann ass gefrot ginn, wéi zanter 2018 d'CO2-Emissiounen schonn ofgehol hunn. Also, et ass esou, op Basis vum Nohaltegkeetsmasterplang an deene Moosssna-

men, déi do erschafft gi sinn, kënne mir dozou nach keng direkt Ausso maachen, well d'Moossnamen eréischt wäerten a Kraaft trieden. Op Grond vun den Engagementer, déi mir am Klimapakt geholl hunn, musse mir nach op national Donnéeë waarde bis eis Emissiunsbilanz nees kann ugepasst ginn. Dat soll och am Laf vun deem Joer geschéien, awer eng konkret Ausso kënne mir zu deem Zäitpunkt nach net maachen. Dann ass et esou, datt den Nohaltegkeetsmasterplang och en oppent Dokument ass, dat heescht, wann elo am Klimateam oder vu Bierger Moossnamen un eis eruge droe ginn, déi sënnavoll sinn ëmzesetzen, déi mat de Servicer ofgestëmmt ginn, da kënne déi ëmmer erëm an den Nohaltegkeetsmasterplang opgeholl ginn. Et ass also kee fixt Dokument, et ass eppes wat evoluéiert, wat souwisou och iwwer e längeren Zäitraum wäert lafen.

Datt d'Industrie och e groussen Deel Emissiounen huet, ass eis bewusst an do hu mir iwwer de Claude Leners, eise City Manager, de Kontakt mat den Industrien opgeholl iwwer e Froebou, dee mir ausgeschafft hunn a mir wäerten elo nom Audit, wann eis Situatioun sech och e bësse berouegt huet am Service, de Kontakt mat den Industrien och selwer mat opsichen, well vun do aus kommen och Pisten, wéi zum Beispill Fotovoltaik op den Diecher. Villäicht bidden sech do Méiglechkeete fir Kooperativen ze bilden, dat musse mir dann an de Gespréicher mat hinnen erausfannen.

Da war d'Biergerbedeelegung ugeschwat ginn, also, wéi gesot, beim Klimateam hate mir en Opruff gemaach, datt Bierger sech solle mellen, dat ass och geschitt, do hu mir engagéiert Bierger fonnt, déi och an Aarbechtsgruppe matschaffen an dat Dokument ass och nach eng Kéier duerch de Biergerpanel gaangen, wou also Bierger zum Ausdrock konnte bréngen, ob se domadder averstane sinn oder net. Ech mengen, Biergerbedeelegung ass och eppes, wou mir ëmmer oppen dofir waren an do si mir immens vill engagéiert an am Klimateam si mir och net esou restriktiv, datt wa mir Aarbechtsgruppe maachen, datt da just d'Membere vum Klimateam dra sinn, mee wann do Experten oder Interessente vun engem Gebitt sech mellen, da sinn déi ëmmer wëllkomm. D'Rapporte vum Klimadag ginn och op eiser neier Klimapakt-Säit online gesat, mee de Gemengerot wäert se och nach zougestallt kréien. Dat selwecht geschitt mam Nohaltegkeetsmasterplang, wann deen dann haut gestëmmt gëtt, da gëtt deen och ëffentlech gesat op den Internetsite.

Fir dann nach op zwee Punkten ze kommen, déi d'Madamm Ahmedova ugeschwat hat, firwat Nopeschgemenge wéi Esch a Schëffleng scho goldzertifizéiert sinn, dat huet och seng Ursaachen. Bei Esch ass et ganz einfach aus deem Grond well Esch eng Stad ass, déi - wéi et an Däitschland heescht - nach hiert eegent Stadwierk huet, also fir hir eegen Energieversuergung zoustänneg ass an domadder mécht een am Klimapakt e grouss Schratt no vir. Diddeleng huet dat net, do hänke mir e bëssen hannendrun, mee mir sinn um gudde Wee. Wa mir eng Rei vun deene Mesuren, déi am Nohaltegkeetsmasterplang virgeschloe goufen, wa mir ufänken, déi ëmsetzen, da maache mir eis op de Goldwee. Firwat Schëffleng besser ofschneit wéi Diddeleng, dat huet eng organisatoresch Ursaach, do sinn de Ser-

vice écologique an de Service urbanisme, do gëtt et ee Responsabele fir déi zwee Servicer, dat heescht, déi Interaktioun ass direkt op der Plaz an dat huet hei am Laf vum Klimapakt tëschent de Servicer an och am Kader vum Nohaltegkeetsmasterplang tëschent de Servicer missen opgebaut ginn. Awer déi Vernetzung, déi fonctionéiert elo och an ech géing soen, mir sinn do um richtege Wee.

De Fonds de réserve an d'Sue vum Klimapakt, mir hunn eis Gedanke gemaach am Service, wat mir dem Schäferot wäerte proposéiere fir an den nächste Budget ze setzen, dat och an Hisiicht op den Nohaltegkeetsmasterplang mam Klimapakt, datt mir do eng Planung an och e Klimawandelupassungskonzept wäerten ausschaffe loossen an déi Suen, déi sollen dann och , esouwäit wéi et an eiser Kenntnis ass, an déi Mesuren, déi villäicht e bësse méi extra sinn, fir déi iwwer de Fong kënne lafen ze loossen. Voilà, sollt ech eppes vergiess hunn...

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, ech hunn einfach just eng kleng Nofro als Reaktioun op dat wat gesot ginn ass vun Esch: Dat heescht, hätt Diddeleng säi Gaswierk nach, da wier dat och fir eis méi gönschteg?

PATRICK HOSS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Neen, well Gas net deen Energieträger ass. Awer Esch huet jo e Stroumubidder, dee komplett gréng ass, och an sengem Bezugszertifikat, deen huet guer keng fossil oder atomar Energien dran an et ass haaptsächlech dorobber, wou si bewäert gi sinn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir déi Interventiounen, Claudia Dall'Agnol wollt nach d'Wuert kréien.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert, ech brauch op dat meescht net anzegoen do huet de Patrick Hoss bal alles gesot. Just, de leschte Mëttwoch hate mir Reunioun, mir sinn do an de leschten Zich, do gëtt de Rapport elo virbereet, dee gëtt dann och un d'Membere vum SUMP verschéckt an dee gëtt mat de Membere vun hirer Fraktioun duerchgekuckt fir nach Remarquen eranzeginn, fir datt mir d'nächst Joer kënne ofschléissen.

Dann nach eppes ganz anescht, hei ass vun zwee Leit bemängelt ginn, datt d'Majoritéit, d'Conseillere net genuch - also hirer Meenung no - net genuch present gewiescht wieren um Klimadag. Éischtens emol mengen ech, datt et kengem zousteet, ze jugéieren, firwat deen een oder aneren net kann anzwousch higoen, dat ka gesondheetlecher Natur sinn, dat ka berufflecher Natur sinn, dat ka familiärer Natur sinn, ech sinn och perséinlech der Meenung, datt net jidderee kann iwwerall sinn an och net soll iwwerall sinn, well wann een sech ze vill zoomutt, da gëtt ee krank. Ech muss awer soen, deen Dag war eng aner Organisatioun, nämlech de Mobilitéitsdag, a fir déi wou sech kënne un deen Dag erënneren, do war et ganz kal an do war eng Partie Leit, déi stoungen op de Stänn an déi stoungen och laang op de Stänn an déi hätte bestëmmt och léiwer heibanne gesiess, wou et gutt waarm war. Ech gesinn, do nickt nach en Här. Vun do hir wëll ech soen, ech kéint dann elo och hei bemängelen, datt ech net vill Leit vun der



Oppositoun um Stand oder de Stänn gesinn hunn, mee esou eppes mécht een einfach net. Domadder hunn ech alles gesot.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Voilà, da géif ech lech zum Schluss trotzdeem merci soe fir déi konstruktiv Diskussioun, déi mir hei haten. Ech wëll festhalen, wéi hei zu Diddeleng nach alles gro a schlecht war, wéi d'Arbed hei geblosen huet wéi wëll, do ass scho gesot ginn, do waren et d'Sozialisten an der Form vum Marc Zanussi, déi gréng Politik fäeg gemaach hunn.

Et war de Marc Zanussi, dee ganz ganz vill Initiative geholl huet fir datt mir haut iwwer gréng Politik schwätzen, a wéi ech 2004 dee Ressort iwwerholl hunn, war ech frou an houfreg, dat kënnen z'iwwerhuelen an ech hu festgestallt an all deene Joren, wou ech Ëmweltschäfte sinn, hunn ech festgestallt, datt mir eis allegueren onofhängeg vun der Grupp eens waren, a wéi eng Richtung mir wëllen zéien. Déi eng si villäicht e bësse méi séier wéi déi aner, respektiv huet ee villäicht en Ëmwee gemaach fir op dat Zil ze kommen, mee op alle Fall wëll ech festhalen a merci soen un all déi Memberen, déi hei vertraude waren, datt mir an all deene Joren ëmmer een Zil am A haten, wat mir och konstruktiv ugepeilt hunn an ech muss soen, datt all déi Diskussiounen, sief et am Gemengerot awer och an der Ëmweltkommissioun, déi hunn och ëmmer wichteg Rolle matgespillt, respektiv dem Klimateam, datt mir do an engem Kader fein a léif schwätzen an dat och ëmmer sou bleift. Dofir soen ech merci an ech wier frou wa mir dann elo déi zwee Punkte kéinten eestëmmeg ofstëmmen an deem Sënn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Virun der Ofstëmmung och eise Servicer nach eemol e ganz ganz grouse Merci fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn. Déi Remarquen, déi gemaach goufen säitens vun de Membere vum Gemengerot, ech muss soen, ech hu fonnt, datt awer bis elo och an deem Gemengerot mir eng gutt Diskussioun haten an eppes wat ech ëmmer probéieren héichzehalen, wat mir wichtig ass an och enger Rei Leit heibannen, dat nennt een Hygiène politique, déi och mat engem gewëssene Fair-play ze dinn huet.

Dat wëll ech betounen a wann een ufänkt opzezielen et kéint ee jo och opzielen, wie bei den Invitatiounen, wou mir un d'Gemengeconseillerë schécken, a kucken, wien do present ass wa mir gréisser Saachen aweien, wien do present ass a wien net, wa mir esou ufänken... ma hei ass den Usaz gemaach ginn, dofir soen ech, et gëtt eng Saach wéi Hygiène politique, eng Saach vun An-

stand an ech hu gemierkt, datt dat en décke Knacks hei kritt huet. Sou, lo musse mir iwwer alles ofstëmmen, dat de René Manderscheid gesot huet.

Wien ass dann domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools. Merci, datt Dir hei waart an d'Presentatioun gemaach hutt.

6. ASSOCIATION LUXEMBOURG ALZHEIMER - ERNENNUNG VUN ENGEM EFFEKTIVE MEMBER AN ENGEM STELLVERTRIEDENDE MEMBER AN DER OPSICHTSKOMMISSION VUM WUNN- A FLEEGEHEEM „BEIM GOLDKNAPP“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Domat wëll ech op deen nächste Punkt iwwergoen do geet et ëm D'ALA, eng Konventioun, déi guttzeheeschen ass, respektiv awer och d'Designatioun vun zwee Memberen. De René Manderscheid huet d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buegermeeschter, dat heiten ass keng Iwwerraschung, Dir wësst, mir hunn an deene leschten zwee Budgeten all Kéier 30 000 Euro votéiert fir vun deenen Droit-prioritaires am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ kënnen ze profitéieren. Dat heiten ass och just déi schréftlech Konventioun fir d'ALA mat der Gemeng, datt mir effektiv mat deenen 90 000 Euro, wou mir wäerten investéieren, datt mir do en Zëmmer hunn an deem Goldknapp an datt eis do, wann en Diddelenger en cause ass, datt mir dee da kënnen do logéieren.

Den zweete Punkt vum Ordre du Jour ass e Membre effectif an e Membre suppléant vun der Commission de surveillance, an do ware mir eis am Schäfferot eens, datt de Membre effectif soll den Ressortschäfte si vum drëtten Alter dat wier da meng Wéinegkeet a mir waren eis och eens am Schäfferot, datt en anere Posten ee vun der Oppositoun soll sinn, do hutt Dir dann och gesinn, datt een sech gemellt huet an dat ass den Här Gangler vun der CSV, dee Kandidat ass fir dee Posten ze bekleeden. An deem Sënn géif ech dann dem Gemengerot proposéieren, doriwwer ofzestëmmen, de Poste vum effektive Member, dat wier de René Manderscheid an de Poste vum Suppléant, dat wier den Här Gangler. Voilà, Dir hutt Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ginn et Remarquen oder Froen dozou? Dat ass net de Fall, ass de Gemengerot da mat der Konventioun a mat der Ernennung vun deenen zwee Memberen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

7. KONSULTATIV KOMMISSIONEN - APPROBATION VU MODIFIKATIONEN AN DER ZESUMMESETZUNG VU VERSCHIDDENE KONSULTATIVE KOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Beim nächste Punkt geet et ëm déi konsultativ Kommissiounen an do ass d'LSAP, déi proposéiert den Här Marinov fir den Här Hübsch ze ersetzen an der Finanz-Budget- a Wirtschaftskommissioun. An da koum och d'Propos vun der CSV, datt den Här Humbert d'Madamm Andrich Duval an der Bautekommissioun ersetzt. Da si mir komplett. Ass de Gemengerot averstanen?
Dat ass unanime. Merci.

8. PERSONALFROEN

8.1 Approbation vum Südaarbechterkollektivvertrag fir eng Dauer vum 1. Januar 2022 bis den 31. Dezember 2024

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Bei dësem Punkt geet et ëm d'Personal, do ass den éischte Punkt an der öffentlecher Sitzung de Südaarbechterkollektivvertrag, do gouf jo weider verhandelt tëschent de Südgemenge mam OGBL a mam LCGB an do hu mir den 19. Juli de Protocole d'accord ënnerschriwwen an elo viru gutt zéng Deeg hu mir de koordinéierten Text, esou wéi Dir en och hei virleien hutt am Dossier, ënnerschriwwen. De Südaarbechterkollektivvertrag huet hei eng Lafzäit vum 1. Januar 2022 bis den 31. Dezember 2024, dat sinn am Fong déi Verbesserungen, deenen hei Rechnung gedroe ginn ass par rapport zu deem viregen Südaarbechterkollektivvertrag, dat ass engersäits, ab dem 1. Januar 2022 trëtt a Kraaft d'Ausbezuule vun enger Joresprimm fir d'Joren 2022, 2023 an 2024 vu jeeweils 1%. Dann, ab dem 1. Januar 2023 d'Ofschafe vun der Lafbunn A2, dat ass den Agent de nettoyage, mam Wiessel an d'Lafbunn A3, d'Aféierung vun neie verbesserte Lafbunne vum A3 bis den H3 wéi och d'Ersetze vun der Lafbunn V1 bis V4 duerch nei Lafbunnen déi bis deementspreechend kréien. D'Prime Permanence gëtt op 12 Lounpunkte pro Woch erhéicht.

Dann, ab dem 1. Januar 24 wäert d'Prime Permanence op 15 Lounpunkte pro Woch erhéicht ginn an effektiv 1 Mount no der Ënnerschrëft triede folgend Verbesserungen a Kraaft: Et gëtt d'Aféierung vun engem Système de dispense agefouert bei Interventioun während der Permanence, et gëtt awer och d'Definitioun vun engem Tuteur agefouert wou mir Leit op der Aarbechtsplaz begleeten awer och d'Verbesserung vum Congé social an de Preavis bei der Ännerung vum Plan d'organisation du travail gëtt op 72 Stonnen reduzéiert. Dat sinn déi grouss Changementer, déi hei stattfonnt hunn, déi engersäits dann d'Südgemenge zesumme mat de Gewerkschaftsvertreeder an engem klengen Krees ausgehandelt hunn. Wéi mir déi leschte Kéier am Gemengerot waren,



hate mir eis d'Wuert ginn, alleguerten als Südgemengen dat heite virun der Summervakanz virzehuelen an ofzeschléissen, dat Wuert hu mir och ageléist mir sinn do och fäerdeg ginn,

Dir wësst als Kollektivverhandlung an deem klengen Grupp do och mat dobäi et ass ëmmer Geben und Nehmen, vu béide Säiten, déi eng Säit fuerdert, déi aner Säit fuerdert eppes an et fënnt een da säi Wee bis een dann och en Accord huet, an ech mengen, datt dat heiten zu der Satisfaktioun vu béide Säite bäigedroen huet. An, wéi gesot, ech hat lech jo och gesot virdrun, wat dat heite fir en Impakt hätt op de Gemengebudget, also, déi heite Moossnamen hu mer héichgerechent, also eise Chef du personnel huet den Exercice gemaach fir d'Joer 2023, wann dat alles gräift, heescht dat dass dat ronn 700 000 Euro d'office ausmaache wäert fir de Budget, wat déi heite Verhandlungen ausmaachen. Wéi gesot, dat heite weist och, datt et awer par rapport zu anere Gemengen, déi net am Kollektivvertrag sinn, mir hei awer e Kollektivvertrag hunn, deen engersäits ganz modern ass a ganz innovativ ass, deen och e Vorzeigbeispiel ass an et hofft een natierlech och, datt aner Gemengen och op dee Wee ginn, fir esou e Kollektivvertrag ze maachen.

Et gëtt jo awer ee bei de Staatsaarbechter an, wéi gesot, mir hei e klengen a proppere Kader fonnt hu bis den Dezember 2024 a wat doriwwer eraus ass, muss da Bestand sinn tëschent de Südgemengen an de Gewerkschaften. Dat ass dat wat ech lech hei wollt vun Erklärungen ginn, wat dësen Accord ugeet. D'Diskussioun ass op.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir hutt schonn all meng Punkten, déi ech hat, ewechgeholl well ech wollt soen, am Kollektivvertrag do e bëssen déi wichteg Punkten, déi festgehalen gi sinn, dat allerwichtigst bei der ganzer Geschicht ass, datt e Kollektivvertrag ausgehandelt ginn ass, dee korrekt ass, Dir hutt et richtig gesot, bei enger Verhandlung sinn ëmmer zwou Parteien, déi eng fuerderen an déi aner ginn oder ëmgedrëit an et ass ëmmer esou, datt een do muss e Kompromëss fannen, als Gewerkschaftler, an do weess ech genau vu wat dass ech schwätzen. E Kompromëss gëtt ëmmer fonnt an et ass am Fong, wat hei ganz wichteg ass, dat ass, datt verschidde Punkten acceptéiert gi sinn, engersäits och eemol eng Dispense wann lwwerstonne gemaach gi sinn, fir datt d'Leit sech och emol e bësse kënnen erhuele vun den lwwerstonnen, dat ass wichteg.

Och eng ganz wichteg Saach, eng Prime unique, déi bezuelt gëtt an och an dësen Zäiten, mir sinn an Zäiten, déi e bësse méi schwiereg sinn a wann dann en Accord fonnt gëtt wou et och nach eng Augmentatioun gëtt, dann ass dat schonns e ganz positive Punkt, well dat ass net ëmmer de Fall, heiansdo gi verschidde Kompromësser fonnt awer eng Augmentation linéaire ass net ëmmer dobäi an dat ass awer ganz wichteg, och fir déi Leit ofzesécheren. Och eng Carrière vun A2 op A3 mat enger Promotioun dobäi an och aner Punkten, wou eng Carrière opgewäert gëtt mat Punkten, dat ass och an dësen Zäiten e wichteg Message, deen een un déi Leit weidergëtt an ech mengen, dofir ass et ëmsou méi begréissenswäert, datt esou e Kompromëss erauskomm ass an ech mengen nach eemol de Kollektivvertrag gëtt et bis 2024, wéi gesäit dann d'Welt aus, loosse mir mol vun deem heiten ausgoen.

An et ass ganz wichteg, e Message un d'Leit erauszeginn, dass se an enger gewëssener Sécherheet ze schaffen an dofir ass et och wichteg fir datt aner Gemengen op deen Zuch opsprangen, dann hunn d'Leit och eng gewësse Sécherheet, sou datt se ofgeséichert sinn, wat vun Acquisen, wat vu Salairen dobäikënnt an ech mengen, dat ass an dësen Zäiten ëmsou méi wichteg. Et ass ëmmer wichteg an engem Kollektivvertrag, mee zu dëser Zäit nach méi. Merci fir d'Wuert an et ass wierklech eng gelonge Saach. Merci,

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Friedrich fir déi doten Zoustëmmung.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert. Jo, et ass ze begrëssen, datt en Accord fir de Kollektivvertrag vun de Südgemenge fonnt ginn ass, et ass allgemeng e gudden Accord, deen een esou ka matdroen. Ech widderhuele wat ech haut op anere Plazen oder vill méi an engen anere Kontext scho gesot hunn, d'Gemeng huet och als Patron eng sozial Verpflichtung a wann d'Gemengen déi net wouerhuelen oder den effentlechen Déngscht, wien dann? Zemoos wat d'Ofschafe vu Mesurë betrëfft, ech wëll eng ervirhiewen, dat ass d'Ofschafe vun der ënneschter Carrière A2, déi elo opgewäert gëtt an d'Carrière A3, sou ass dat e ganz wichteg Schratt. An där Carrière waren haaptsächlech Fraen aus dem Botzsecteur ugestallt an heimat kënnt endlech eng Gläichstellung vu Fraen a Männer, eng Revendicatioun, déi den OGBL scho säit iwwer 10 Joer fret. Et ass wierklech begréissenswäert, datt elo op dee Wee gaange gëtt. Dëse Kollektivvertrag sollt eng Ureegung si fir aner Gemengen, et ass schonn hei gesot ginn, déi nach keen esou een Accord fir hir Salariéen hunn.

Et sollt dann awer och an dësem Kontext ervirgehewe ginn, datt ganz vill Gemengen a Betriber hei am Land nach guer kee Kollektivvertrag ofgeschloss hunn, dëst bedéngt, datt et ganz oft keng Gläichstellung gëtt, keng Gläichbehandlung ënnert de Salariéen. Dat zielt souwuel an der Geschlechterfro wéi och soss ënnert den Ugestallten a virun allem tëschent Lëtzebuurger an Net-Lëtzebuurger, do géif een sech wonneren, wann een do géif héieren, wat a verschidde Betriber leeft. Sou kënne Salarié just vum absolute gesetzleche Minimum profitéieren, wat virun allem Paien a Congé ugeet, si sinn

immens oft ofhängeg vun der Gonscht, dem gudde Wëllen an der subjektiver Bewäertung vum Patron, wat hir Carrière ugeet an eng Gehaltserhéijung kréien se ganz oft net wann net grad eng Indexbranche erafält, wou ech awer hei net wëll an den Detail agoen. Ech weess, datt mir do net direkt hei am Gemengerot eppes dorunner änneren kënnen, mee et sollt awer ernimmt ginn, well et e wichteg Thema ass. En plus hu mir hei den Député-Maire, deen duerchaus kann Afloss dorobber huelen. Dat Gesetz zu de Kollektivvertrag muss onbedéngt reforméiert ginn an et ass wichteg, datt dat gesot gëtt. Voilà, merci, mir stëmmen dat natierlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Nodeems dann d'Intervenanten den Accord hei begrëssen, ginn ech dovunner aus, datt mir dat unanime kënnen ofstëmmen, dofir géif ech ëm en Handzeeche bidden. **Dat ass unanime.** Merci villmools.

8.2. Konversioun vun enger fräier Gemengenemployé-splaz, Remuneratiounsgrupp B1, Administratioun, an eng Gemeindebeamteplaz vun der selwechter Kategorie (Service Ressources Humaines)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech weidergoen op den nächste Punkt, dat ass dee Volet vun enger Konversioun vun engem B1-Posten am Service Ressources Humaines. Do steet, datt mir eng Mataarbechterin hunn, déi an d'Pensioun geet, déi awer am Statut vum Employé communal ass. Mir maachen et esou, datt eise Personalbüro, sou wéi et och soll sinn, virun allem Gemeindebeamten also Fonctionnaire-communales also ass elo d'Propos fir d'Konversioun vun deem Posten ze maache vu engem B1 Employé communal an e B1 Fonctionnaire communal, sou datt all d'Mataarbechter am Service kënnen dee Statut hunn.

Ass de Gemengerot mat der Konversioun averstanen? **Dat ass unanime.** da soen ech villmools merci.

8.3. Schafe vun zwou Vollzäitplaze fir Gemengenemployéen, Remuneratiounsgrupp B1, Technik (Service IT an Nei Technologien).

8.4. Schafe vun enger Gemengenemployé-splaz vollem Aufgabenbereich, Remuneratiounsgrupp A2, Wëssenschaft an Technik (Service Informatik an Nei Technologien).

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da geet et drëms, an eisem Service Informatique och e Posten auszeschaffen vun engem Employé communal an der A2-Carrière. Och do ass de Chef de Service, respektiv och am selwechte Service 2 Poste vun engem B1 als Fonctionnaire communal. Et ass also fir deen dote Service ze verstärken. Ass de Gemengerot mat dësen zwou Kreatiounen averstanen? **Dat ass unanime,** merci.

8.5. Konversioun vun enger Gemegefionctionnairesplaz, Remuneratiounsgrupp B1, Technik, an eng Gemengenemployésplaz, Remuneratiounsgrupp A2, Technik (Service Aarbechtssécherheet a Gesondheetsschutz).

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op de Service Sécurité a Santé au travail. Dir kënnt do erausliesen, datt mir och duerch eng Rei intern Changementer am Service och do d’Konversioun vun engem Poste maachen, vun der B1-Carrière an d’A2-Carrière. Dat maache mir well do d’Ufuerderungen och hei geännert sinn, wat dee Posten ugeet, et ass en interne Wiessel, dee stattfënnt, esou datt deen dote Poste frësch ze besetzen ass an et ass e ganz spezifesch Profil, dee mir hei sichen, dofir hu mir en och als A2 ausgeschriwwen, well et en Ingenieur technicien muss sinn, well dee ganze Volet ronderëm de Maintien du patrimoine, d’Sécurité an d’Sécherheet op der Aarbecht grad an enger Gemeng Diddeleng, déi ëmmer méi grouss gëtt a wou d’Ufuerderungen am technesche Beräich an um Plang vun der Sécherheet ëmmer méi grouss ginn, wou och deen Delegéierten ass fir d’Sécherheet an der Fonction publique, well deen hei dat muss hunn an och déi néideg Formatiounen muss hunn an och Etuden a Risikoanalyse muss maachen op d’Aarbechtsposten.

Mir waren der Meenung, datt mir natierlech ee brauchen, deen och dee Profil huet, deen och d’Sécuritéregistre muss kontrolléieren, déi ganz Evakuatiounspläng muss erstellen, kontrolléieren, dat heescht, déi ganz Sécurité an de Gemeengegebaier, dat ass e Rôle, deen dee wouer muss huelen an dofir ass et wichteg, en Ingenieur technicien do ze hunn an net e klassesche Redakter, et brauch een e Bagage, deen een do matbréngt, dofir dann hei d’Propos fir den A2-Posten.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt just eemol kuerz bemierken, datt mir natierlech net begeeschtert sinn, well e Poste vu Fonctionnaire communal an Employé communal ëmgewandelt gëtt, dat sollt eigentlech déi absolut Ausnam sinn an dat huet jo och d’Delegatioun an hirem Avis dra geschriwwen, heiansdo ass et néideg an och d’Erhéijung vun der Carrière, dat lichter engem an. D’Fro ass einfach nëmmen, éier dee Posten ëmgewandelt gëtt, gëtt dann iwwerhaupt probéiert oder ass probéiert ginn, fir e Fonctionnaire ze fannen an där Carrière? Et gëtt jo net verhënnert, datt en Ingénieur technicien ka Fonctionnaire sinn oder geet een dovunner aus, datt ee kee fënnt an dofir gëtt direkt ëmgewandelt? Dat ass e bësse schued. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Fro, dat gëtt mir d’Méiglechkeet, op verschidden Detailer anzugehen. Et ass well mir hei gäre wëllen eng Persoun drop hu mat engem gewësse Bagage, dat ass natierlech, dofir hu mir déi Konversioun gemaach. Et ass richtig, de Prinzip ass Fonctionnaire communal, mee wann ee Leit gären hätt - wann ee Fonctionnaire gëtt, muss een an de Stage goen, do sinn eng Rei Demarchen, déi een als Employé net brauch ze maachen - a wann ee Leit wëll recrutéieren, déi och an deem doten Domaine schaffen an et gi verschidden Organismen hei am Land, wou déi Leit ënnerwee sinn, déi

och dee Bagage hunn, huet ee méi Chancen, e Posten ze besetzen als Employé communal wéi als Fonctionnaire communal. Et ass wierklech déi Méiglechkeet, wou ee kritt fir e positiven Avis ofzeginn, sécherlech och mat der Remarque, datt et eng Ausnam soll sinn, mee fir spezifesch Profiller huet een d’Méiglechkeet fir en Employé-communalsposten ze schafen an ech denken, datt mir eis hei eng Dier opmaachen, well mir och esou Profiller brauchen an als Fonctionnaire hunn esou Profiller oft, wann se vun anerwäerts kommen, éischer d’Tendenz, net ze postuléieren. Dat ass d’Argumentatioun fir dat opzemaachen.

Ass de Gemengerot mat där doter Konversioun averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

8.6 Schafe vun enger Plaz fir e „Kulturdirektor“ ënner dem Statut vun engem Gemengenemployé a festleeë vun der Carrière

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass dann hei d’Creatioun vun engem Poste vun engem Directeur culturel vun eise Service culturel, do ass et am Fong och eng Revalorisatioun vun der Carrière. Et ass gewosst, datt dee Posten aktuell och besat ass an effektiv déi Persoun vun deem Posten, wou se agestellt gouf, par rapport zu den Attributiounen, wou se awer elo huet komplett anerer Sinn an dann och d’Leedung vum ganzen Service culturel am Vierdergrond steet an deementspreechend och fir dat heite gläichzestelle mat deem ugeleente viregte Posten, dee besat gouf, wat am Fong e B1 war, also Redakter, also dat heiten, dann, wëssend och, datt déi Persoun, déi dee Poste bekleet, eng aner Erausforderung ugedroe gëtt, punkto Service, punkto Responsabilitéit huet, wat an der aktueller Carrière, wou se de Moment klasséiert ass, am Fong ni hat an dat ni Bestanddeel war, dofir ass dat en Switch, deen ee mécht fir och deem Rechnung ze droen an dofir musse mir och deen heite Poste schafen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci, sou als kleng Anekdot, ech war den éischte Moment verwonnert, wéi ech dee Punkt gesinn hunn an dunn hunn ech misse schmunzelen, well ech eigentlech gemengt hat, mir hätten dee Posten scho laang kreéiert well déi Persoun, déi virun op deem Poste war, scho jorelaang sech Directeur oder Directrice genannt huet. Voilà, dat ass näischt Schlëmme, dat ass eng Saach, éi een sech no baussen duerstellt an dat ass och ëmmer duerchgaangen an dunn ass mir agefall, datt mir dee Posten nach net haten. Domadder kann ee ganz d’accord sinn, ech froe mech just, reng administrativ, ob dat net misst eng Ëmwandlung vun engem Poste sinn oder bleift deen anere Posten dann awer bestoen? Hei ass eng Creatioun a keng Nominatioun dobäi, dat heescht, do wollt ech froen, wéi dat administrativ ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d’Wuert. Jo, effektiv ech héieren eraus, datt verschidden Leit wëssen ëm wat et geet. Ech si relativ nei dobäi, dat ass heiansdo eng gutt Excuse fir Saache méi ze hannerfroen an ech hu mech och gefrot, mir hunn dat och in-

tern beschwat a mir waren och verwonnert, wéi mir dat gelies hunn, well u sech ass jo d'Kulturjoer Esch 2022 geschwënn eriwwer a mir maachen elo eng Creatioun vun esou engem Poste vun engem Direkter? Déi aner Fro, déi sech stellt, bleift dann de Chef de service oder gëtt en direkt ersat oder ass et esou, wéi Dir virdru gesot hutt, datt et eng Revalorisatioun ass an de Chef de service gëtt dann Direkter an ass dat dann, wann ech richteg verstinn, ass dat keng Ausschreiwung, mee dat wier eng intern Ausschreiwung oder ass et extern? Hu mir eng Job description, déi, ech weess net méi, 4 oder 5 Joer Lycée, wat ass d'Plus-value vun Direkter amplaz vu Chef de service a wat d'Hierarchie ugeet, wann déi zwee bliwen, wien huet dann dat lescht Wuert? A villäicht eng Fro, legitim oder net, ass dat déi néideg Qualifikatioun, déi ee brauch fir awer Direkter ze sinn? Also, dat sinn e puer Froen, déi esou am Raum stinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Froen, ech géif da probéieren, drop ze äntweren, andeems ech déi zwou Froen, déi gestallt goufen, matenee verméschen, well do ass deelweis och e Lien. Also, de Prinzip ass, mir hunn elo säit méi wéi 10 Joer eng Persoun, déi an enger Carrière ass, déi éischter engem C1-Poste korrespondéiert. Déi Persoun, déi hat eng Rei Attributiounen a wéi déi deemoleg sech duergestallten Direktesch, déi Persoun war als Fonctionnaire communal an enger B1-Carrière an huet sech den Titel ginn – wat jo kee Problem war – als Directrice du Centre régional OpderSchmelz. Déi besteeënd Persoun, em déi et hei geet, déi huet déi Fonctiounen iwwerholl, ass awer an hirer C1-Carrière als Employée communale bliwwen. Huet awer Fonctiounen ausgeübt, well mir hunn eng Nominatioun, mir hunn eng Persoun hei nominéiert, si huet jo déi Fonctiounen iwwerholl, huet awer méi Fonctiounen iwwerholl wéi dat wat se an hirer Carrière eigentlech maache kann an huet notament, si, déi bestëmmte Persoun, em déi et hei geet, mat der gesamter Ekipp gewisen, wat se grad am Kader vun der Kulturhauptstad an Diddeleng Hauptstadt 2022 gelescht hunn.

Dofir stellen ech de Profil, sou wéi d'Madamm Ahmedova dat seet hei, absolut guer net, largement guer net a Fro, et ass largement dépasséiert, wat se hei gelescht huet, ech ginn lech dofir d'Äntwert och firwat mir op dee Wee ginn, wou een och muss soen, datt dat heiten natierlech mech Diskussioun war, déi schonn eng Zäitche gefouert gouf, fir dat och ze regulariséieren an dofir si mir higaangen an hu gesot, OK, mir schafen e Poste vum Directeur culturel, offiziell, leenen den un d'B1-Carrière, de Poste gëtt dann och ausgeschriwwen, natierlech gëtt en intern ausgeschriwwen, well mir viséiere jo hei op eng Persoun, déi déi Fonctiounen ausübt a wann si dann op dee Posten nominéiert gëtt, da gëtt hire besteeënde Posten, wou si elo drop ass, ofgeschaaft, dat ass dee Wee, dee mir hei fueren. Voilà. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech fannen awer d'Froe vun der Madamm Ahmedova ganz pertinent well et ass och wichteg, no baussen ze kommunizéieren, datt mir eng gewëssen Transparenz hei hunn, net datt et heescht, mir maachen e Poste sur mesure, dat

ass ëmmer fréier gesot ginn, si dréinen et dann esou, mir hunn dat och oft opgeworf fréier, do war et och heiansdo esou, do hu mir een agestellt an enger Carrière B1 well de Poste B1 war, dann hat den awer den A1-Diplom. Dann hu mir de Posten ëmgewandelt, dat wëlle mir net, hei si mir awer absolut d'accord, dass mir den Iwwerleeunge vum Schäfferot kënne follegen, datt effektiv déi Responsabilitéit an déi Charge de travail déi Persoun, wou se bal als Benevole iwwerholl huet, datt déi elo mol honoréiert gëtt an appréciéiert gëtt. Elo gëtt se och honoréiert an et gëtt och ficeléiert. Ech hunn déi Froen och ganz gutt fonnt an ech hunn et gutt fonnt, datt mir dat kloergestallt hunn, datt dat keng Création de poste sur mesure ass. Wéinst der Transparenz fanne mir dat gutt a mir droen dat heite mat. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, ech wëll der Madamm Kayser merci soen, well natierlech war dat meng Fro wéinst der Transparenz, well wa mir en neien Direkter am Lycée sichen, siche mir erëm ee mat 4 Joer Lycée fir Lycéedirekter ze ginn, dofir och déi Fro an ech verstinn, ech sinn net esou laang dobäi, ech hunn déi Persoun net kannt an ech wousst och net, datt si vill méi mécht wéi dat wat an der urspringlecher Job description dra war, dofir begrëissen ech déi Revalorisatioun vun deem Posten an, voilà, ech hunn awer déi Kloeheet gebraucht, dofir merci fir déi Erklärungen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir d'Fro an effektiv wollte mir dat opgräife mat der Job description. Wéi gesot, dee ganze Service am Centre culturel régional opderschmelz, dee Service culturel, do sinn all déi Mataarbechter a Mataarbechterinnen, déi am Service schaffen, déi Dir kennt, déi hunn natierlech eng Job description par rapport zu de Missiounen, déi se hunn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert, ech wollt och vun eiser Säit betounen, d'Madamm Ahmedova huet gesot, jo, an engem Lycée, wann do een nei gesicht gëtt, huet en den an dee Profil, mee hei ass genau dat selwecht am kulturelle Beräich, dat ass jo keen onbeschriwwent Blat, gell, e gouf jo schonn op dee Poste gesat, well en eng därmoosse Plusvalue fir eis Gemeng duergestallt huet duerch säi Réseau, duerch säi kulturellt Liewen, wat e schonn als Künstler hat do virdrun, an ech mengen, déi Vernetzung an déi Sensibilitéit fir dee ganze Secteur do mécht jo, datt seng Aarbecht zu deem Succès komm ass, dee mir haut kennen an dofir mengen ech, kann een dat elo net mat Joren am Lycée oprechnen, mee hei ass genau dat passéiert. Hien huet de beschte Profil, den een sech ka virstelle fir dee Posten an dat war deemools schonn esou an elo ass dat Kulturjoer dobäikomm an ech mengen, mir si beschteens opgestallt mat där Persoun, iwwer déi mir hei elo schwätzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Prezisiounen, da gi mir zum Vote iwwer: Ass de Gemengerot mat där doter Creatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

9. FROEN UN DE BUERGER-MEESCHTER- A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënner dem Punkt „Froen un de Schäfferot“ hu mir eng Fro vun der Madamm Erpelding.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Vun de Lénken, dat ass richteg, ech géif dat dann esou virlesen, wéi et hei virläit, dat ass datt déi aktuell Energiekrise grouss Defie fir d'Gemeng sinn, deene Leit, déi finanziell am meeschten ënnert der enormer Hausse vun den Energiepräisser leiden, ze hëllefen, esouvill wéi méiglech Energie ze spueren a massiv erneierbar Energien ze promovéieren. An deem Kader vun der aktueller Energiekris an där domat verbonnener Erhéijung vun den Energiepräisser, sou wéi och a Bezuch op d'Cirulaire vum Inneministère Nummer 4168 bidden ech lech da gemiess Artikel 9 vum Règlement d'ordre vum Gemengerot zu follgende Froe Stellung ze bezéien an déi éischt Fro ass: Huet d'Gemeng Mesure virgesinn, a wa jo, wéi eng? Fir déi betraffe Leit iwwer d'Allocation de vie chère an Energieprimmen an notamment iwwer d'Verlängerung vum Abgabetermin bis den 31. Oktober 2022 besser ze informéieren, wéi just iwwer eng kleng Zeil um Internetsite vun der Gemeng an op der Säit vum Office Social?

An déi zweet Fro hänken ech direkt hannendrun: Huet d'Gemeng Mesure virgesinn, a wa jo, wéi eng fir hir Bierger a Biergerinnen iwwer d'Subvention du loyer z'informéieren, vu datt bekannt ass, datt manner Leit dat ufroen ewéi déi, déi et effektiv zegutt hunn? De Schäfferot huet decidéiert, iwwer déi Sujeten do erauszegoen a mir hunn och wëlles, déi Interventione permanent op eisem Site ze halen. Mir hunn awer och wëlles, an dat ass schonn eemol gesot ginn, datt mir als Schäfferot wëlles hunn, auf die Schnelle elo mol e Flyer (S.49-50) ze produzéieren, wou mir all eis kommunal Zouschëss zum Energiespuere wäerte promovéieren. Dat sinn déi Zouschëss, déi mir alleguerte kennen, déi wou de Staat gëtt iwwer déi nohalteg Energieverwaltung, respektiv iwwer all technesch Installatiounen zur Notzung vun erneierbaren Energiequellen, dat sinn am ganze 25 Artikelen.

Dobäi kënnt awer och, datt mir en Hiweis maachen op eise Solarkadaster, datt déi Leit, déi wëlles hunn, eng Fotovoltaikanlag op den Dag maachen, datt déi kënne méttels vum Solarkadaster gewuer ginn ob dat iwwerhaupt méiglech ass. A mir setze selbstverständlech drop, an dat ass och ganz wichteg, all déi sozial Hëllefen, déi mir hei an der Gemeng hunn an dat ass effektiv dann d'Allocation de vie chère, dat ass och dann den Ausgläich, deen d'Gemeng bäigëtt, respektiv awer och d'Subvention de loyer gëtt do drop gesat an dobäi kommen all déi Telefonsnummere an Internetsitten, wou méiglech sinn, fir déi Hëllef ze kréien an och den Hiweis, datt all déi Leit, wann se a Fro kommen, gehollef kréien, esouwuel informell awer och tatkräfig iwwer den Office social, respektiv bei eis am Gréngen Haus. Dee Flyer kënnt dann dëse Weekend bei eis fir d'éischt an den Asaz a mir hu wëlles, en „toutes boîtes“ ze maachen, wou mir dann dee Flyer, dee mir elo hei auf déi Schnelle



gemaach hunn iwwer de Weekend, datt deen dann anescht presentéiert gëtt, da gëtt en „toutes boîtes“ gemaach a mir hunn och wëlles, den „toutes boîtes“ hei am Gemengenghaus am Accueil auszeleeën an am Centre culturel an iwwerall do wou ganz vill Leit zesumme kommen. Mir hunn och wëlles, deen an der Sportshal auszedeele an, wéi gesot, do wou vill Leit zesumme kommen, wäerte mir den ausleeën an hileeën, sou datt d'Leit an eisen Aen e Maximum vun Informatiounen hunn zu deem Sujet.

Déi nächst Fro ass am Kader vun der Allocation de vie chère an do envisagéiert de Schäfferot d'Allocation compensatoire pour taxes communales eropzesetzen, bis elo 45% vun deem wat de Staat bezilt, effektiv, mir leeë bei der Allocation de vie chère, wou de Staat bezillt, 45% bäi an de Schäfferot huet och wëlles, déi Primm mat 5% ze erhéijen, dat heescht an Zukunft 50% vun der Primm an, wat nei ass, déi Allocation de vie chère ass jo och gekoppelt mat der Energieprimm, wou mir bis elo nach net en charge waren an do huet de Schäfferot decidéiert, datt mir do 25% bei dee Montant bäileeën. Dee Montant vun der Energieprimm variéiert tëscht dem Revenu, dat hescht maximal 200 bis 400 Euro kann dee bedroen a mir leeë fir dee Montant da 25% bäi. Déi nächst Fro ass dann, wéi wäit ass den Office Social fir de Leit mat wéineg Akommes, déi ënnert der massiver Erhéijung leiden, entgéintzekommen an dat och aktiv a preventiv, wuelwëssend, datt d'Delaie bei de Primme beim Staat laang sinn an zimmlech komplex si fir vill Leit an do erlaben ech mir dann, de President vum Office Social zu Wuert kommen ze loosse.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, ech wollt just nach eemol d'Madamm Erpelding froen, wéi Dir lech dat virstellt mat deem Saz, wéi wäit ass deen,... déi Geschicht mat aktiv a preventiv do de Leit ze hëllefen. Ech mengen, et ass esou, datt mir als Office Social keng Lëscht mat Leit an hirem Akommes do leien hunn, dat heescht, mir kënnen do net preventiv wierken, datt mir do géife jidderengem ... ech weess net, de richtige Wee ass do a mir haten do och als EOS, also als Entente de l'Office Social e Gespréich mam Minister Turmes, an deen och gemengt huet, datt deen dote Rôle dem Fonds national de la Solidarité zousteet an am Fong geholl kann deen déi Leit selektionéieren, déi an de Genoss vun der Energieprimm kommen, an datt do géifen dee Moment déi Leit direkt vun der richteger Säit déi Formularen zougeschéckt kréien. Déi Leit, déi e Besoin hunn, déi kommen an den Office Social elo an net méi spéit wéi de Mëtteg si weider keng spezifesch Demandë fir Energierechnung komm.

Mir hunn déi lescht Woch eng Reunion vum der Entente gehat an do hu mir, an dat hunn all eis Officen eis bestätegt, datt d'Energiekris nach net à grande échelle an den Office-socialen ukomm ass, dat kënnt villäicht well mir en décke Retard hu bei den Dekonte vum Gas. Vu datt Enovos jo gehackt ginn ass, dauert dat elo nach an da gesi mir ob et eng Repercussiouen gëtt an d'Mesurë gi jiddefalls vum der Tripatite gestëmmt an och mat den Energiepräisser wäert et warscheinlech an Zukunft gréisser Picken eiser Meenung no verhënneren, datt Leit trotzdeem informéiert ginn an d'Leit, déi finanziell Hëllef froen, déi net spezifesch Energierechnunge betreffen, gi vum eise Assistent trotzdeem opmierksam gemaach déi zwou Ressourcen unzefroen, wat an déi weider finanziell Belaaschtung erhéicht gëtt. D'Clienten vum der OGLS, do si mir net elo eréischt entgéint komm andeems mir d'Chargen deels ganz oder och partiell iwwerhuelen, dat maache mir scho säit Joren.

Dëst Joer wäerte mir fir déi 42 oder 43 Wunnengen op +/- 60 000 Euro kommen, wou mir de Leit hëllef, d'Chargen z'iwwerhuelen, datt se och eng Méiglechkeet hu fir Suen unzespueren, well vu datt eise Projet 3 Joer dauert, mir mussen do um fräie Marché en Appartement oder eng Wunneng kënne lounen, sou datt mir dann de Moment eng kleng Nout hu fir de Prêt kënne do reell ze bezuelen, wou dann och natierlech déi Energiekäschten dobäi kommen. Mir maachen dat esou well dee Moment wou Clienten an eng Wunneng erakommen, do ginn se och ëmmer wierklech agewisen, wéi ee richteg spuert a mir sensibiliséieren se och wéi se vernünfteg a spuerson soll mam Stroum a mat der Heizung ëmgoe sollen. Et ginn iwwerall schwartz Schof, dat wësse mer, déi och ëmmer erëm opfale bei de monatleche Kontrollen an dat ass, datt se dat net gutt oder esouguer ganz schlecht maachen.

Ech huelen do e Beispill aus dem August an ech betounen August, wou mir alleguere wëssen, wéi d'Situatioun do war, klimatesch bedéngt, et kënnt dann eis Assistente an eng Wunneng eran, wou dann zum Beispill d'Fënsteren zwar grouss op stinn, fir ze léften, an dann awer d'Heizungen op si bis ganz hanne widder. Do wäerte mir mat eise Clienten kucken effektiv, wéi och scho virdrun eemol ugeschwat gouf mat intelligente Reegelleistungen zum Beispill d'Montéiere vum elektroneschen Thermostate fir dat an de Grëff ze kréien. Voilà, dat ass dat vum Office Social.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, da géif ech nees iwwerhuelen an dann ass déi nächst Fro: Am informelle Gemengerot vum 22. September 2022, wou am Kader vum Energiespuere just déi Mesuren, wéi se am Klimapakt virgesi waren a virgestallt gi sinn, si verschidde Suggestiounen vum der Gemengerotsmembere gemaach ginn an ech wësst gären, wéi eng zousätzlech Mesuren de Schäfferot gedenkt ëmzesetze fir esouvill wéi méiglech Energie ze spueren. Dofir weisen ech dann elo op eise Pressecommuniqué hin (S.51), vum 28. September, wou mir eng Rei konkret Mesurë virgestallt hunn an ech huelen der just kuerz e puer eraus als Stéchprouf, zum Beispill datt mir bei dem Chauffage vum eise Gemeindegebaier d'Temperatur vum 21° op 20° wäerten erofsetzen, d'Schoule vum 21° op 20°, d'Crèche an d'Maison relaisen och vum 21° op 20° an dann och de

Centre culturel an de klengen Auditoire vum 21° op 20° erof an och d'Waassertemperatur an eiser Sportshal geet vu 25° op 20° erof, den Hall sportif, 19°-20° war et ëmmer an déi geet op 18° erof an d'Piscine geet vu 26° op 25° Grad erof. Am Baseng, dee grouse Baseng geet vu 27° op 26° gesat an de kleng Baseng vum 32° op 30°. Selbstverständlech ginn iwwerall eis Belichtungen reduzéiert. Eleng eis Gemeindegebaier schalte mir komplett aus, mat Ausnam vum deenen zwee Preaue lénks a riets, déi relativ däischter Ecker sinn, déi loosse mir belicht, awer de Kiosk, den Tuerm an och d'Baussebelichtung, dat wäert verschwannen. Dann de Chrëschtmaart, do wäerte mir d'Chrëschtbelichtung reduzéieren, am plaz datt mir vu 14:00 bis owes 23:00 Auer belichten, ass et vum owes 17:00- 23:00 Auer, dat sinn dräi Stonnen manner, wou eis Belichtung ageschalt gëtt an do ass och gesot ginn, datt mir do keng Pilze méi banne wéi baussen opbauen, dat si konkret Mesuren, déi mir wëlle maachen. Da kommen nach zwou Froen.

Wat ënnerhëlt d'Gemeng fir d'Propriétaire vum Eegehemeer a Lokatiounswunnenge gezilt z'informéieren, déi wëllen energetesch ze renovéieren, fir esou den Energieverbrauch kënne erofsetzen an domadder och Suen ze spueren? An dann déi aner Fro: Huet de Schäfferot wëllen, Initiativen ze huelle fir seng Bierger a Biergerinne besser iwwer d'Produktioun vum erneierbaren Energien ze informéieren? Ass zum Beispill eng Sensibilisatiounscampagne geplangt fir Fotovoltaikanlagen ze promovéieren?

Do kommen ech op den éischten Deel vu menger Fro zeréck, d'Informatioun vu Propriétaire a Locataire ass de Fall, wou mir en „toutes boîtes“ maachen, wou se wëssen a gewuer gi vum A-Z, wat méiglech ass fir kënne ze froen an ze spueren an, wéi gesot, wéinst de Fotovoltaikanlagen um Solarkadaster kënne kucke goen, fir ze wëssen ob se a Fro kommen oder net, a wann se dann a Fro kommen, kréien se iwwer déi Primme vum Staat, respektiv eise Supplement kréien se déi Hëllef wou néideg ass. An deem Sënn géif ech da soen, datt ech Är Froen all beäntwert hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dir kënnt eng Präzisatiounstelle par rapport zu de Froen, déi Dir gestallt hutt, mee keng nei Fro.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt guer keng Fro stellen. Ech wollt just merci soe fir déi kloer Äntwerten. Effektiv hunn sech verschidde Saachen iwwerschnitten, dat hunn ech gesinn, wéi ech de Communiqué de presse gesinn hunn an ech begrëssen dat, datt d'Gemeng do Efforte mécht, och wat déi Subventiounen ugeet, 5% sinn net vill, mee dat ass egal, et ass awer eppes an et ass och un d'Energieprimm geduecht ginn ass. Merci och fir déi Erklärungen vum Office Social, ech hat éischter gemengt ob se finanziell hëllef, well net ëmmer direkt Sue virgestreckt ginn an ech soen do villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, da géife mir elo d'Séance publique zoumaachen. •

Mesures pour soutenir les ménages dans leurs économies d'énergie

La Ville de Dudelange est engagée depuis de nombreuses années dans la protection de l'environnement. Elle s'efforce dans ce cadre à contribuer le plus possible à l'effort pour l'économie d'énergie. En plus des mesures au sein même de ses bâtiments et en coopération avec l'ensemble de ses collaborateurs, la Ville de Dudelange a aussi mis en place une panoplie de mesures pour soutenir ses concitoyennes et concitoyens alors que la crise énergétique et climatique nous concerne aujourd'hui tous.

Voici un aperçu des mesures dont vous pouvez bénéficier.


SUBVENTIONS COMMUNALES

La Ville de Dudelange accorde une aide financière supplémentaire à l'aide étatique.

- Effectuez d'abord votre demande de subvention auprès des services de l'État (www.guichet.lu)
- puis introduisez votre demande auprès du Service écologique de la Ville de Dudelange muni de votre dossier mentionnant l'aide reçue par l'État.

Service écologique

Maison Verte, 25 rue Jean Jaurès, L-3490 Dudelange
Tél.: 516121-263/-264, ecologie@dudelange.lu



ASSAINISSEMENT ÉNERGÉTIQUE DURABLE

Conseil en énergie

Mur extérieur (isolation extérieure)

Mur intérieur (isolation intérieure)

Mur contre sol ou zone non chauffée

Toiture inclinée ou plate

Dalle supérieure contre zone non chauffée

Dalle inférieure contre zone non chauffée

Fenêtres et portes (vitrage et cadre)

Ventilation mécanique contrôlée

20% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

INSTALLATIONS TECHNIQUES VALORISANT LES SOURCES D'ÉNERGIES RENOUVELABLES

Construction d'un logement durable

Installation solaire thermique (eau chaude sanitaire)

Installation solaire thermique avec appoint de chauffage

Installation solaire photovoltaïque

Installation solaire (collecteur hybride)

Pompe à chaleur géothermique

Pompe à chaleur air-eau

Chaudières à granulés ou plaquettes de bois

Chaudière à bûches de bois

Poêle à granulés de bois

10% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique


25% de l'aide financière étatique

25% de l'aide financière étatique

EFFICIENCE ÉNERGÉTIQUE DES APPAREILS


REEMPLACEMENT D'UN APPAREIL MÉNAGER

Réfrigérateur	classe énergétique A-C	15% du prix d'acquisition
Congélateur	classe énergétique A-C	15% du prix d'acquisition
Lave-linge	classe énergétique A-C	15% du prix d'acquisition
Sèche-linge	classe énergétique A+++	15% du prix d'acquisition



RÉPARATION D'UN APPAREIL MÉNAGER

Réfrigérateur, congélateur, appareil combiné (réfrigérateur/congélateur), lave-vaisselle, machine à laver, sèche-linge. Subvention accordée par ménage, tous les cinq ans, à hauteur de 50% du montant des frais de réparation, plafonné à 100 €.



Les formulaires et d'autres informations sont à retrouver sur
www.guichet.lu • www.klima-agence.lu/fr • www.enoprimes.lu/fr

ESTIMEZ VOTRE POTENTIEL ÉNERGÉTIQUE SOLAIRE


www.dudelange.lu/index.php/cadastre-solaire

Informez-vous auprès du:

Service écologique

Maison Verte, 25 rue Jean Jaurès, L-3490 Dudelange

Tél.: 516121-263/-264, ecologie@dudelange.lu



AIDES SOCIALES

ALLOCATION DE VIE CHÈRE ET PRIME ÉNERGIE (jusqu'au 31.12.2022)

Fonds National de Solidarité

8-10, rue de la Fonderie L-1531 Luxembourg

Tél. 49 10 81 1

ALLOCATION COMPENSATOIRE POUR TAXES COMMUNALES (jusqu'au 30.06.2023)

allouée en fonction de l'allocation de vie chère reçue de l'État.

Office social de la Ville de Dudelange

27, rue du Commerce L-3450 Dudelange - Tél: 516121-724

SUBVENTION DE LOYER

Service des aides au logement

11 rue de Hollerich, L-1741 Luxembourg - Tél. 8002 1010

D'autres aides existent pour soutenir les ménages. Informez-vous auprès :

- de l'Office social de la Ville de Dudelange
27, rue du Commerce L-3450 Dudelange - Tél. 516121-724
- des services de l'État : www.guichet.lu

Retrouvez l'ensemble de ces informations et d'autres encore
sur www.dudelange.lu et www.guichet.lu





LA VILLE DE DUDELANGE S'ENGAGE À ÉCONOMISER DE L'ÉNERGIE

- Communiqué de presse du 28 septembre 2022 -

À l'heure où nous devons tous ensemble faire face à une crise à la fois climatique et énergétique, la Ville de Dudelange a décidé d'apporter sa contribution par la prise de nombreuses mesures d'économie d'énergie. Elle a en effet toujours clamé que sa position était de lutter contre le changement climatique global par des mesures locales.

UNE LUTTE DE LONGUE DATE

Depuis 1994, la Ville de Dudelange est membre actif de l'Alliance internationale pour le climat et depuis 2004, membre actif de l'Alliance luxembourgeoise pour le climat. Depuis lors, Dudelange s'engage sans relâche en faveur du développement durable et de la protection de l'environnement. Au cours des années qui ont suivi, la Ville a mis l'accent plus particulièrement sur les thèmes de la durabilité et de la protection du climat. A cela se sont ajoutées d'autres dispositions dans les domaines de l'adaptation au climat, des conséquences des risques et de la résilience climatique, qui ont finalement débouché sur des actions et des affiliations de la Ville dans le domaine de la durabilité. Ainsi, en 2013, Dudelange a signé le Pacte climat, qui a été créé en tant qu'équivalent luxembourgeois du European Energy Award. En 2021 a été lancé le Pacte Climat 2.0 qui aborde désormais en détail la protection du climat et les conséquences du changement climatique et définit des exigences pour des mesures concrètes afin d'atteindre la neutralité climatique à long terme. Entre temps la Ville de Dudelange a ratifié le programme d'engagement du Covenant of Mayors 2030 (55 % de réduction de CO₂ d'ici 2030).

DES MESURES CONCRÈTES D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE

1. Le **chauffage dans les bâtiments communaux** est réduit en moyenne d'un degré (soit une économie de 6%). La température ambiante est ainsi adaptée selon les prescriptions de l'Inspection du Travail et des Mines. Il en est de même concernant les infrastructures sportives.

2. **L'éclairage public et des bâtiments communaux** : seul l'Hôtel de Ville était jusqu'à présent illuminé, son éclairage sera désormais éteint. Partout où ce sera possible à la fois d'un point de vue technique et de sécurité, l'éclairage sera éteint ou modéré (halls sportifs, centre culturel, écoles...). Une campagne de sensibilisation sera parallèlement lancée auprès des 2 associations sportives pour une gestion optimisée de l'éclairage. Les 11 nouveaux abribus sont équipés d'un panneau photovoltaïque sur le toit pour alimenter leur propre éclairage. Seuls les arrêts « Niddeschgaass » et « Square Mayrisch » sont alimentés par l'éclairage public en raison de leur haute fréquentation du matin tôt au soir tard.

3. Marché de Noël

L'éclairage de Noël sera réduit de 3h par jour (à partir de 17h au lieu de 14h). Seul le centre-ville de Dudelange sera illuminé par les décorations de Noël. Les associations participantes seront sensibilisées afin d'utiliser des LED et d'économiser de l'électricité dans leur chalet dans la mesure du possible. Le **chauffage à rayonnement** (parasol chauffant au gaz ou électrique) est désormais interdit.

4. **Sensibilisation** : des campagnes de sensibilisation seront lancées envers les fonctionnaires et les employés communaux, les commerçants, les associations et les citoyens afin de contribuer tous ensemble à économiser de l'énergie dans le but de protéger la planète et l'avenir des générations futures !

Le collège des bourgmestre et échevins,

Dan Biancalana, bourgmestre

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins



Et ass schwéier, e Pompjee
un de Plaffong ze hängen

**MEE EINFACH,
EN DAMPMELDER Z'INSTALLÉIEREN**



**Den Dampmelder gött am Januar 2023
an alle Wunnengen obligatoresch.**

DEN DAMPMELDER RETT LIEWEN | WWW.RAUCHMELDER.LU



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur



CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS